



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 30.04.2021

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Emilia Oliveira,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Jos Thill,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. CORRESPONDANCE	6
2. CIRCULATION	6
2.1. Modifications à apporter au règlement général de la circulation modifié du 13 juillet 2018 – zone résidentielle rue Michel Rasquin	
2.2. Règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Vëlossummer 2021 »	
3. FINANCES COMMUNALES	13
3.1. Approbation du contrat de bail avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg pour la location d'une partie de l'école « Waldschoul » pour l'Office National de l'Enfance	
3.2. Approbation d'un acte de vente en état futur d'achèvement pour la construction de 5 maisons unifamiliales au quartier Lenkeschléi	
3.3. Approbation du devis remanié et d'un crédit supplémentaire relatifs à la rénovation et la transformation de la maison, sise 37-39, rue du Commerce, en logements sociaux	
3.4. Approbation de la convention et de l'avenant à la convention relatives aux aides à la construction d'ensembles « rue du Commerce »	
3.5. Approbation du devis estimatif et d'un crédit supplémentaire relatifs à l'acquisition de mobilier pour la maison relais Ribeschpont	
3.6. Approbation du devis estimatif relatif à la mise en place des infrastructures et des réseaux pour l'année culturelle 2022 au site « NeiSchmelz »	
3.7. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la régulation de chauffage au Centre d'art Dominique Lang	
3.8. Approbation du devis estimatif relatif à l'acquisition et à la mise en place d'une plateforme élévatrice au garage mécanique communal	
3.9. Approbation de décomptes	
3.10. Subsidés extraordinaires à allouer	
4. PATRIMOINE PROTÉGÉ PAR L'ETAT	24
Avis relatif à la proposition de classement comme monument national de l'ancienne ferme, sise 26, rue de la Chapelle	
5. PERSONNEL	25
5.1. Conversion de quatre postes vacants d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social en postes d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social	
5.2. Conversion d'un poste vacant d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité D1, sous-groupe administratif, en poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif	
5.3. Conversion d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social en poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement B1, sous-groupe éducatif et psycho-social	
6. MOTION RELATIVE À L'AVENIR DE LA SOCIÉTÉ « LIBERTY STEEL » À DUDELANGE	26
7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	30

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina (à l'exception du point numéro 3.9 de l'ordre du jour), René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement (à l'exception du point numéro 3.10 de l'ordre du jour), Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen (à l'exception du point numéro 3.9 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill (à l'exception des points numéros 3.5 à 3.8 de l'ordre du jour) et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le René Manderscheid, échevin, invite les membres du conseil communal à deux séances informelles du conseil communal. En outre, il informe sur l'action entamée par la Ville pour combattre la propagation des chenilles processionnaires du chêne au parc Le'h. Pour prévenir et limiter cette année une invasion de chenilles processionnaires, le collège des bourgmestre et échevins a décidé, en étroite collaboration avec l'Administration de la nature et des forêts (ANF) et dans le cadre d'une autorisation du Ministère de l'Environnement, d'engager une société, afin de procéder à un traitement d'éradication des larves de chenilles, ceci par la pulvérisation d'un produit biocide, agréé au Luxembourg, dans les couronnes des arbres.

Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries porte à la connaissance du conseil communal et du public, que le mini-stade Gaffelt sera désormais réservé aux enfants des écoles et des structures d'accueil locales, ceci en raison des actes incivils récurrents des utilisateurs de cette infrastructure.

Madame Claudia Dall'Agnol, finalement, informe le conseil communal que la commission de la circulation de l'Etat a émis des avis négatifs relatifs, 1. à la prolongation d'une zone de vitesse limitée à 30 km/h dans la rue du Parc, estimant que cette rue constitue une rue de liaison qui se heurte, par sa nature, à une telle limitation ; 2. à l'aménagement d'un passage pour piétons et bicyclettes à hauteur du lieu-dit « Scherr », sachant que ce passage se situe à l'extérieur de l'agglomération et que pour ce cas des conditions spéciales sont applicables et ne se trouvent pas remplies. Par conséquent, les réglementations de notre conseil communal, relatives aux affaires de circulation du précédent, en dehors de toute approbation ministérielle, sont superflues.

2 – CIRCULATION

Par des votes pris à l'unanimité, le conseil communal approuve 1. la modification au règlement général de la circulation introdui-

sant une zone résidentielle dans la rue Michel Rasquin ; 2. le règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Vélodrom 2021 » dans les rues de la Ville, ceci pour la durée du 31 juillet au 29 août 2021. Pendant cette durée le centre-ville est interdit pour le trafic motorisé (à l'exception des riverains, fournisseurs et transports publics) et la rue Ribeschpont est réservée à la mobilité douce. Pendant la même durée, la piste cyclable dans la rue Madame Mayrisch de St Hubert sera mise à l'épreuve.

3 – FINANCES

Hormis les points 3.1 et 3.3, toutes les autres décisions sont approuvées unanimement par le conseil communal : 1. avec 13 voix et 6 abstentions, le conseil approuve le contrat de bail avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg pour la location d'une partie de l'école « Waldschoul » pour l'Office National de l'Enfance (ONE) pour un loyer annuel de 23'354,40- € ; 2. l'acte de vente en état futur d'achèvement pour la construction de 5 maisons unifamiliales au quartier Lenkeschléi, aux termes duquel la Ville acquiert de la société anonyme « Stugalux Construction S.A. » cinq terrains sur lesquels sont construites cinq maisons unifamiliales au quartier « Lenkeschléi », pour le prix de vente total des cinq maisons de 2'436'830,51- € ; 3. avec 14 voix et 5 abstentions, sont approuvés le devis remanié de 470'000,- € et le crédit supplémentaire pour le même montant relatifs aux travaux de rénovation et de transformation de la maison, sise 37-39, rue du Commerce, en logements sociaux ; 4. la convention et de l'avenant à la convention, passés avec le Ministre du Logement, relatifs aux aides à la construction d'ensembles « rue du Commerce ». Par ces engagements, le Ministère participe avec 1'499'000,- € au financement des travaux ; 5. le devis de 240'000,- € et le crédit supplémentaire de 40'000,- €, relatifs à l'acquisition de mobilier pour la maison relais Ribeschpont ; 6. le devis de 200'000,- €, relatif à la mise en place des infrastructures et des réseaux pour l'année culturelle 2022 au site « NeiSchmelz » ; 7. le devis pour un montant de 25'000,- €, relatif au rempla-

cement de la régulation de chauffage au Centre d'art Dominique Lang ; 8. le devis de 72'000,- € relatif à l'acquisition et à la mise en place d'une plateforme élévatrice au garage mécanique communal ; 9. les décomptes suivants : remise en état du bâtiment « Annexe Police » 1'178'915,81- € ; remplacement du revêtement sol de la salle Grimler du Centre Sportif René Hartmann 167'378,13- € ; renouvellement vestiaires, sanitaires et douches du gymnase de l'école Boudersberg 517'373,64- € ; réaménagement extérieur de la maison des jeunes 49'959,29- € ; développement d'un interface « G.I.L. » pour compteurs d'eau 99'190,00- € ; remise en état de la façade des anciens vestiaires A du stade Aloyse Meyer 77'796,35- € ; réaménagement et mise en conformité de la signalisation routière 49'248,72- € ; 10. les subsides extraordinaires suivants sont alloués : 750,- € pour soutenir le travail de prévention en 2020 de l'a.s.b.l. « Sécurité Routière » ; 300,- € pour concrétiser le besoin d'élargissement des offres d'aide existantes de l'a.s.b.l. « SOS Détresse » ; 100,- € à l'a.s.b.l. « Île aux clowns » en tant que contribution financière pour subventionner ses diverses activités.

4 – PATRIMOINE PROTÉGÉ PAR L'ETAT

Unaniment, le conseil communal émet un avis favorable quant à la proposition de classement comme monument national de l'ancienne ferme, sise 26, rue de la Chapelle.

5 – PERSONNEL

Les décisions suivantes, relatives au personnel communal, sont prises à l'unanimité : 1. la conversion de quatre postes vacants d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social en postes d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil ; 2. la conversion d'un poste vacant d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité D1, sous-groupe administratif, en poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif.

Le poste est nouvellement affecté au service de la gestion et du maintien du patrimoine ; 3. la conversion d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social en poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil.

6 – MOTION « LIBERTY STEEL »

DUDELANGE

Le conseil communal marque unanimement son accord à la motion proposée par le collège des bourgmestre et échevins dans le cadre de l'avenir de la société «Liberty Steel » à Dudelange. Par ladite motion, le conseil communal exprime son soutien au Gouvernement, en particulier au Ministre de l'Économie ainsi qu'au Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, et aux syndicats dans leur volonté et leurs efforts visant à aider à pérenniser les activités industrielles sur le site de Dudelange ; à maintenir les 250 emplois dans l'usine «Liberty Steel » ; à favoriser et déployer tous les instruments à leur disposition en faveur d'une solution durable et globale pour le site de Dudelange. Par la motion, le conseil communal invite le Gouvernement et les syndicats à poursuivre en ce sens les discussions entamées avec les responsables de «Liberty Steel » et à se concerter avec le Gouvernement et les syndicats wallons en vue d'une approche commune publique.

7 – COMMISSIONS COMMUNALES

Les changements suivants dans la composition des commissions communales sont acceptés : Messieurs Monsieur Patrick Wengler et Armando Spagnuolo (CSV) sont supprimés de la liste du pool des remplaçants ; Messieurs Steve Humbert et Thierry Pott (CSV) sont ajoutés sur la liste du pool des remplaçants.

8 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Quelques questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins : fraction « LSAP » : chenilles processionnaires du chêne ; fraction « CSV » : Skatepark ; sécurité sur les voies publiques ; transmission de la correspondance adressée au conseil communal ; contentieux ; fraction « Déi Gréng » : chenilles processionnaires du chêne ; aire de jeux « Wolkesshdall ». Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Des décisions relatives au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos.

Fin de la séance vers 13.15 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 30.04.2021

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Bonjour léif Kolleegen a Kolleeginne vum Gemengerot, da géif ech proposéieren, dass mir pünktlech ufänken, mir hu jo och e chargéierten Ordre du jour an ech begréissen lech hei ganz häerzlech an eiser Gemengerotssitzung a begréissen och d'Vertreder vum der Press. De Gemengerot ass a senger Kompositioun komplett, wéi Dir gesitt, mir gräifen net op Visio zeréck an och net op Procuratioun sou, dass mir allen non-zéng physesches present sinn, dat ass et emol par rapport zu de Formalitéiten.

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Den Ordre du jour, den 1. Punkt ënnert Correspondance, do sinn eng Rei Memberen aus dem Schännerot, déi eppes zur Korrespondenz, respektiv zur Kommunikatioun ze soen hunn an da géif ech fir unzefänken dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – Schäffin): Merci Här Buergermeeschter, ech wëll lech am Fong just 3 Dater matdeelen, Dir wësst am Kader vun de Budgetdebatten hat ech lech versprochen, ech géif déi zwee informell Gemengeréit envisagéieren an ech wollt drun erënneren, dass mir de Méinden den 3. Mee deen éischten informelle Gemengerot wäerte virhuelen an zwar alles iwwert de Klima, dat heescht de Bilan vum Klimapakt 1, den Ausbléck vum Klimapakt 2 an dann den aktuelle Stand vum Nohaltegeektesmasterplang respektiv vum Covenant of Mayors.

Dat ass wéi gesot de Méinden den 3. Mee um 17.30 Auer an deen zweete Gemengerot, wou ech lech versprochen hunn, dee wäert den 31. Mee um 17 Auer stattfannen an do geet et ëm de Syndikat Minettkompost. Dir wësst, oder villäicht och net, dass do relativ vill Beweegung ass, e gëtt vergréissert, moderniséiert, déi al Anlag gëtt ofgerappt an et kënnt eng ganz nei dohinner. Firwat? Well mir ënnert anerem méi grouss ginn, d'Stad Lëtzebuerg gëtt d'nächst Joer vum 1. Januar un Deel vum Syndikat Minettkompost a mir hunn eng Konventioun mam SIDEK gemaach,

wou mir praktesch dee ganze Norden erreichen, déi eis an hir gréng Tonn och wäerten op de Minettkompost féieren. Dir gesitt, aus engem regionale Syndikat geet et an d'Richtung vun engem nationale Syndikat, dofir wollt mir lech als Gemengerot och an engem informelle Gemengerot informéieren, wat do alles geschitt, respektiv och d'Statute ginn op den Ordre du jour geholl.

Deen drëtten Datum, wou ech wollt matdeelen, ass, dass mir de Park Le'h vum 10-16. Mee wäerten zoumaache wéinst engem Traitements géint den Eichenprozessionsspinner. Deen Depliant sollt Dir spéitstens geschéit an der Boîte gehat hunn an zu deem Punkt komme mir nach méi spéit eemol um Ordre du jour, dofir ginn ech elo net an den Detail. Dat kënnt méi spéit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem René Manderscheid an da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – Schäffin): Merci, ech wollt de Gemengerot doriwwer informéieren, Dir wësst, dass mir d'lescht Joer am Fréijoer de Ministade an der Gaffelt opgemaach hunn, fir d'Schoukanner an och fir de Public. Et ass elo sou, dass am Ufank ganz vill Problemer waren am Quartier wéinst dem Kaméidi, mir hunn dunno nogebessert, mir hunn aner Goler gesat an elo ass et esou, dass ugefaangen hu Jugendlecher och owes do ronderëm ze hänken. Mir hunn des éfteren eis Leit aus dem Jugendhaus dohinner geschéckt fir ze kucken, mee dat war dann awer ëmmer éischter géint 7-8 Auer, dat ass ausgeart, well mir hu ganz vill Reklamatiounen kritt vun den Noperen. Si maachen do bewusst Dreck, si hunn do vill futti gemaach, si hunn de Ministade e puer Mol opgebrach an duerno hate mir Kontakt mat der Police, si waren och des éftere sur place, mee si lafen dann zu alle Säite fort wann d'Police kënnt. Si klammen och iwwert déi héich Gitteren eran a well d'Ouverture jo ëmmer esou muss sinn, dass se erauskommen, da mécht een op an déi aner kommen all eran, sou, dass mir dann elo decidéiert hunn, de Ministade zouzemaache fir de Public.

Mir haten och eng Reunioun mat der Police, si soen och et ass besser deen ass zou, do gëtt och net méi dat normaalt Schluss drop gemaach, wou opgeet, mee do kënnt dat mat engem Schléssel, dat heescht si kommen och do net méi eran, och wann een eriwier klëmmt. Si hunn och Graffiti gemaach, si hu ganz vill futti gemaach, sou, dass de Ministade do elo leider just nach der Schoul an der Maison Relais zur Verfügung steet. Ech wollt lech awer doriwwer informéieren well déi Situatioun war wierklech ganz schlëmm.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech ginn d'Wuert da weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Merci Här Buergermeeschter, ech ginn op zwou Saachen an, déi am leschte Gemengerot gefrot gi sinn, ech mengen dat eent war vum Monique Heinen, d'Rue du Parc Tempo 30, ob mir dat kéinten ausdeenen. Do hu mir en negativen Avis vum der staatlecher Verkéierskommissioun kritt wat d'Verlängerung vun deem Tronçon 30 ugeet, aus deem Grond, dass se deen Deel vum Tronçon laanscht d'Schoul jo accordéiert hunn, mee, dass se elo net onbedéngt wëlle vill méi wäit goen an eis dee verlängere loosse, well laut hinnen d'Rue du Parc eng Verbindungsstrooss ass a well ronderëm scho lauter Zonen 30 sinn.

An dat zweet, de Claude Martini huet et nach eng Kéier gefrot, mir haten awer d'Äntwert schon, ech soen se einfach zwee Mol. Dir hat déi leschte Kéier gefrot fir en Zebrastreifen op der Scherr ze kréien. Och do krute mir en negativen Avis. Firwat? Zebrastreifen ausserhalb vun den Uertschaften gi just erlaabt wann e groussen Trafik vu Foussgänger oder Vëlofuerer do wier, fir si sinn dat 500 pro Dag an dat ass hei net de Fall. Ech soen et herno nach eemol bei der Fro mat e bësse méi Detailler, mee dann hutt Dir wéinstens eng Äntwert kritt op Är Fro, och wann se all Kéier negativ ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Claudia Dall'Agnol, dann hätte mir de Volet Korrespondenz a Kommunikatioun ofgeschloss a ginn iwwer op d'Circulatioun an do sinn zwee Reglementer an ech ginn dem Claudia Dall'Agnol nees d'Wuert.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. ÄNNERUNG VUM OFGEÄNNERTEN ALLGEMEINE VERKÉIERSREGLEMENT VUM 13. JULI 2018 – ZONE RÉSIDENTIELLE RUE MICHEL RASQUIN

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Jo, Enn März krut de Schännerot eng Demande vun Awunner aus dem Quartier bei der Rue Michael Rasquin, ob een déi ganz Strooss kéint als Spillstrooss, also als Zone résidentielle reglementéieren an do hutt Dir eng Kopie vun deem Bréif kritt. Eis Servicer vun der Circulatioun an och vun den Travaux publics sinn dohinner gaangen an hunn sech der Demande ugehol a kontrolléiert, wat do machbar ass. Si hunn eng technesch Analys gemaach an duerno hun mer den Avis vum der staatlecher Kommissioun ugefrot an - oh Wunder - mir hunn do den Accord kritt, woumadder mir do aus der Zon 30 eng Zone résidentielle maachen kënnen. Natierlech, wa mir dat haut stëmmen, dann hëlt dat säin normale Wee, da musse mir dat an d'Stad schécken an esoubal mir et accordéiert aus der Stad zeréck hunn, wäert de Service de la Circulation Parkplazen op de Buedem molen well et an enger Zone résidentielle just do er-

laabt ass ze parken, wou se agezeechent sinn a fir Detailfroen dozou ass de Service de Circulation och de Moien hei. Ech si frou, dass mir hei den Avis positif vun der Verkéierskommissioun zeréckkritt hunn an et relativ séier konnten zur Diskussioun stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen dozou?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, Pit Demuth, dass de allkéiers bei eis kénnns wa mir iwwert déi Sujeten do schwätzen. D'Michel Rasquin Strooss ass eng Strooss wou eng Schoul ass fir kleng Kanner awer och e Lycée, dat heescht, et ass absolut begréissenswäert, dass mir do eng Moosnam maache fir de Verkéier ze berouegen. D'Fro ass just, wéi maache mir, dass déi 20 Km/h do och agehale ginn? Ginn et och aner Moosname fir do Kontrollen ze maachen? Gëtt en Tempomat opgestallt, fir, dass d'Leit gesinn, wéi séier se fueren, fir se drop ze sensibiliséieren? Wéi eng Moosnam huet Dir do? Dat gëtt awer begréisst vun eiser Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci.

OLIVEIRA EMILIA (LSAP): Merci, Madamm Dall'Agnol, mir vun der LSAP begréissen dat och, dass mer an där Cité ufänken do kleng Spillstroossen ze kreéieren. Meng Fro ass, ginn déi Plazen agezeechent, selbstverständlech, dat hat Dir gesot, Parkplazen a wéi ginn déi gehandhaabt? Wéi gëtt nogekuckt wéi déi agezeechent ginn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, och mir si frou, dass mir do eng Spillstrooss maachen, och wa mir e bësse kritesch sinn, net an deem Sënn, dass et net geet wéi mat de Parking-résidentiellen, dass wann d'Awunner aus enger Strooss e Parking résidentieel gäre gehat hätten, dat hate mir, do kruten se en. Elo ass hei déi éischt Strooss wou d'Bierger soen, mir hätte gären eng Spillstrooss, d'Fro ass net, dass mir elo do an e Roulement kommen, wou dann all Mënsch seet, hei lauschter, a menger Strooss hätt ech dat och elo gären... Do wollt ech just froen, wéi mir villäicht e globaalt Konzept hunn, op do villäicht nach aner Stroossen a Fro kommen, wou mir och esou eng Spillstrooss kënnen ausweisen an ech profitéieren nach fir eng zousätzlech Remarque ze maachen, mir si jo all hei banne beméit, dass e gutt Zesummeliwen duerch Foussgänger, Autoen a Vëlosfuere soll iwwerall sinn an, dass d'Kanner sech solle fräi beweegen duerch d'Stroossen an, dass dat och soll eng Saach vun der Sécherheet sinn. A mir haten et och erwänt: A Bëlleg, do gëtt e Mini Shared Space gemaach mat enger Mini 20er Zone. Ech wollt awer kuerz rappeléieren, dass

wann ee wëll e Paradigmewissel maachen, a méi a Richtung Spillstroossen oder Shared Space goen, och do villäicht grad dee Quartier géif sech immens ubidde fir, dass een dee ganze Quartier géif verkéiersberouegend maachen, villäicht, elo ass nach näischt agezeechent, elo kann een d'Architektur nach esou maachen, dass adäquat Surfacé sinn, well et ass néideg, villäicht dat nach eemol ze iwwerdenke fir dee Quartier als globale Spillstroossequartier weisen, dat wier eng cool Saach a mir géifen als Diddelenger och gutt do stoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, den Här Thill.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci, mir hu keng Froen zu der Propose, dofir kommen ech direkt bei eis Stellungnam. Mir begréissen et, dass de Schafferot op d'Demande vun de Bierger vun der Michel Rasquin Strooss ageet an aus där Strooss eng Zone résidentielle mécht mat enger Vitessebegrenzung fir de ganze Verkéier op 20 km/h; déi Lénk stëmmen dat mat. Ech well awer och vun der Geleeënheet profitéiere fir dem Service de Jardinage aus der Gemeng e Luef auszuschwätzen: D'Stad Diddeleng huet e flotte Patrimoine vu ganz rare Beem, dat net nëmmen am Park Le'h. Dee Patrimoine gëtt vum Service Jardinage gefleegt a geheegt an dofir e Merci un si. An den Awunner huer Demande, also den Awunner vun der Rue Michel Rasquin, do war eng schéi Foto vu Beem mat engem komplett giele Geleef ze gesinn. Dat si japanesch Hieselter, déi am ënneschten Deel vun der Michel Rasquin Strooss stinn. Déi Nöss schmaache liicht anescht wéi eis, mee ech froe mech ob d'Awunner aus der Strooss wëssen, wat se do hunn, well ausser mir schéngt keen déi Nöss opzerafen an z'iessen.

D'Madamm Oliveira mécht Zeechen, dass si dat och kennt. Dofir géif ech virschloen, dass d'Gemeng am Kader vum Kulturjoer Esch 2022 hire Servicer den Optrag gëtt, eng Rei vun de Beem, déi duerch ganz Diddeleng stinn, éischters ze rezenséieren, dann op Infotafelen de Leit ze presentéieren an drëtzens eng Kaart mat engem Wandertour duerch Diddeleng bei déi Beem ze erstellen. Wéi gesot, Diddeleng besetzt do e ganz spezielle Patrimoine, deen et duerchaus verdéngt, souwuel den Diddelenger wéi och den Touriste méi no bruecht ze ginn. De Service de Jardinage an déi Leit, déi do schaffen, hunn ech weder um Site vun Dudelage.lu nach am Telefonsannuaire vun EDITUS fonnt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Thill.

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Merci, ech wollt just kuerz soen, dass déi Gréng do matstëmmen a mir fannen dat duerchaus sënnavoll, dass déi Rue Michel Rasquin, déi an zwee gedeelt ass a vun der Rue Nic Biver du-

erchtrennt gëtt an och beim Lycée, deen Deel ass ganz verschlengen, do weess een deelweis net wou ee soll trëppelen a fir d'Kanner ass dat net esou einfach, dat ass eng gutt Initiative vun den Awunner a mir stinn do ganz dohannert.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madamm Heinen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech weess net ob et scho gesot gouf, villäicht hunn ech net opgepasst, mee déi Strooss war schonn déi Zäit wou ech do gewunnt hunn, och schonns Spillstrooss, mat deem selwechte Panneau, wou se hei weisen, dat war allerdéngs just den ënneschten Deel. Elo weess ech allerdéngs net firwat ass dat ee Moment opgehuewe ginn? Firwat musse mir elo erëm eng Spillstrooss maachen, déi schonn eemol eng war? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schëffin): Jo, ech weess net wéini den Här Gangler do gewunnt huet a firwat dat geännert ginn ass, villäicht weess de Pit Demuth dat oder fënnt et eraus, mir hunn haut déi Situatioun virfonnt a mir reagéieren op déi. Firwat et deemools geännert gouf, dat musse mir nokucken. Ech fänken hannen un, Merci, dass déi Gréng dat mat ënnerstëtzen. Här Thill, wann Dir mech eemol gesitt elo mat engem klengen Kierfchen op der Strooss d'Nöss oprafen, da soen ech lech am Virfeld scho Merci.

Madamm Kayser, déi Strooss do ass esou gebaut wéi et ebe bei enger 20er Zon üblech ass, dofir kënn mir dat séier maachen. D'Kritäre sinn erfëllt, sou, dass mir do och direkt den Avis positif vun der Verkéierskommissioun kritt hunn. De Service Circulation war och dee ganze Quartier eemol kucken, fir ze gesinn ob do nach Stroossen sech ubidden. Natierlech kann ee mat oppenen Aen duerch ganz Diddeleng goen a kucken ob nach iergendwou esou eng Strooss sech ubitt. Ech bieden awer och elo lech, wann Dir elo géift gesinn direkt, da kënn Dir dat och mellen.

Madamm Oliveira, jo, dat ass effektiv esou. Déi Parkplaz ginn agezeechent. Do kann de Pit Demuth herno och kuerz drop agoen, wéi dat gemaach gëtt. Den Här Martini huet no Kontrolle gefrot, Kontrolle kënn mir elo net maachen, déi ka just d'Police maachen. Wat mir awer kënn maachen, ass, dass mir Aktiounen maache mat Kanner aus de Schoulen, déi dann d'Autofuerer unhalen, zesumme mat der Police, an e klengen Depliant gi fir se drop opmierksam ze maachen, dass se solle lues fueren. Esou een Depliant kann een och an där doter Strooss maachen.

Mat Tempomat mengt Dir secher d'Blénkluchten, och do muss ee kucken ob dat do Sënn mécht fir ze kucken, wou mir se kënnen opstellen. Firwat net, mir hunn der jo schonn eng ganz Partie an Diddeleng opgestallt. Meeschtens ass et do da 50 oder 30 Km/h, hei ass et 20 Km/h, mee och dat si Saachen, déi loossen sech realiséieren. Da kann de Pit Demuth op déi méi technesch Saachen agoen.

PIT DEMUTH (Service Circulation): Merci Madamm Dall'Agnol, ech fänken da vu vir un, wéi d'Froen och erakomm sinn. D'Kontrollen, do huet d'Claudia Dall'Agnol jo scho gesot, déi am lafende Verkéier, déi mussen d'Police kontrolléieren. Wa mir géifen e Radar opstellen, géif ech virschloen op den ieweschten Deel vun der Michel Rasquin Strooss well den ënneschten Deel, do fuere just Awunner duerch, wien doduerch fiert an näischt do ze siichen huet, deen huet aner Intentionen, wéi do ze parken. Mir kënnen dat analyséieren, wou do déi idealste Plaz ass fir do e Radar opzestellen.

Dann, fir Parkplazen anzezeechnen, do passe mir eis dem Code de la route un, eng Parkplaz soll 2,5 Meter laang sinn an 2,5 Meter breed. Mir wäerten déi dohinner maachen, wou d'Leit alleguer parken, sou, dass mir keng Garagenentréee stéieren a wou och Plaz ass, mir hunn eis et och schonn ugekuckt, dat kënnt dorops eraus, wéi d'Leit och haut schonn do an där Strooss parken, et gi keng, villäicht eng oder déi aner Parkplaz géif verluer goe wa mir se géifen ziele goen.

Mat den Extensioune vun dem Réseau résidentiel, dat huet d'Claudia Dall'Agnol och schonn ugeschwat, mir hunn dee ganze Quartier duerchgekuckt, do si vill aner Stroossen, déi géifen a Fro kommen, mee do mussen als éischt baulech Mesuren ergreif ginn, fir als éischt ënnert der Fuerspuer, wou den Autofuerer ka fueren a wou de Foussgänger trëpelt, net méi esou offensichtlech ass, well et sinn elo nach vill Plazen, do gesäit ee konkret, hei ass Fuerspuer an hei ass Trëttoire, och wa kee Héichtenënnerscheid méi do ass, mee mir probéieren do an d'Konzept vun der Zone résidentielle eranzekommen, mee et misst een dann och eventuell de Bagger huelen an déi optesch Hindernisser do besäitegen, fir dass dat och méi entsprechend ass.

Dann, mam Wiessel, dat muss ech nosichen, mäi Kenntnisstand ass, dass dat eng 30er Zon war an dann hoffen ech fir deen nächste Gemengerot, dass ech do eng Äntwert ka liwweren. Dat wier et vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Pit Demuth fir déi doten Erklärungen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, och Merci fir d'Explikationen, mee et wier villäicht interessant ze gesinn, u wéi eng

Stroossen Dir do geduecht hutt, dass een dat villäicht eemol virgestallt kritt, dass een sech e bësse kann eng Iddi maachen, och wann d'Leit op een duerkommen, och wann d'Leit an de Quartiere froen, wou wier et méiglech a wou net.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Jo, et ass dat wat ech gesot hunn, si hunn elo mol do dee Quartier gekuckt, also do wou d'Michel Rasquin Strooss erageet, déi mussen mir lech net virstellen, Dir kennt dëse Quartier wou et ass, do si si kucke gaangen, mee dat ass näischt wat mir den nächsten oder iwwee nächste Gemengerot mat eranhuelen, do muss een Ëmbau Aarbechte maachen, do muss de Bagger fueren, dat ass näischt wat mir mat engem Fiederstréch vun der staatlecher Kommissioun einfach esou geneemegt kréien.

Wa mir dat maachen, da muss do e Budget virgesi ginn, da muss dat e ganze Projet sinn an da muss do an deem Quartier operappt ginn an dat ass näischt wat mir elo den nächste Mount oder am Hierscht maachen. Dat ass e Projet fir sech an dat anert, wat ech gesot hunn, dat ass, dass een och nach eemol kann an Diddeleng kucken, wéi eng Stroossen sech nach géifen eegen, villäicht ass do nach déi eng oder aner, mir si jo och eemol kucke gaangen, mee do war elo keng wou ee gesot hätt, OK do kann een et maachen, esou séier wéi mir et hei gemaach hunn. Dat meescht sinn Zon 30en, wéi de Pit Demuth et erkläert huet, wou s de awer nach den Ënnerscheid gesäis wou s de den Trëttoire ewech huele misst, wou s de misst gréisser Ëmbauarbechte maachen an dat ass eppes wat mir am Moment net am Planning hunn, eleng och budgetär. Dat ass et och. Mir gi mat openen Aen duerch Diddeleng, do wou et séier machbar ass, do huele mir och direkt den Avis an et kënnt op den Ordre du jour a fir de Rescht mussen mir Projeten draus maachen, entweder pro Quartier oder pro Strooss.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci.

PIT DEMUTH (Service Circulation): Also, ech géif proposéieren, dass mir dat op den Ordre du jour huele vun der nächster Verkéierskommissioun, dass mir dat uschwätzen, dass mir bis dohinner eng Analys gemaach hunn, wou et méiglech ass fir esou Zonen ze maachen an dat dann do presentéieren. A wann dann d'Verkéierskommissioun e positiven Avis ginn huet, da gi mir et an de Gemengerot fir dass Dir et kënnt stëmmen, wann Dir näischt dogéint hutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Ech mengen, do kéinten d'Memberen hei aus dem Gemengerot näischt dogéint hunn. Dee gëtt dann och mat gestëmmt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt dann nach nohaken, A Bëlleg, do ass

nach guer näischt gebaut, do kann een dat direkt mat plangen. just als Klammer.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Jo, dat kann ee gäre mat ophuelen, mir sinn am Kader vun dem Projet d'exécution, deen ass jo nach net gebaut an och do soll ee kucken ob et Sënn mécht, eng Zone 20 mat eranzehuelen. Do muss ee mam Developpeur zesumme kucken, déi Iddi kann ee gäre mat eranhuelen a kucken wéi een et kann ëmsetzen oder och net, mee jo, dat sollt ee mathuelen. Kee Problem.

Da géif ech zu der Ofstëmmung kommen, wien ass hei mat dem Reglement averstannen? **Dat ass unanime.** Merci. Da gi mir op den nächste Punkt iwwee, dat ass de Vëlossummer.

2.2. TEMPORÄERT VERKÉIERSREGLEMENT WÄREND DER AKTIVITÉIT „VËLOSSUMMER 2021“

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Jo Dir wësst, dass de Ministère en Opruff gemaach huet un all d'Gemege fir beim Projet Vëlossummer 2021 matzemaachen, vu dass dee Projet jo och d'lescht Joer scho gemaach gouf an dat e grouse Succès war. Mir hunn do dann zwee Projete mat eragereecht: den autofräien Zentrum an d'Rue Ribeschpont a mir krute vu Säite vum Ministère och gréng Luucht an si wäerten eis Propos mat promouvieren. Fir dass dat awer alles klappt, mussen mir e Verkéiersreglement stëmmen.

Ech géif einfach vu vir ufänke beim autofräien Zentrum. Hei ass d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte zwëschent der Rue Dominique Lang an der Gemegeplaz, d'Rue du Commerce zwëschent den Haiser 2 an 12, d'Rue Jean Jaurès zwëschent der Niddeschgaass an der Rue de l'Étang déi ganz Gemegeplaz an d'Rue de la Libération zwëschent der Gemege an der Rue du Commerce, déi sinn tëschent dem 31.7 an dem 29.8 also Enn Juli bis Enn August fir den Autosverkéier komplett an deelweis fir de Bus an de Camion gespaart, ausser fir d'Awunner a Liwwerung. Zousätzlech zum Späre gëtt se och an eng Zone de Rencontre Shared Space ëmgewandelt, esou dass de Foussgänger vun enger Stroossesäit op déi aner ka goen. D'Buschafferen an d'Awunner müssen natierlech och do oppassen. D'Awunner vun der Niddeschgaass kënnen wéi während dem Chantier de falsche Wee bei der Kierch ofbéien.

Dat ganz ass och gekuckt gi mam 3. Deel Shared Space, wou mir gläich wäerten ukommen, dat ass mat hinne koordinéiert ginn, dat zielt dann och fir d'Awunner aus der Rue Jean Jaurès zwëschent der Niddeschgaass an der Entrée Post. D'Awunner vun der Place de l'Hôtel de Ville, de Rescht vun der Jean Jaurès Strooss an der Libérationstrooss kënnen iwwee d'Rue Jean Jaurès oder d'Rue Karl Marx eraufueren. D'Busser (TICE an RGTR)

fueren net duerch d'Niddeschgaass, mee duerch d'Rue de l'Étang bei d'Gemeng. Den Arrêt Niddeschgaass fällt während dem August komplett ewech, also d'selwecht wéi während dem Chantier vum Shared Space Phas 2. D'Automobiliste mussen bei der Barrière an der Rue Jean Jaurès riets ofbéien, ausser et ass een Awunner. D'Fournisseuren an d'Busser dierfen no lénks ofbéien. Fir de Schwéierverkéier aus dem Zentrum ze kréie gëtt et en sens recommandé fir Gefierer iwwer 3,5t bei der Rue de l'Étang a bei der Kräizung Kayl Gaffelt opgestallt den dann duerch d'Gaffelt feiert.

Dann, den 2. Deel, dat ass de Ribeschpont, do späre mir d'Strooss zwëschen der Närtzenger Strooss an der Schoul Ribeschpont, domadder wëlle mir den Awunner vun deem Quartier ouni Verkéier erméiglechen, op d'Vëlosweeër fir Kayl oder Autobunn ze kommen. Fir dass all Mënsch sech drun hält, gëtt déi Strooss mat schwéiere Bléck gespaart an déi ginn esou opgestallt, dass de Vëlofuerer gutt laanscht kënnt, mee den Autofuerer keng Chance huet. D'Autofuerer ginn an d'Rue Soibelkaul ëmgeleet a fir d'Awunner vun deem Quartier ze schützen, gëtt e Fuerverbuet C1 opgestallt mat exépté bus, riverains et fournisseurs, esou dass d'Leit nach bei hir Haiser kommen an och de Bus nach kann duerch dee Quartier fueren. Dann ass et sou, zousätzlech zu eisen 2 Stroossen schafft den ORT Süden zesumme mat Esch 2022 e Vëlosparcours zwëschen deene verschiddene Südgemengen aus iwwer déi bestehende Vëlosweeër, dofir brauche mir hei kee Reglement ze huelen.

Da wëlle mir awer och eng provisoiresch Vëlospist teste während där Zäit an zwar fir d'Le'h besser mam Zentrum ze verbannen, teste mir gär eng provisoiresch Vëlospist an der Rue Madame Mayrisch de St. Hubert an dat Ganzt tëschent der Rue de la Paix an der Rue Marthe Bigelbach Fohrmann. Mir wäerten do d'Parksträif op der Säit mat de gerueden Hausnummern spären an do eng provisoiresch Vëlospist drop leeën. Well een an der Strooss awer – et ass eng Zon 50 – dierf mat 50 Km/h fueren, mussen mir baulech Moossnamen ergräife fir d'Vëlofuerer ze schützen. Geplangt si provisoiresch Borduren a Polleren ze setzen an och Schëlter an e Marquage op de Buedem ze maachen, esou dass den Autofuerer och gesäit, dass een hei oppasse muss. A wann dat dote gutt soll klappen an ukommen, da kann een hei eventuell eng fix Vëlospist himaachen, wou op enger Säit den Tréttoire ausgebaut gëtt fir e Vëloswee drop ze leeën. An dofir wëlle mir dat elo eemol während dem Vëlossummer testen a fir Detailfroen an all dat Technesch ass de Pit Demuth hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol fir déi Presentation vum Vëlossummer an d'Initiativen, déi mer do ronderëm huelen, an d'Froen sinn op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir kéinten elo soeven, dass mir dës Reglementatioun net an enger Verkéierskommissioun duerchdiskutiert hunn, dat ass elo hei net d'Thema. Mee mir haten eng ganz interessant interfraktional Sitzung den 1. Mee, där praktesch all Fraktioun hei am Haus, d'LSAP, déi Gréng, déi Lénk, d'CSV der Invitatioun nokoum fir sech iwwer d'Zukunft an de Rôle vun der Mobilité douce hei an Diddeleng auszetauschen. Et gouf ënnerstrach, wou de Vëlo, d'Trottinette, den E-Bike scho gutt servéiert gëtt, wou ee wat ka verbesseren, vill gutt Iddien koumen op den Dësch, verschidden Iddien fannen mir och hei nees erëm, wéi déi Vëlospist zwëschen dem Quartier Lenkeschléi an dem Park Le'h, déi fannen mir hei erëm an de Propose fir de Vëlossummer.

Jo, eng interfraktional Sitzung, mee déi interfraktional Sitzung war net – wéi een elo kéint mengen – vun eise Schafferot aberuff ginn, och net vun der Presidentin vun der Verkéierskommissioun, neen, si gouf vun der privater ASBL Vëlo Diddeleng aberuff. Merci nach eemol den Initiatoren an dem Comité vu Vëlo Diddeleng fir deen interessanten Owend, et war e ganz interessanten Austausch an et war e wichtege Austausch mat Leit, déi sech auskennen, déi d'Uleies vu ville Leit vertrieben, déi konstruktiv u Verbesserungen wëlle matschaffen. Sou soll Biergerbedeelegung ausgesinn, partizipativ, offen a konstruktiv an d'CSV ass prett a benzeg fir op anere Sujete Leit nozelauscheren, déi sech gutt auskennen a mir si bereet, ëmmer erëm an den Dialog zu aneren Themen ze kommen. Voilà, dat als Intro awer elo zum Fong.

Mir schwätzen iwwer den autofrären Zentrum, dass d'Niddeschgaass sollt eng Foussgängerzone ginn, versus Shared Space, déi Diskussioun ass en never ending Thema op alle Reseauen awer och wann een d'Leit dobausse begéint, wat ass besser? Firwat maacht der keng Foussgängerzon? Dee Shared Space ass näischt. An ech muss soen, d'CSV gleeft nach ëmmer un déi gutt Iddi vum Shared Space a mir sinn och zouversichtlech, dass wann d'Phas 3 fäerdeg ass an d'Verkéisfeierung anescht gëtt, dass de Shared Space dann sech wäert duerchsetzen, mee et muss een et zouginn, dass esou wéi et momentan leeft, ass de Shared Space e Flop. Jo, mir fannen et inakzeptabel, éischters, dass vill Autoen vill ze schnell do duerch fueren. Eng Vitessekontroll hunn ech do nach ni gesinn. Zweetens, dass owes ab 17 Auer en Autokorso Stoustaang u Stoustaang sech derduerch schlängelt. Drëtens, dass pro Stonn 18 Busser duerchfueren. Oft Duebelbusser, déi mussen virun der Bushaltestell ofbremsen an ufuere beim Busarrêt Am Duerf en onnéidege Kaméidi an en Ausstouss vun Ofgase bedeit dat. Esou hate mir eis dat net virgestallt an et ass virun allem e grouse Problem vun der Sécherheet, virun allem d'Foussgänger sinn oft a Gefor, Eltere

mat klengen Kanner soe mir ëmmer, si kënnen d'Kanner net vun der Hand loossen et ass jo keen Tréttoire agezeechent, du kannst de Kanner net soen, du dierfs net an d'Strooss lafen. Dat ass effektiv e grouse Problem, virun allem well d'Autoen vill ze schnell kommen. An du kannst de Kanner och net soen, majo wann d'Autoen kommen, muss de schéin no lénks an no riets kucken an da gees de iwwer d'Strooss wa kee kënnt. Wéi solle mir dat hei maachen? An dat ass dat wat och virun ugeklungen ass, fir do déi Sécherheet an deene Spillstroossen ze garantéieren.

D'Sécherheet am Shared Space ass e grouse Problem. Also, wéi gesot, mir fannen et esou wéi et momentan leeft, net akzeptabel a wéi den Här Buergermeeschter och ëmmer seet, da mussen mir un e puer Stellschrauben dréien. Mir hu jo elo schon decidéiert, oder vill Méi et gouf decidéiert, dass samschdes mëttens de Poller ënnen an der Niddeschgaass erop ass, dass mir eng Foussgängerzone stonneweis hunn a leider gesäit een awer och do ëfters, dass samschdes mëttens dann d'Autoen vun uewen an d'Niddeschgaass erfueren, ech hunn elo grad héieren, dat ass awer erlaabt, mee d'Leit wëssen dat oft net. D'Riverainen dierfen do erfueren. Et ass awer ëmmer d'Fro vun der Kontroll, sinn et nëmme Riverainen, déi do erfueren oder sinn et aner Leit? Well et gëtt mir bericht, dass do och oft Leit erfueren, déi warscheinlech awer net do wunnen.

Voilà, dass mir dat am Vëlossummer probéieren, dat ass jo dann e bëssen esou, wa mer dann do zoumaachen, wéi an de Chantiersphasen 1 an 2, wat jo och dann d'Phas 3 déi entaméiert gëtt vum Chantier vum Shared Space, d'Fro ass natierlech elo wéi geet et weider, wéi hu mir wëlle eis weiterzeentwéckelen, virun allem wéi brénge mir et fäerdeg, dass mer de Leit soen, si sollen net einfach duerch de Shared Space fuere fir Richtung Stadhausplaz ze kommen, wéi kënnen mir d'Leit nach méi initiéieren fir d'Rue de l'Étang ze benotzen a ass och vläit ugeduecht – déi Iddi kum jo schon op, ass dat nach ëmmer esou onméiglech? – dass een d'Rue de l'Étang weiderféiert fir dass een dann net muss bei der Rue Jean Jaurès muss weiderfueren, mee, dass ee weiderfiert bis hanne bei de Schwaarze Wee bis hanne bei de Match? Wann dat gi wier, dann hätte mir vill manner Duerchgangsverkéier am berühmte Shared Space. Wéi gesot, wéi et elo momentan ass, fannen mir net gutt. Mir begrëssen, dass elo am Vëlossummer dee Projet gestart gëtt, ech hunn elo net ganz richteg verstanen, bei der Presentatioun vum Reglement, do ass en Amalgam gemaach ginn zwëschen dem Mount Vëlossummer an der Phas Chantier Shared Space. Mir ass elo net ganz kloer, wéi do den Timing elo ass, wéini fänkt de am Shared Space Phas 3 d'Transformatioun un a gëtt do och déi ganz Niddeschgaass déi ganzen Zäit zougemaach, dat ass mir elo net ganz kloer.

Wat och ganz wichteg ass, dass een de Shared Space och shared, beliebt, dat geschitt virun allem duerch déi konvivial Terrassen, déi eis Restaurateure a Cafetiere maachen an, dass et wichteg ass, dass déi Konvivialitéit muss ausgebaut an ënnerstëtzt ginn, dat fanne mir och ganz wichteg, grad no deene Pandemiezeiten huet ee gesinn, wéi benzeg d'Leit ware fir op d'Terrassen ze goen. Dat ass och en angenehme Beliefungsfaktor vun eiser Niddeschgaass, dat muss ee weiderhi promouvieren an ënnerstëtzen.

Déi zweet Propos fir d'Rue Ribeschpont zouzemaachen, déi Propos, d'Sylvie Andrich huet et ëmmer erëm gesot an ëmmer erëm gefuerdert, kommt mir maachen déi Strooss dach endlech zou. Mir sinn elo frou, dass do och elo en Essai gemaach gëtt a mir hoffen, dass do vläit e Paradigmewissel bäigehale gëtt an dës Propos och da villäicht weidergefouert gëtt. Wéi gesot, Paradigmewissel hunn ech gesot gehat, fir dass et do derzou kënnt ass nach e wäite Wee, dat heiten ass en éischte Schratt, dat sinn déi éischte Proposen, déi mir ganz gutt fannen an och matdroen, mee wéi gesot, de Shared Space, esou wéi en elo ass, ass net cool. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madamm Kayser. Här Friedrich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci léif Kollegeen a Kolleginnen aus dem Schaffen a Gemengerot, ech wëll just eng Remarque maache zu deem Vëloswee, dee geplangt ass. Ech fannen dat eng ganz gutt Initiativ well mir si laang amgaangen, dass de Vëloswee wou Dir zitëiert hutt, deen an der Madame Mayrisch de St. Hubert Strooss ass an do ass de Problem ëmmer gewiescht, wann een aus der Le'h erauskomm ass, da war een iergendwéi verluer, d'Kanner an d'Familljen, déi mam Vëlo komm si vun enger sécherer Pist op eemol am Näischt op enger normaler Strooss. Do huet een der vill gesinn, déi dann iwwer den Trëttoire gefuer sinn, d'Elteren sinn dann op der Strooss gefuer an d'Kanner si méi oder manner iwwer den Trëttoire gefuer an doduerch, dass mir elo op Lenkeschléi déi nei Schoul hunn a vill Kanner do ënnerwee sinn a vill Familljen do an der Le'h samschdes a sonndes mat de Kanner mam Vëlo fueren, ass et eng gutt Testphas fir de Vëloswee do ze probéieren.

Et ass och esou, dass déi Parkplazen, déi do op der Säit sinn, do si ganz vill Haiser, déi net déi Parkplaze selwer benotzen, mee dat si ganz vill Leit, déi do parke fir entweder mam Bus an d'Stad ze fueren oder och do Laangzäitparker, déi am Fong den Awunner vun deenen Haiser déi Plazen ewechhuelen, esou mengen ech, dass dat déi Leit, déi do wunnen, net extrem vill stéiert, am Contaire, si hu léiwer et ass e Vëloswee do an e bësselche Berouegung, wéi wann do andauernd déi Parkplaze besat sinn. Sou géif ech mengen, dass dat eng ganz gutt Initiativ ass

fir de Vëlosfuerer, dass do méi Sécherheet erakënnt an och, dass d'Kanner kënne duerchfuere bis bei de Rond-point erop, respektiv bis bei d'Schoul an op där anerer Säit ass et fir d'Awunner, wann dat sech géif konkretiséieren an déi Testphas géif kommen an dat géif sech erausstellen, dass dat gutt wier, wouvunner ech iwwerzeegt sinn, ass et och fir d'Awunner, déi do wunnen eng gutt Saach an dofir stëmme mir voll dofir. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci.

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Merci fir d'Wuert, déi Gréng freeën sech natierlech, dass eis Gemengeresponsabel endlech och den Trend erkannt hunn, et deet sech eppes beim Vëlo. Zum éischte Projet - autofräien Zentrum - do wiere mir nach méi wäit gaangen, do ass jo de Problem, dass ee vun der Gemeng schlecht bis heihinner kënnt bei de Centre culturel. Hei hätte mir et flott fonnt wann d'Karl Marx Strooss e puer Meter méi no Weste gespaart gi wier. Da wier den Accès op de Parking Fohrmann zwar vun där Säit aus net méi méiglech, mee e wier jo nach vun där anerer Säit accessibel. Dann hätt ee kéinten d'Strooss virum Match späre bei der Entrée vum Match an da wier fräi Faart gewiescht fir Vëlosfuerer duerch de Schwaarze Wee an dann hätt een och kënne laanscht d'Baach bis heihinner kommen a weider op der neier Vëlospist bis bei de Skaterpark fueren. Zum Zentrum, do hunn ech mir och Gedanke gemaach mat deene ville Busser, déi duerch d'Niddeschgaass fueren. Do misst een effektiv villäicht eemol iwwerleeën iwwer eng nei Organisatioun vun de Busser well méttlerweil ass nach den 207 rëm bäikomm, den 305, an eng jett Schoulbusser, déi do duerchfuere, ob een do net effektiv eemol sech muss iwwerleeën, wéi zum Beispill de 4 an de 5, dat ass quasi double emploi wann se duerch den Zentrum fueren an déi fuere jo awer all 15 Minuten.

Dann, zum 2. Projet an der Rue Ribeschpont, wusst Dir, dass dës vill genotzte Schlächewe zu engem Autopedester vun der CFL gehéiert, deen op der Bierenger Gare fortgeet Richtung Butschebuerg? Mat dëser Aktioun ginn dann och mol während engem Mount dës Wanderer geschützt. Et gesäit een der zwar net vill, mir wësse jo wuel firwat, op d'mannst mol virun den Autoen, mat de Vëloe mussen d'Wanderer dann eens ginn. Bei dësem Projet ass eis d'Vernetzung wichteg fir weider an d'Nopeschgemeng Kayl ze kommen. Dat ass méiglech iwwer Butschebuerg selwer, hei wieren da Markéierungen op der Näärtzenger Strooss néideg fir e gesécherten Iwwergang. Et fiert een da laanscht de Scoutshome an da kënnt ee bei der Autobunnsbréck eraus, wou een dann natierlech och erëm en Hindernis huet, dass een iwwert déi Bréck muss weider fir op déi aner Vëlospist Richtung Näärzeng, Schëffleng an Esch. Oder et fiert een iwwer den Trëttoire erop op

d'Scherr an da geet jo do dee kleng Feldwee erof fir an den Zentrum vu Kayl ze kommen, ech gesi leider ëmmer erëm Vëloen op der Haaptstrooss, dobäi verleeft de Feldwee quasi parallel. Warscheinlech fannen d'Leit en net, villäicht kéint een do mol zu Kayl oder och hei op der Scherr dat besser mat Schëlter markéieren.

Et wier och flott, wann net onbedéngt dës Joer, mee dann an enger nächster Kéier eng Zesummenaarbecht mat Kayl a Beetebuerg virgesi wier fir e gréisseren Tour dann ze fanne fir de Vëlossummer duerch direkt e puer Gemenge lafen ze loosse. Wa mir an déi aner Richtung fueren, duerch d'Schoul Ribeschpont, duerch d'Rue Abbé Lemire, komme mir op der Lëtzebuerger Strooss eraus bei der ARAL-Statioun, hei hat den Här Molitor eis e Projet fir en Iwwergang an d'Rue Jean Simon virgestallt. Ass dee fir de Vëlossummer prett? Dat wier jo da flott well dat wier eng wichteg Verbindung mat deem Projet mam ganzen Oste vun Diddeleng.

Dann, dee leschte Projet vun der Madame Mayrisch de St. Hubert Strooss hunn ech awer och eng kleng Anekdote. Wéi meng Jongen an der Waldschoul waren, dat sinn elo scho ronn 15 Joer hir, war dës Iddi schonn a mengem Kapp a mir hatten se der Gemeng och matgedeelt. Deemools sinn nämlech bal allegueren d'Kanner mam Vëlo an d'Waldschoul gefuer, och déi aus dem Hanzendall, an et louch op der Hand, eis eenzeg Vëlospist an der Rue de la Forêt bis op de Kräizbiere ze verlängere, wéi d'Madame Mayrisch de St. Hubert Strooss nämlech dunn och och frëschgemaach gouf. Mee leider gouf déi Zäit den Trend nach net erkannt an et si béidsäiteg Parkplazen agezeechent ginn an d'Kanner sinn dann – wéi se et haut och nach maachen - iwwer den Trëttoire gefuer esou gutt et geet well do sti Beem am Trëttoire. Deemools gouf et de Quartier Lenkeschléi nach net an haut mécht et duerchaus Sënn, net bis op de Kräizbiere, mee an d'Rue Marthe Bigelbaach Fohrmann eranzefueren. Den Här Molitor huet eis jo och eng Verbindung um Kräizbiere ugekënnegt zwëschent de Quartiere Lenkeschléi an Hanzendall. An deem Sënn verstoppe mir eis Freed net an hoffen, dass aus dem Provisorium eng definitiv Vëlospist gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madamm Heinen.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci, dat si ganz gutt Initiativen, déi de Schafferot eis hei fir de Vëlossummer presentéiert. Dat mécht Loscht op méi. Mir ënnerstëtzen dës Proposen an de Schafferot dierf eis där roueg nach méi oft presentéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Thill.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Härren aus dem Schäffen- a Gemengerot, meng Fraktiounskolleegin, d'Madamm Kayser, huet ënnerstrach, dass d'CSV déi Initiativen hei gutt fënnt, erlaabt mir just eng kleng Säitemark ze maachen zu der Spärung vun där Strooss – de Geessepad wéi mer en oft nennen- vun der Näertzenger Strooss bis erof bei d'Schoul Ribeschpont. Effektiv huet dat scho méi wéi eemol hei zu Diskussiounen am Gemengerot gefouert, och vu menger Säit, well den deemolege Verkéiersschäffen, den Här Theobald, dee war do- wéi soll ech dat soen - net esou asiichteg fir eng Solutioun och ze fannen. Mir haten och riets fir zum Beispill eng speziell Bande ze maache fir d'Foussgänger, dat wier sécherlech méi sécher wéi et de Moment ass, well do sinn e puer Saachen. Dovunner ofgesinn, dass et als Schläichwee benotzt gëtt, ass och d'Visibilitéit op deem Wee do net immens grouss, duerch déi Hecken an déi Kéieren. Am Wanter ass de Problem net grad esou grouss, mee am Fréijoer, wéi elo wou all déi Hecken ausschëssen, bis an de Summer ass dat schwierig an do iwwersäit een och eemol e Foussgänger.

Dozou ass ze ënnersträichen, dass déi Foussgänger jo an deenen zwou Direktiounen kommen. Do ass och ze soen, dass d'Leit op déi Tankstell kleng Akeef maache ginn, also esou dass dat och a béid Direktiounen geet an et war ëmmer eng Diskussioun an den deemolege Verkéiersschäffen huet gesot hie géing een am léifsten dee Wee zoumaachen a villäicht kann een dat hei och notzen als en nützlechen Test fir ze kucken, wéi d'Bierger drop reagéieren. Ech wëll awer och ënnersträichen, d'Autoen hu jo eng Auswäichméiglechkeet, mee och wann elo gesot gëtt, d'Vëlofuerer mussen eens gi mat de Foussgänger, mee och d'Vëlofuerer mussen sech un de Code de la Route halen, dat ass och vläicht wichteg ze ënnersträichen, dass do Reegelen sinn, déi mussen agehale ginn.

Dat gesot wier et vläicht sënnvoll, déi Zäit ze notze fir dat auszewäerte duerno wat ee kéint fir definitiv Léisunge maachen, well bis mir dee ganze Ribeschpont erschloss hunn, quitte dass mer e Plan directeur hunn, mee bis den ëmgesat gëtt, dat ass net déi éischt Prioritéit hei. Vum Schäfferot ass jo kloer gesot ginn an do war jo och an deem Plan directeur virgesi ginn, fir e Park op deem Areal do zu Butschebuerg ze maachen an ech fäerte ganz, bis dee bis ëmgesat ass do, hu mir nach e bësselchen Zäit virun eis an dofir ass et villäicht sënnvoll eng aner Léisung ze fannen, dass sech do d'Foussgänger net Geforen aussetzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi doten Ureegungen. Jo?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Léif Frënn a Kollege vum Schäffen- a Gemengerot, ech kéint elo bal op den

eegene Luef vun eiser Fraktioun verzichten, den Här Thill huet dat jo scho gemaach an huet eis felicitéiert. Ech wëll trotzdem meng Interventioun awer mat erabréngen. Mir si säit der Gemengepolitik méi wéi jee erëm mam Thema Mobilité douce konfrontéiert. Säit enger Zäit gëtt erëm vill méi vum Vëlo geschwat a ganz besonnesch säit dem Ufank vun der Pandemie. Net, dass jiddereen wëll ganz op den Auto verzichten, mee et ginn der ëmmer méi, déi erëm bereet sinn, zumindest fir kuerz Strecken oder och mol bis an d'Nopeschduerf de Vëlo ze huelen an eng ganz Rei Leit maache bal alles erëm mam Vëlo.

Op dat Ëmdenke vun der Gesellschaft reagéiere mir scho säit enger Zäit vermehrt politesch a wäerten dat och zukünfteg maachen. Net well mir den Drock vu bause verspieren, mee well och mir net nëmme Gemengepolitik sinn, mee och gläichzäiteg Bierger an och mir ootme gäre propper Loft, och mir maachen eppes fir eis Gesondheet an och mir kréien en anert Verständnis fir de Begrëff Liewesqualitéit um Niveau vun de d'Fortbewegungsmittelen. An ech denken, déi Fortbewegungsmittelen, déi d'LSAP fir de Vëlo geholl huet hei zu Diddeleng, loosse sech weisen. Mir probéieren iwwerall wou et nëmme geet de Vëlo mat anzubauen, zeeche Vëlosweeër an iwwerall wou d'Stroosse breet genuch sinn an se nei gemaach ginn a wou déi néideg Viraussetzung gi sinn, ginn d'Vëlosweeër mat ageplangt. Mir sinn natierlech nach laang net un deem Zil ukomm wou mir hiwëllen, mee dat Ganzt léisst sech och net an Null Komma Nix ëmsetzen well einfach déi néideg Gegebenheeten net ëmmer gi sinn an dat Ganzt muss ganz gutt duerchduecht a geplangt ginn.

Och dëst Joer setze mir Akzenter fir de Vëlo an een dovunner ass de Vëlossummer. Firwat späre mir an der Haaptsaach den Zentrum? De Wonsch ass et vun de concernéierte Ministèren, dass déi Stroossen, déi gespaart ginn, méiglechst no bei den Horesca-Betriebere leien an dat mécht och Sënn, genau an deem Beräich vun Diddeleng, dem Shared Space, fanne mir déi meeschten Horesca-Betriebere. Firwat Horesca? Ma ganz einfach well déi Spärung net nëmme fir eis Diddelenger ass, mee och de Ministère du Tourisme huet en Appell un d'Gemeng gemaach fir beim Vëlossummer 2022 matzemaachen. Dat heescht an eisem Fall, et geet et och drëms fir Touriste mam Vëlo aus Nopeschlänner op Diddeleng ze kréien, do läit et da ganz op der Hand, dass een de Shared Space fir dee Projet hält an net d'Rue de l'Acier. Mir maachen net nëmme symbolesch mat, mir maache richteg mat.

Zum aneren denke mir, dass et einfach schéin a wichteg ass, deene Leit vu bausse eise Shared Space ze weisen, och wann déi 3. Phase nach net ëmgesat ass, mee déi zwou fäerdege Phase kënnen sech elo scho weise loosse a stousse schonn op vill Bewonnerung.

Och d'Rue Ribeschpont ass eng flott Achs, déi an dee Vëlossummer passt, well eng gutt Verbindungsstrooss ass Richtung Kayl an Näerzeng, also och eng Strooss wou et Sënn mécht, se mat anzubauen.

Zum Schluss bleift nach den Test vun der provisorescher Vëlospist an der Rue Madame Mayrisch de St. Hubert, tëschent der Rue de la Paix an der Rue Marthe Bigelbach Fohrmann, ze nennen, wou mir och net nëmme wellen teste fir ze testen, mee wou jo de But awer deen ass – wéi d'Claudia Dall'Agnol scho gesot huet - dass falls den Test sollt gutt klappen, do eventuell eng fix Vëlospist kéint entstoen. Dir gesitt, eist Vëlosnetz gëtt weider kontinuëierlech ausgebaut, mam Zil, all déi Leit déi sech wëlle mam Vëlo beweegen, sech ëmmer méi kënnen op ganzer Pist sécher fillen an esou wéi déi verantwortlech Leit vu Vëlo Diddeleng sech geäussert hunn, déi sech jo ganz staark maache fir e sécher a gutt Vëlosnetz hei zu Diddeleng, begrëissen se déi gutt Kommunikatioun zwëschent hirem Veräin, dem zoustännege Gemeindegemeinschaft an eisem Schäfferot. Et fënnt een, dass een op oppen Quere stéisst an et fënnt een, dass ee viru kennt. Och an deem Kontext ronderëm de Vëlo schaffe mir zesumme mam Bierger. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci och dem Här Clement fir seng Stellungnam, sinn nach weider Stellungnamen? Da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol an de Pit Demuth.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Merci, ech probéieren op déi e bësse manner technesch Saachen anzegoen et sinn eng Rei méi technesch Saachen dat wäert ech eisem Expert Pit Demuth dann iwwerloossen. Madamm Kayser, mir féieren hei eng Diskussioun iwwer den Vëlossummer dat heescht ech ginn net op all Är Kritik vum Shared Space an. Et ass de bonne guerre, datt Dir déi elo hei bréngt, mee wéi gesot, mir sinn hei an engem anere Konzept, mir hunn eng Deliberatioun, e Reglement zu engem Vëlossummer hei leien, wou mir eppes maache fir de Vëlofuerer a mir sollen och doriwwer diskutéieren.

Dir hutt ugeschwat, dass Vëlo Diddeleng d'Fraktiounen agelueden huet, mee Vëlo Diddeleng ass och an enkem Kontakt mam Service Circulation a mam Schäfferot, mir gesinn déi, dat ass eng privat Initiativ, si kënnen natierlech maachen an doe wat si wëllen, si kënnen invitéiere wien si wëllen an all Mënsch kann där Invitatioun nokommen a mir begrëissen dat esouguer, dass do eng Initiativ ass, déi sech fir de Vëlofuerer asetzt an och politesch neutral dat kuckt.

Just eppes, Dir hutt gesot, de Shared Space, do misst méi kontrolléiert ginn, jo, ech soen et ëmmer erëm mir si just zoustänneg fir de rouende Verkéier, wann do ee falsch steet,

da kënne mir dee protokolléieren, mee de rullende Verkéier, an och wann een iergendwou falsch erafiert, dat läit net an eiser Hand, d'Police weess dat, mir soen der Police et ëmmer erëm an si gesinn dat och selwer, mee d'Police huet net genuch Leit fir do e Standposten opzeriichten, dat heescht, mir dréine bei deenen Iwwerleeungen e bëssen am Krees. Dat wëll awer net heeschen, dass mir net déi selwecht Doleancen hunn ewéi Dir op der Säit vun der CSV. Dat anert wat Dir gesot hutt, dass d'Leit dierfen de falsche Wee erafuere, dat ass esou well jo d'Awunner musse bei hiert Haus bäikommen, och wa mir elo wëlle während dem Vëlossummer zoumaachen. Ech hu virdrun iwwert de Chantier Shared Space Phase 3 geschwat, mir hu gekuckt, dass do keen deen aneren hënnert, net wa mir déi eng deen Wee erafuere loosse an si géngen ufänke mam Chantier, da kéinten si de Chantier net maachen oder d'Awunner kéimen net méi bei d'Haus bäi, dat ass déi Iwwerleeung wou mir gemaach hunn.

Da wëll ech awer och soen, de Vëlossummer geet méi wäit wéi eise Shared Space, hei hu mir wierklech d'Gemengeplaz mat erageholl. Dir gesitt et um Plang, respektiv de Pit Demuth ka villäicht och nach drop agoen, wéi wäit dass dat Ganzt geet, hei schwätze mir vun engem autofräien Zentrum an net nëmme vun engem autofräie Shared Space.

Den Här Friedrich, jo mir hunn eigentlech déi selwecht Iwwerleeunge gemaach fir deen Iwwergang Le'h fir erop op fréier de Kräizbierg oder haut eben den neie Quartier Lenkeschléi, an dofir wëlle mir dat och testen.

Dir sidd och op Parkplazen agaangen, ech mengen, deen Deel vun de Laangzäitparker, dee kréie mir - esou bal mir de Parking résidentiel dierfen aféieren - kréie mir deen an de Grëff, da parkt do och kee méi, deen an d'Stad geet, mee ech mengen awer och, dass déi Parkplazen, déi do sinn, net all gebraucht ginn. Dir kennt déi Haiser, déi do sinn, déi meescht vun deenen hu grouss Afaarten an dacks vill Garagen, do ass tatsächlech Sputt an deem Quartier, net wéi an anere Quartieren hei zu Diddeleng, wou et op all Parkplaz ukënnt an och Drock do ass, mee dat heiten ass keen esou e Quartier.

Madamm Heinen, Dir hutt eng ganz Partie Virschléi gemaach, déi allerdéngs net all an eiser Hand leien, dat wësst Dir mir sinn do och op aner Partner ugewisen an Dir kennt oft d'Äntwert vun de Partner. Wat mir awer effektiv eemol kënne kucken, dat ass d'Zeechne vum Wee, wou een erof op Kayl kënnt, zumindest eisen Deel oder och vläit mat der Kayler Gemeng telefonéieren a kucken ob mir dat iwwerhaupt dierfen zeechen a wa mir dat net dierfen, dann et awer weiderginn, fir dass si et besser zeechen. Ech weess, dass do Schëlter stinn, villäicht sin se och esou kleng dat kee Mënsch se gesäit,

ech wäert dat herno mol kucken. Mee natierlech huele mer dat mat op de Wee.

D'Iwwergäng Rue Jean Simon a Lenkeschléi an Hanzendall, do kann de Pit Demuth herno drop agoen.

Dir sot, et fuere vill Schoulbussen duerch de Shared Space, do kënne mer eng Kéier Récksprouch huelen, wann dat TICE Schoulbusse sinn, déi bei de Lycée fueren, kënne mir mam TICE Récksprouch huelen, mee mir ginn dee Wee do net vir well et sinn net eis Schoulbussen. Mee wann déi do keen eran- an erausloosse mussen, kënne mer awer eng Kéier Récksprouch mat hinnen huelen.

Dann hutt Dir vu 4 a 5 geschwat, déi duerch de Shared Space fueren. Eigentlech ass dat eng Plus-value gewiescht, dass de Leit vun Esch an den Zentrum vun Diddeleng bréngt, dee verbënnt Esch mam Zentrum vun Diddeleng, du gëss do erausgelooss wou d'Liewen ass, wou d'Action ass, dat war de But firwat déi Bushaltestell do ageplangt ginn ass an och fir Leit- Dir sot elo et ass net wäit bis bei d'Gemeng an et ass och net wäit vun der Rue de l'Étang- dat mag stëmmen fir eis zwee- ech huelen d'Beispill vu menger Mamm, déi an déi 80 Joer huet, wann déi mat hiner Titché kënnt fir déi ass dat e gutt Stéck - mir dierfen dat net ëmmer vun eiser Perspektiv aus gesinn.

Dann, den Här Thill deen huet Loscht op méi, jo mir och Här Thill dofir komme mir andauernd mat neie Proposen, mee wéi gesot, vill Saache leien net aleng an eiser Hand a brauchen deels ganz laang bis mir en Avis kréien an nach méi laang bis mer en Avis positif kréien.

Madamm Andrich-Duval, jo mir deelen eigentlech déi selwecht Aschätzung vun dem Wee, mee Dir kënnt lech erënneren, wéi laang mir gebraucht hunn, dass mir iwwerhaupt emol d'Vitesse konnten op deem Wee erofsetzen, well déi Vitesse dat war ëmmer - an do ka mech de Pit Demuth verbessern, mee ech mengen dat war esouguer 90 Km/h a mir wollten 30 Km/h, dat krute mer net, a mir hu gekämpft, dass mir iwwerhaupt 50 Km/h kruten.

All déi Virschléi, wou Dir do maacht, fanne mir ganz gutt, mee mir kréien se net realiséiert. Mir waren extrem dankbar wéi mir do 50 Km/h kruten an elo probéiere mir mol do Rou eranzekréie mat deem Vëlossummer an dann, wéi gesot, et geet net duer, dass d'Bierger oder mir dat hei gutt fannen well ech ginn dovunner aus, dass bis op e puer Stéck, déi vläit e bësselchen emmerdéiert sinn, well se dee Wee ëmmer huele fir do hannen op d'Autobunn ze fueren, dass déi net esou frou sinn, mee eng ganz Rei Leit dat dote begrëissen, mee dat eleng geet net duer, dass mir et ad eternum esou kënne realiséieren. Den Här Clement huet viles vun deem ge-

sot wat ech och wollt soen, e bëssen eng allgemeng Feststellung, mir kommen hei am Gemengerot mat Proposen, dat sinn an dat sot ech schonn, wéi hei kritiséiert gouf, et wier kee ganz Konzept, dach, et gëtt e ganz Konzept, mee wa mir waarde bis mir dat ganz Konzept zesumme kënne ëmsetzen, da waarde mir deemno wéi nach ganz laang, aus deene Grënn, wou ech elo scho sot, well mir net eleng Här a Meeschter sinn. Mir kommen hei all Kéiers mat Puzzlestécker, déi fir de Vëlosfuere an de Foussgänger viles erlichteren a mir probéieren esou séier wéi et geet, déi kleng Puzzlestécker, déi mir kënne maachen, a Musek ëmzesetze fir dass mir op deem grouse Ganzen erauskommen wat den Här Molitor jo och virgestallt huet.

Wéi gesot, den nächste Gemengerot oder iwwernächste Gemengerot wäerten villäicht erëm eemol en Verkéiersreglement drop sinn a mir hoffen esou séier wéi méiglech dat Ganzt ze realiséieren den Vëlossummer ass elo déi éischte Kéier, dass mir do matmaachen, ech weess net ob d'nächst an d'iwwernächst Joer de Ministère dat doten nach eng Kéier wëll starten, mee mir testen dat elo a wann de Ministère dat nach eemol wëll maachen, kënne mir och kucken, wéi ass et ukomm, huet et Sënn gemaach? Musse mir ausweiten, musse mir vläit e Schratt zeréck? Kënne mer eppes anescht mat eranhuelen? Mir léiere jo aus deem wat mir maachen an da froen ech de Pit Demuth fir op déi méi technesch Saachen anzegoen. Merci.

PIT DEMUTH (Service Circulation): Merci Claudia Dall'Agnol, et ass scho viles gesot ginn, ech maache just e puer Ergänzungen, wou Froe gestallt ginn ass, wat elo net richtig eraus komm ass, Esch 2022 an ORT Süd maachen och e Projet fir déi Südgemenge mateneen ze verbannen an dee Vëloswee wäert och duerch d'Rue Ribeschpont erofgoen, mee et gëtt och eng Connexion Richtung Zentrum vun Diddeleng gesicht an dee Wee gëtt och markéiert, esou dass dee Wee och fonnt gëtt an dee geet dann och vu Kayl op d'Scherr erop an da geet en duerch de Weierchen iwwer Butschebuerg, d'Rue Ribeschpont erof, duerch d'Soibelkaul iwwer deen neie Chemin mixte vun der Lëtzebuurger Strooss an do geet en dann op déi national Vëlospist, wou en da Richtung Beetebuerg geet a mir sinn och amgaangen, mat der Gemeng Beetebuerg e gemeinsame Vëloswee auszeschaffen, wéi och elo hei och scho gefrot ginn ass, et ass e gemeinsamen Tour fir déi zwou Gemengen well mir sinn zwëschen deenen zwou Gemenge flaach, do ass net vill Steigung dran, fir Richtung Kayl, all Mënsch weess et, do muss een e bësse Bierg eropfuere, dat ass vläit e bësse komplizéiert fir munch Leit, mee mir schaffen och dorunner fir déi Verbindung ze maachen.

Ech hunn och opgeschriwwen fir de Marquage uewen op der Scherr ze kontrolléieren, wéi ass do de Vëloswee do markéiert, kann een

dat verbessern? Dat hunn ech mat erageholl.

D’Fro vun der Kräizung Abbé Lemire, Lëtzebuergerstrooss a Simon, respektiv beim Kräizbiereg, Zoufftegen Hanzendall do si mir am Gespréich mat Ponts et Chaussées, déi hunn nach déi lescht Modifikatiounen ugefrot an déi mussen elo ugepasst ginn. Dat war et elo och vu menger Säit. Ech hoffen, ech hu keng Fro vergiess. Merci.

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Merci, ech wollt just nofroen wann am Kader vun Esch 2022 e Projet gemaach gëtt, Dir hutt elo gesot d’Rue Ribeschpont erof, mee wann d’Leit elo deen anere Wee fueren, dat ass jo awer eng Einbahn, ass dat net ze geféierlech, wann do vun där enger Säit Autoen an aus där anerer Richtung Vëloen kommen?

PIT DEMUTH (Service Circulation): Nee, dee Vëloswee ass just während dem Summer wann déi Ribeschponter Strooss komplett gespaart ass fir den Autosverkéier do ass dann och en double sens dran. Also, et kann een entweder vu Kayl Richtung Beetebuerger oder vu Beetebuerger Richtung Kayl fueren. Also am double sens, et ass net esou, dass et just an eng Richtung geet. Just während dem Vëlossummer.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech mengen déi verschidde Froe goufe beäntwert, ech wollt just eng generell Remarque maache par rapport zu der Diskussioun vum ëffentlechen Transport. Mir féieren an dësem Land eng Diskussioun, dass et wichteg ass, den ëffentlechen Transport ze stäerken, dass et wichteg ass, dem ëffentlechen Transport, notament dem Bus, déi Zoubréngerfunctioun ze ginn a wann en dann awer ze vill present ass, da fanne mir dat och net gutt. Dat ass e kontradiktoresch Message, dee mir ginn an op dee solle mir oppassen, mir mussen wësse wat mir wëllen a mir sinn eis allegueren eens, dass den ëffentlechen Transport muss gestärkt gi fir all d’Utilisateuren. Dat ass wat eis soll animéieren an der Gestaltung vum ëffentlechen Transport.

Ceci dit mussen mir dat Reglement stëmmen, wien ass domadder averstane? **Dat ass unanime** a mir freeën eis dann, dass mir aktiv dobäi sinn am Vëlossummer 2022.

3. GEMEINGEFINANZEN

3.1. APPROBATION VUM BAIL MAT DEM STAAT LËTZEBOURG FIR D’LOCATI- ON VUN ENGEM DEEL VUN DER WALDSCHUL FIR DEN OFFICE NATIONAL DE L’ENFANCE

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir bei d’Gemeingefinzen, do hu mir e Contrat de bail virleien tëschent der Gemeng Diddeleng an dem Staat, de Staat ass vertrauten duerch de Finanzminister, well hie jo och d’Contrat-de-bailen am Numm vun deenen anere Ministèren a staatlechen Institutiounen ausstellt.

Déi staatlech Administratioun, ëm déi et hei geet, ass virun allem den Office national de l’enfance, dee bis dato Locataire war vum fréiere Paschtoueschhaus, wou d’Gemeng Propriétaire ass, mee wou mir am Kader vun der Neigestaltung vum Campus Strutzbiereg och fir den Office national de l’enfance eng nei Bleif mussen sichen well jo och d’Kierchefabrik do Locataire war, déi sinn elo eraus, si waren dee leschte Locataire. Dofir hu mir eis op de Wee gemaach fir eng nei Bleif ze sichen, eng nei temporär Bleif, wëssend, datt lwwerleedunge lafen, mëttel- a längerfristeg, den Office national de l’enfance wéi och aner staatlech Administratiounen am Kader vun Neischmelz mat eranzehuelen, mee en attendant, bis dat de Fall ass, ass et wichteg, déi Antenn hei zu Diddeleng ze halen, wou véier Leit schaffen. Dofir och dee Contrat de bail, mir hunn eis op d’Sich gemaach, an engem éischten Ulaaf wollt mir an de Service médico-scolaire, do waren awer d’Gebailechkeeten ze kleng, dofir hu mir op d’Waldschoul zeréckgegraff, déi elo och fräi ass an d’Josiane Di Bartolomeo-Ries kann duerno drop agoen.

Do gëtt och e Konzept ausgeschafft, en attendant ass et fräi, mir stellen hinnen déi zur Verfügung, dat si Bürofläch vum 92,52 Quadratmeter, Archiven 9,58, dat muss alles konform sinn, par rapport zu der Sécurité publique, zu de Prescriptiounen, well do jo och Schoul gehale gouf. De Bail leeft vum 1. Abrëll 2021 bis den 21. Abrëll 2021 bis den 31. Dezember 2022, eng Sous-location wier méiglech mee mam Accord natierlech vun der Gemeng, mee et ass net virgesinn, awer hei dragesat an de Frais. Ech mengen, et ass esou, dass alles wat Elektresch war, do ass näischt anescht wéi et elo war, Elektresch, Gas a Waasser, Chauffage, dat ass alles am Montant vum Loyer dran an alles wat d’Connexioun ugeet vum Internet, dat muss de Staat à ses frais droen. De Loyer, dee mir hei fixéiert hunn, d’Location annuelle ass bei 23 354,40 Euro dat ass e Loyer pro Mount vum 1 946,20 Euro, déi de Staat eis bezilt, do gesäit een, dass de Staat 20 Euro pro Quadratmeter fir Bürofläch bezilt an 10 Euro pro Quadratmeter fir Archiven. Et ass natierlech och esou, dass et e Gebai ass, wou jo da Leit



schaffen, dat och muss gebotzt ginn, dass hei elo net de Staat higeet a säi Personal hëlt fir ze botzen, mee dass hei eist Personal geholl gëtt, mee dass mir dem Staat déi Fraise facturéieren, refakturéieren, respektiv hei eranhuelen, soudass déi Frais de nettoyage mensuels bezuelt ginn an Héicht vun 931 Euro, wou si eis mussen bezuelen.

Voilà, dat fir dat am Fong ze kläre mam Staat, wéi och der Antenn vum ONE fir eng temporär Bleif ze ginn an ech géif nach d’Wuert un d’Josiane Di Bartolomeo-Ries ginn, déi mat der Exekutioun vun deem heite Projet vertraut ass. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci, ech géif just e puer Saache bäifügen. Den ONE (Office national de l’enfance) dat ass e Service ginn, deen hei zu Diddeleng net méi ewechzededenken ass. Si waren am Ufank zu zwee Leit, si sinn elo zu véier, de Besoin ass do. De Besoin wiest an natierlech war et wichteg fir dee Service och hei zu Diddeleng ze halen, vu dass mir jo och d’Paschtoueschhaus ofrappen. Ech war mat hinne selwer verschidde Saache kucken, d’Médecine scolaire huet sech méi schwierig erweisen, well och ëmmer Leit empfaange ginn, dat heescht, du brauchst e Raum wou d’Leit kënnen ongestéiert mat de Familljen dann eng Reunioun maachen.

Mir sinn dann an d’Waldschoul gaangen, et ass net esou, dass si déi ganz Waldschoul zur Verfügung hunn, si hunn den ënneschten Deel dee hannen erëm läit, wou eng Schoullklass war, wou d’Bibliothék war, wou och en Depot ass. Mir waren eis séier eens, dass dat dee gëeegente Raum wier, deen se brauchen, si setzen zu véier am Sall, si hunn e Büro amenagéiert kritt, mir hunn hinne selbstverständlech gehollef, déi ganz Saachen ze amenagéieren an do wou d’Bibliothék ass, do hu mir hinnen elo e proppere Reuniounssall ageriicht, ech mengen, dat kënn hinne ganz entgéint. Wann Dir de Moment an d’Le’h eropfuert oder an d’Lenkeschléi, da gesitt Dir op der Strooss mir hunn alles amenagéiert fir, dass d’Leit et och fannen, hinne war et och wichteg, dass eng Ubannung wier un den ëffentlechen Transport, fir dass Familljen dohinne kommen wuelwëssend, dass dat do eng provisoresch Léisung ass a mir kucken, dass dann iergendwann, wann Neischmelz oder aner Lokaler zur Verfügung

stinn, fir da mat hinnen ze kucken, dass si eng nei Plaz kréien, wou si sech kënnen instaléieren. Fir mech ass et och einfach immens wichteg, dass dee Service hei bleift an dofir si mir frou, dass mir déi provisoresch Léisung fonnt hunn. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries och fir déi doten Erklärungen. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, meng éischt Froe si scho beäntwert gi vun der Madamm Di Bartolomeo, wéi vill Dossiere bestreit den ONE an eis Fro war och, maachen si Konsultatiounen sur les lieux oder ass et just e Koordinatiounsbüro, mee dat hutt Dir beäntwert, well vill Leit wëssen net wat den ONE mécht. Dofir ass d'Fro, wéi vill Dossieren se hunn, ech weess net ob mir dat wëssen, mee wann se zu véier aktiv sinn, wäerten se genuch ze dinn hunn, denken ech. Mir begrëssen och, dass den ONE hei ass, dat stellen ech viraus, mee elo komme mir zum Contrat de bail an do si mir net méi esou begeeschtert. An der Annex hei am Dossier fanne mir eng Propos vum Schäfferot, dass den ONE seng Büroen am Gebai vun der Schoulmedezin an der Bezebuerger Strooss soll opschloen, dat wier relativ sënnvoll an eisen Aen well och de schoulmedezinesche Service, mir sinn eng vun deene wéinege Gemengen, déi e kommunale schoulmedezinesche Service hunn, well déi och eng exzellent psychosozial Aarbecht an de Schoule maachen, awer och mat de Familljen enk zesummeschafft an do wiere bestëmmt och e Service ONE Schoulmedezin méiglech gewiescht a firwat dës Propos net zeréckbehale gouf, dat krute mir elo gesot, dat war anscheinend wéinst der Plaz, dass dat net gi war. Dat fanne mir schuet.

Da komme mir zum zweete Punkt, zu der Waldschoul, wou mir de Service dra setzen, do si mir iwwerhaupt net frou well iwwert déi lescht Joren, esoubal mir iwwer de Projet Lenkeschléi geschwat hunn, soubal sech ugekënnegt hat, dass mir am Quartier Lenkeschléi eng Schoul géife maachen, dass d'Kanner aus der Waldschoul géifen dohinner goen, dat si sécher 7-8 Joer hir, huet d'CSV ëmmer gefrot, wat maache mir mat der Waldschoul? Et goufen ëmmer evasiv Äntwerten, et huet ëmmer geheescht, mir kucken, mir iwwerleeën eis e Konzept. Wéi steet am Blietche vum Schäfferot "Meng Stad" : "Den Schöffen schweben schon viele Ideen vor, Doch erst einmal soll eine Arbeitsgruppe, zusammengesetzt aus unterschiedlichen Dienststellen, ein pädagogisches Konzept ausarbeiten." Dat ass elo am Blietche vum Februar. D'CSV hat schon 2017 d'Propos gemaach an och virdrun an duerno ëmmer erëm widderholl, d'Waldschoul an engem pedagogesche Konzept an der Le'h ëmzewidmen. Dësen Dossier gouf an eisen Aen eendeiteg verschlof, dat ass schuet an onverzeilech an et ass eng

verpasste Chance. Elo wou d'Maison Relais an d'Schoul zou ass an der Waldschoul, elo wou d'Schoul Lenkeschléi op feste Bee steet, elo misst dat Konzept stoen, déi néideg baulech Upassunge missten elo gemaach ginn an am September misst entweder - eis Propose ware villschichteg - entweder eng Naturschoul dohinner kommen, entweder eng Summerschool am Summer an der Natur ugebuede ginn oder drëttens eng Bëschrèche ugebuede ginn, mee näischt steet an dat fanne mir onverzeilech well de Projet fir do eng Naturschoul ze maachen - iwweregens war gëschter den internationalen Dag vun de Waldkindergärten an och eng lëtzebuergesch Spillschoul vun Useldeng huet do e ganz flott Lidd op de Site gesat.

Ech hat déi Propos viru Jore gemaach, ech hunn dem Schäfferot d'Adress gi fir dohinner kucken ze goen, fir villäicht op deem flotte Site an der Waldschoul eng Naturschoul opzemaachen. Eis zweet Propos, dat ass och ëmmer erëm gesot ginn, de Claude Martini seet et all Kiéier, wéi schéin et war wéi hien an der Waldschoul an der Summeraktivitéit war. esou e coole Site, all Gemeng géif sech d'Fangere lecke fir hei e Projet zäitno ze gestalten. Och dat ass net kloer definéiert ginn an déi drëtt Propos, déi mir ëmmer erëm gesot hunn, kommt mir maachen eng Bëschrèche do, firwat net de Kontakt mat de Bedreier aus Schëffleng oder Esch sichen, fir eppes opzemaachen. Ech kréien elo warscheinlech erëm gesot, majo dach, mir kréien déi nei Crèche am Quartier Italien, dat soll jo angeblech eng Bëschrèche ginn. Ech soen "angeblech" well mir do dat pedagogesch Konzept nach net virleien hunn, mee e Fakt ass, ech hu gëschter mat enger Madamm geschwat, déi hiet Kand wollt aschreiwen an eng kommunal Crèche hei zu Diddeleng. Si ass op Plaz 60 op der Waardelëscht. Plaz 60!

Dofir, firwat net hei eng zweet richteg Bëschrèche plangen op deem Site an der Waldschoul an der Le'h? Firwat net mat engem private Partner villäicht, deen Erfahrung huet, Kontakt ophuelen? Ech weess, dass d'Bedreier vu Schëffleng schonn hei viru Jore gefrot hu fir eng Bëschrèche hei zu Diddeleng opzemaachen. Si goufen awer zeréckgewisen, apparentement wier keng Demande hei zu Diddeleng, dofir sinn awer 55% vun de Kanner, déi zu Schëffleng an der Bëschrèche sinn, déi wunnen zu Diddeleng. Juste pour info. Dat reegt eis op a mir fannen et net gutt, dass mir elo den ONE fir annerhalft Joer dra setzen, dat sinn zwee Schouljoer wou dat Gebai hypothekéiert ass a mir fannen dat schuet, dass do net elo e konkrete Projet steet, wou mir de Leit kënnen soen, hei dann an da geet et op, da maache mir eng Bëschrèche, eng Summerschool oder eng Bëschrèche op, mee do steet guer näischt a mir fannen dat guer net gutt.

D'Fro ass och, wou geet den ONE duerno hin? Neischmelz? Ma Bravo, de Kontrakt leeft

bis 2022, ech weess net wou mir deen hisetzen? An d'Waggonerie oder wat? Well 2022 steet do nach guer näischt wou mir kënnen e Service ënnerbréngen.

Voilà. Da kënn den drëtte Punkt, deen eis opreegt an dat ass de Loyer, deen mir hei froen. Am Paschtoueschhaus hat den ONE fir e Büro vu 22,4 Quadratmeter 350 Euro de Mount bezuelt. Elo froe mir fir 100 Quadratmeter 1950 Euro, dat sinn 20 Euro de Quadratmeter, den Här Buergermeeschter huet et ënnerstrach. Mir ginn als Gemeng an eisen Aen e ganz schlecht Beispill. Mir hëllefen d'Präisspiral no uewen ze dréinen. Et ka jo net sinn, dass mir op enger Säit priedegen, ob dat elo hei ass oder als Regierung oder an der Chamber ass, dass et inacceptabel ass, dass d'Propriétaires esou drafache bei de Loyer an egal wat froen an souguer de Propriétaires, déi sech mat der Gemeng oder mat aner Gemenge géifen eeneg fir hiet Appartement an d'sozial Locatioun ze ginn, deenen unzeroden, maximal 10 Euro pro Quadratmeter als Loyer ze froen a mir schloen hei esou dran.

Wat gëtt dat fir e Beispill no baussen? Och wann de Ministère de Loyer bezilt, ass och de Ministère präisdreiwend an net seriö a sengem Gesouers iwwer déi enorm Präisexplosioun um Locatiounsmaart. Mir sinn entsat, dass mir Diddelenger net e Beispill ginn als Gemeng, och hei maximal 10 Euro pro Quadratmeter ze froen. Och wann de Ministère et bezilt. Mir fannen et einfach net gutt. Also, éischtsens si mir der Meinung, dass mir d'Waldschoul hypothekéiere mat dem Kontrakt, zweetens si mir entsat iwwer deen horrenden Loyer an drëttens fanne mir et traureg, dass den ONE net méi enk mat eisem Schoul-service schafft. Dofir stëmme mir dat net mat aus den Ursachen, déi ech genannt hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, gëtt et nach weider Stellungnahmen?

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci, ech deele voll a ganz dat wat d'Madamm Kayser gesot huet iwwer de Quadratmeterpräis. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci.

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Eis ass eis zu Ouere komm, dass e Projet am Moment géif ausgeschafft ginn a Richtung Naturpädagogie, do hu mir eis awer och gefrot, wann elo do dee Büro do ass an de Projet géif ulafen, dat si jo dann awer zwou verschidden Affektatiounen, ob dat an deem klengen Gebai zesumme ka funktionéieren? Dir hutt elo gesot, et wier provisoresch, bis dohinner ass da villäicht eng aner Léisung fonnt gi fir den ONE. Mir ginn och ëmmer erëm dorobber ugeschwat, dass et zu Diddeleng keng Bëschrèche gëtt, ech weess och elo net ob dat elo do an der Le'h déi gutt Plaz ass.

Voilà, de Loyerspräis, do hu mir eis och gewonnert, dass deen esou héich ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, da kann d’Josiane Di Bartolomeo-Ries op eng Rei Punkten agoen an da ginn ech och op Punkten an.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Also, ech muss éierlech soen, wann ech hei esou iwwer den ONE schwätzen, wat awer fir mech eppes ganz Wichteges hei zu Diddeleng ass, an ech fänken op eemol un eng Diskussioun iwwer d’Waldschoul ze féieren a wat do geschitt a wat mir géife soen a wat ech hei an do. Ech fannen dat eng Zoumudung. Ech hunn lech virun e puer Minutten erkläert, dass den ONE an deem ënneschten Deel sëtzt, deen hannendrun ass am Gebai mat den Toiletten, mat Stockageraum, ass alles uewenop fräi. Ech soen et elo nach eemol. Mir hunn lech gesot, dass mir en Aarbechtsgrupp maachen. Deen Aarbechtsgrupp steet. Do ass e Gradué drop, do ass en Diplômé drop, do hunn sech 15 Schoulmeeschteren drop gemellt, gutt. Mir haten éischt Reunioenen, den Aarbechtsgrupp ass do amgaangen ze schaffen, déi wäerten och weider dorunner schaffen.

Déi éischt Aktivitéite wäerten ab September do lafen, well mir jo nach Säll zur Verfügung hunn. Ech kann awer elo am Moment net d’Konzept virleeën wat déi amgaange sinn auszeschaffen an elo einfach hei ze soen, dass mir elo hypothekéieren an Dir zielt egal wat. Neen, dee Grupp ass amgaangen ze schaffen an do ass d’Madamm Gaffinet vun der Direktioun mam Här Gilles Morbet, déi managen dat. Mir hunn zwou Formatiounen, wou zéng Leit ugemellt sinn, fir eng Waldwildnis-Pädagogik-Formatioun ze maachen. Intern. Déi gëtt gemaach, déi ass um lafen. Mir waren esou ausgebucht, dass mir direkt eng zweet hannendru gesat hunn. Mir hunn de Projet net global stoen, well mir kee Schoulmeeschter drop hunn. Dee kréie mir eréischt wa mir d’Konzept drop hunn an deen ass geplangt fir deen ze kréie fir d’Rentrée 2022. Et ass awer net esou, dass et net géif lafen an dass mir do soen, mir maachen, mir maachen, also, ech kann lech déi Rapporten zoukomme loossen, da gesitt Dir wat do geschitt, dass déi Leit engagéiert sinn an dass déi Waldschoul net vum ONE hypothekéiert gëtt.

Dann nach eppes, Crèche Bëschcrèche, dat héieren ech jo och. Do ass d’Responsabel, déi huet de 15. Abrëll bei eis ugefaange vun der Crèche déi do responsabel gëtt an ech hunn lech et versprochen, mir sinn elo amgaangen, hatt schafft sech elo an a mir wäerten lech och dat presentéieren. Bëschcrèche, da si mir erëm bei den Eichenprozessionsspinner, wéi kréie mir d’Kanner dohinner, wat maache mir mat de Kanner wann de Fall erëm ass? D’Madamm Kayser huet et gesot, wéi vill Kanner op Schëffleng fueren, ech hunn awer gesot Bëschcrèche Jo awer fir jiddereen, ech

sot dat déi lescht Kéier an ech hale mech do drun well et kann net sinn, dass een, dee bei eis am Botzservice schafft, deen huet keng Zäit fir säi Kand an eng Bëschcrèche op Schëffleng ze féieren. OK, also hei maache mir eppes fir all Leit. Ech hunn d’Bëschcrèche versprochen, ech wëll dat elo och net méi widerhuelen. Dir kritt dat presentéiert an dann ass et fir jiddereen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi dote Stellungnam, déi ech absolut nëmme kann deelen, well d’Waldschoul absolut guer net hypothekéiert ass sief et u senger Notzung sief et u sengem Konzept. Mir fueren hei engersäits parallel, mir ginn enger staatlecher Institutioun d’Méiglechkeet hir Aktivitéite kënnen oprechtzerhalen an op där anerer Säit schaffe mir um Konzept an un der Ëmsetzung vum Konzept. Et ass eng cocasse, kontradiktoresch Approche, d’CSV seet et ass wichtig, dass mir den ONE hunn an zu der selwechter Zäit seet se, dass se dëse Contrat de bail net mat dréit. Dat heescht, wann et un der CSV géif hängen, wier den ONE muer op der Strooss well wann een dëse Contrat de bail stëmmt, da gëtt een dem ONE hei eng Zukunft zu Diddeleng. Ech wollt op déi dote Kontradiktioun agoen. Jo, mir fannen et och schuet, dass déi raimlech Méiglechkeete vum Servicié Santé Scolaire an vum ONE net gi sinn, dass déi net an dat selwecht Gebai kënnen. Mir hunn d’Grënn genannt. Och wann awer d’Raimlechkeete getrennt sinn, schléisst dat keng Zesummenaarbecht aus. Déi läit, wat de Kompetenzbereich ueegt, op der Hand an ech mengen, dass mir do net laang zweiwelen, datt déi zwee Servicer déi Volontéit hu vun enger verstärkter Zesummenaarbecht also eng raimlech Trennung soll do net e Virwand si fir net mateneen zesummen ze schaffen.

Dann déi Oprou déi opkënnt par rapport zum Loyer. Dat ass e Loyer, deen de Staat eis proposéiert huet, 20 Euro pro Quadratmeter, dat ass dat wat de Staat normalerweise bezilt wann en esou eppes an Usproch hellt. Dat war beim Paschtoueschhaus e bëssen anescht well dat war en Haus, dat war net déi Struktur wéi hei d’Waldschoul, dofir war och en anere Loyer, dee gefrot gouf. Also hei, mengen ech, 20 Euro pro Quadratmeter ass keen deiere Präis, et ass en normale Präis zwëschen ëffentlechen Infrastrukturen wéi och tëschen de Gemengen an dem Staat, esou dass mir hei guer net zu där Präisspiral bäidroen. Guer net. Voilà. Ceci dit hu mir op d’Froe geäntwert, nach mussen mir de Contrat de bail stëmmen.

Dofir froen ech, wien ass mat deem Contrat de bail fir dass den ONE kann zu Diddeleng bleiwen, averstanen? Dat si Stëmmen vun LSAP, déi Gréng an den Onofhängege Member. Wien enthält sech? CSV an Déi Lénk. Merci villmools.

3.2. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE VENTE EN ÉTAT FUTUR D’ACHÈVEMENT FIR DE BAU VU 5 EEFAMILIENHAISER AM QUARTIER LENKESCHLÉI

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass en Acte de vente en état futur d’chévement vun deene fënnef Maison-unifamilialen, déi mir baue loossen am Quartier Lenkeschléi, dat ass jo och am PAP esou festgehale ginn, mir haten och am Gemengerot doriwwer d’Diskussioun, wou mir Devise gestëmmt hunn an d’Konventioun mam Logementsministère verabschit hunn. Dat heiten ass dann elo déi Phas, wou mir den Acte muse stëmme fir dass d’Aarbechte kënnen lassgoen am Hierscht an hei ass den Acte de vente en état de futur achèvement zu deem Prinzip, dass d’Gemeng progressiv Propriétaire gëtt vun deene fënnef Maison-unifamilialen, dat ass zwëschen Stugalux, vertrueden duerch den Här Schons an den Här Moes. Wéi gesot, do ass et esou, dass déi fënnef Haiser an der Milly Steinmetz-Ludwig Strooss leien, dat ass op Nummer 18, 20, 22 an op Nummer 24 an 26. Wat mir hei kafen, dat sinn esouwuel d’Terrainen wéi och d’Haiser, dat ass engersäits wat d’Konstruktioun ueegt; 2 436 830,51 Euro wann dann do déi Terrainen dobäi kommen vun 1 059 000 Euro komme mir op déi ronn 3,5 Milliounen Euro Devis, déi mir verabschit hunn. Dat ass natierlech d’Haus an der Rue Milly Steinmetz-Ludwig op Nummer 18, dat kascht 499 434,66 Euro, do gi mir progressiv Propriétaire.

Déi 1. Phas ass wann de Keller fäerdeg gëtt, déi 2. Phas ass wann de Gros-oeuvre fäerdeg gëtt an déi 3. Phas ass wann den Dag fäerdeg gëtt an déi 4. Phas ass wann d’Aarbechte ronderëm d’Plâterie fäerdeg ass, déi 5. Phas ass wann de Revêtement du sol fäerdeg ass an déi 6. Phas ass d’Remise des clés, dat ass all Kéier de Fall bei deene fënnef Haiser, et ass de Prinzip wa mir progressiv Propriétaire ginn an och all Kéier de Solde mussen bezuelen. D’Haus op Nummer 20 kascht 4 179 417,88 € op Nummer 22: 479 331,54 €, op Nummer 24: 479 451,23 € an op Nummer 26: 499 099,20 €. Et ass esou, dass Aarbechten - dat hu mir och esou festgehale am Akt - déi hunn nach net ugefaangen, mee déi fänken am Hierscht un, den 1. September 2021, an d’Aarbechte solle fäerdeg sinn den 31. Oktober 2022. Wéi gesot, hei am Acte ass et esou, dass d’Frais d’honoraires. déi sinn op eiser Säit, déi iwwerhuele mir, et sinn och Servituden, déi sinn am Akt dran, well am hënneschten Deel vun de Parzelle leeft eng Servitude de passage, wou och d’Leit vun hannen an hir Gäert erakommen, dat ass och am Akt hei dran. Dat mat den Hypothéiken ass och dran, wéi gesot.

Dann, vun Informatioun wou ech lech ka ginn, natierlech, dass mir dat heite maachen am Kader vun der Acquisitioun vu Logements à prix abordable wou och an de Locatif

wäerte goen, wou mir och virun allem jonke Familljen zegutt komme loosse.

Wat d'Performace énergétique ugeet, do si mir am Triple A, esou wéi op der Finanzplaz. Voilà. Dat gesot hunn ech all déi wichteg Informatiounen uginn, wat et ugeet. Den Devis hate mir schonn, d'Konventioun um Logement hate mir och, do kréie mir zu 75% Subventioun vum Staat, déi ofgedeckt sinn, wat och positiv ass an, wéi gesot, wann hei de Gemengerot gréng Luucht gëtt, da kann d'Baufirma den 1. September ufänke mam Bau vun deene fënnef Maison-unifamilialen. Domat ass d'Diskussioun op. Den Här Zuang an dann d'Madamm Kayser.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt ganz kuerz op d'Wichtigkeet vun esou Projeten wéi deem heiten nach eemol agoen. Dir hat et grad gesot, fënnef nei Familljen wäerten hei en neit Doheem kréien a mir begréissen, dass nach aner esou Projeten ënnerwee sinn. esou wéi deen aus der Rue Nic Bodry respektiv deen anere Projet A Bëlleg an am Quartier Neischmelz. Si sinn blutnéideg. Mir hunn an de leschte Wochen an der Press gelies an héieren, dass trotz Pandemie d'Präisser vun den Immobilien ëm ganzer 16,7% am Duerchschnitt, vun Haiser a vun Appartementer geklomme sinn. Tendenz ëmmer nach steigend. Et gault engem wann een dann héiert, dass och Baukäschten an d'Luucht wäerte goen duerch eng Penurie vu Baumaterialien. Vill Handwerksbetriber wéi Daachdecker awer och Baumentreprisé kloen elo schonn, dass se keen Holz méi erbäi kréien, dëst geet an Amerika fir den dräifache Präis, dee bis elo hei bezuelt gouf. Eisen geet integral a China awer och vill aner Materialien, wou een net onbedéngt drun denkt wéi Plastiksgaine fir d'Verleeë vun elektresch Kabelen an esou weider si keng méi opzedreiwen. All dat zitt d'Chantieren an d'Längt, wat eng zousätzlech Influenz op de Präis wäert hunn.

Net just d'Präisser vun Immobilië sinn an d'Luucht gaangen, mee och déi vun de Loyeren an da stellt sech d'Fro, wou fanne sozial schwach Leit ouni CDI iwwerhaupt nach eng Wunneng? Mir mierken et bei de Clienten, déi an der Gestion locative vum Office social sinn. Mir accordéieren a leschter Zäit bal systematesch en Opschub vun 3, meeschtens 6 Méint well d'Leit keng Wunnenge méi fannen, déi si sech leeschte kënnen. Dofir e Luef un de Schäfferot fir déi Efforten, déi hei zu Diddeleng am Volet Logement social gemaach goufen a wäerte ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Zuang.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci ech kann dem Här Zuang nëmmen zoustëmmen, et ass katastrophen an och de grouse Problem sinn déi Leit, déi mir iwwer de Office social logéieren, et ass schwierig fir déi herno

weiderzeverméttelen well mir sollten d'Leit jo ëmmer nëmmen temporär bei eis ënnerbréngen an do ass dee grouse Problem, dat gëtt en immens grouse Stau no hannen a fir do ass et och absolut néideg, dass mir subventionéierte Wunnensbau maachen a mir begréissen explizit, dass Diddeleng op dee Wee gaangen ass fir de Service Logement social communal och an d'Liewen ze ruffen.

Mir hunn och als CSV dese Projet mat ënnerstëtzt vun Ufank un, mir fannen et och wichtig, dass grad eng sozial Mixitéit an engem Quartier wéi Lenkeschléi och eisen Uleies ass an ech widderhuelen e puer Froen, déi ech och schonn am November 2020 gestallt hat. Mir verlounen déi Haiser jo elo weider, et huet geheescht u verschidde Familljen. Do war och elo net kloer ob do Associatiounen oder d'Croix Rouge oder Pro Familia och nach eemol se melle fir esou en Haus als 2. Phas Wunneng ze kréien, dat ass nach eemol eng konkret Fro, oder gëtt et exklusiv u Familljen aus eisem Logement familial weider verlount?

Dann ass och nach d'Fro gewiescht, déi hat ech och gestallt, ob déi Familljen dann och e Projet de vie virweisen, ob déi awer kontraktuell un eisen Office social oder iergendwéi gebonne sinn? An dann ass eng ganz pertinent Fro, wéi laang verloune mir déi Haiser? Gi mir op 5, 10- 20 Joer oder wëlle mir e beseren Turnover mat enger Locatioun op 3-5 Joer? Wa mir soen, e Projet de vie, denken ech eng Famill mat kleng Kanner, déi musse mindestens 15 Joer an deem Haus bleiwen. Bis dohinner sinn se grouss, da kann een dat Haus nei affektéieren. Dat ass eng Fro wou den Här Zuang mir villäicht ka soen. Ech huelen un, si wäerten un engem Contrat de location schaffen a wéi gesäit et aus, ob eng Klausel dragesat gëtt, dass zum Beispill déi finanziell Situatioun sech dramatesch verbessert?

Dat ass jo och eppes wat een emol muss am Hannerkapp behalen, wann zum Beispill ee vun den Elterendeeler e Student ass. Dee mécht seng Studie fäerdeg, dee kritt en Diplom a verdéngt 3-4 Mol de Mindestloun 2-3 Joer méi spéit, wat maache mir mat där Famill? Muss déi Famill eraus, dierf se dra bleiwen? Ëmgedréit ass natierlech d'Fro wéi ass et bei enger Scheedung, bei enger Trennung, wien dierf am Haus bleiwen?

Aner Fro: Wat maache mir wann eng Famill an der Trennung ass an eng aner, méi recomposée, kënnt dran? Dat si ganz schwierig Iwwerleeunge fir dat och an e Kontrakt ze setzen, wou mir all Imprevue kënnen opfänken. Villäicht wësst Dir a wéi eng Richtung dat scho geet. Dat si méi Detailfroen zu deem Kontrakt, herno kënnt méi fir de Loyer, mee mir sinn heimadde averstanen an ënnerstëtzen all Projet an déi Richtung fir méi sozialen an abordable Wunnraum zu Diddeleng ze schaffen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci. Och mir kënnen dat nëmme komplett ënnerstëtzen, wat den Här Zuang scho gesot huet, a wéi ech et och schonn a menger Interventioun d'lescht Joer beim Devis fir dese Projet sot, begréissen déi Lénk all Initiativ vun der Gemeng, bezuelbare Wunnraum hei zu Diddeleng ze schaffen. Dofir stëmme mir diesen Acte de vente selbstverständlech mat. Och hei hu mir Loscht op méi. Mir fannen, de Schäfferot misst vill méi esou Initiativen ergräifen an vu de la situation, déi den Här Zuang och ganz kloer beschriwwen huet a mir sinn dofir der Meinung, dass déi 10,5 Milliounen Euro, déi einstweilen am Plan pluriannuel 2020 bis 2024 vun der Gemeng geplangt si fir soziale Wunnraum a Wunnensbau bei wäitem net duerginn. Déi 10,5 Milliounen Euro dat si just 5,4% vun deene geplangte Gesamtinvestisementer vun 195 Milliounen Euro, déi am Plan pluriannuel de financement iwwer déi nächst 5 Joer virgesi sinn. Mir encouragéieren also de Schäfferot, um Gebitt vum soziale Wunnensbau roueg nach puer Schëppe bäizeleeën a grad esou encouragéiere mir de Schäfferot, méiglechst vill ze ënnerhuele fir Diddeleng méi energieautonom ze maachen.

Wann déi 5 Haiser hei fäerdeg gebaut sinn, da gëtt d'Gemeng de Propriétaire dovunner an näischt verhënnert also, datt d'Gemeng dann op deenen Diech vun deenen Haiser Fotovoltaikanlagen installéiert a mir wënschen eis, datt d'Gemeng dat dann och mécht. Desto méi, well déi Anlagen der Gemeng net nëmme Recetten duerch de Stromverkauf abréngen, mee och nach e Benefice. Merci fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Thill.

SEMIRAY AHMEDOVA (Déi Gréng): Merci fir d'Wuert, ech schlësse mech deem un, wat meng Virriedner gesot hunn, et sinn och vill Froen, déi ech hat, beäntwert ginn. Natierlech begrësse mir des Acquisitioun well et ass fir Sozialwunnenge kënnen ze bauen, mir begrëssen och déi Optimisatiounen vum Terrain well et si relativ kleng oder normal Terrainen, déi wäerten optimal ausgebaut ginn, dat ass eng wichteg Saach och a puncto Noverdichtung. Mir haten awer trotzdeem nach e puer Froen well effektiv, Dir hat gesot, et gëtt verlount mee et ass wichtig ze wëssen op wéi enger Dauer well deemno wéi d'Dauer wäert sinn, mussen mir eng Selektioun vun de Leit maachen a meng weider Fro wier: Dann hu mir dee Moment e Suivi vun de Leit, déi do dra kommen? Wat sinn déi genau Konditiounen? Sinn dat Konditiounen, déi un d'Akommes gebonne sinn, d'Zesummesetzung vum Haushalt, ginn d'Diddelenger hei privilegiéiert? Oder sinn dat Leit, déi och vun extern op Diddeleng kommen?

An dat anert ass, all neie PAP gesäit jo 10 Prozent fir, wou mir musse sozial Wunnenge bauen. Fälen déi Haiser ënnert déi 10% oder ass dat eppes wat zousätzlech dobäi kënt, dat heescht dass mer 10 Prozent a méi an eise Gemengen hätten an deem Sënn?

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madamm Ahmedova. Da ginn ech d'Wuert weider fir op e puer Punkten anzegoen un de René Manderscheid, eise Sozialschaffen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – Schaffen): Merci, ech wëll just ganz kuerz agoen op de Logement. Dat heescht, déi 2 Voleten, déi mir hunn, ass d'Cellule Logement an et ass eise Service Logement, dat sinn zwee Puer Schong. D'Cellule Logement gëtt geréiert vum Office social an do kommen all d'Leit a Fro, déi eng Wunneng brauchen, déi eng sichen an déi mussen effektiv de Plan de vie presentéieren, si kréien och eng Gestion financière an esou weider an esou virun. Si mussen e ganze Koup Punkten erfëllen, respektiv matzemaachen, fir esou eng Wunneng temporär ze kréien, ech soen temporär well bei der Cellule ass et ganz kloer, et ass e Maximum vun 3 Joer, wou een déi Wunneng à disposition kritt an duerno gëtt gekuckt. Heiansdo musse mir verlängeren och wann et net esou evident ass, och wann een dräi Joer konnt spueren, dass een dann awer eng aner Wunneng fënnt.

De Service Logement, also déi Wunnengen iwwer déi mir hei elo zum Beispill schwätzen, dat si Gemengewunnengen an do gi mir mam klassesche Bail à loyer vir, do bezuelen d'Leit de Präis, deem ugepasst ass. Mir kucken trotzdeem d'Situatiounen vun de Familljen, mir kucke wien an deem Stot wunnt, wou schaffen se? Und und und... Si kréien och – a mir kommen herno beim Personal nach eng Kéier dorop zeréck – si kréien och eng Begleedung, mee net esou intensiv Begleedung well dat net néideg ass. Mee mir stellen eis vir, vläit 2-3 mol d'Joer eng Visite bei de Leit, mat hinnen schwätzen, wou dréckt de Schong, wat kënne mir hëllefen an esou weider an esou virun an déi kënnen, wéi gesot, bis à vie an deene Wunnenge bleiwen. Dat muss awer net sinn, well och do ginn et Ënnerscheeder, zum Beispill hu mer eng allengstoend Madamm mat 3 Kanner wann déi an eng Wunneng X plënnert mat den 3 Kanner an een Dag sinn déi 3 Kanner mat der Schoul fäerdeg, si gi flügge a maachen hiert eegent Liewen. Da gëtt d'Fra net op d'Strooss gesat, mee si kritt natierlech eng aner Wunneng, déi hirer Situatioun ugepasst ass an déi Wunneng do gëtt dann erëm weider verlount u Leit, déi se brauchen. Dat elo ganz kuerz an am Graffe wéi déi zwee Standbee strukturéiert sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, Merci Här Manderscheid fir déi zwou Propositionen.

SEMIRAY AHMEDOVA (Déi Gréng): Just fir richtig ze verstoen, wann Dir sot à vie, dat heescht wann eng Famill eraplënnert mat 3 Kanner, dat heescht wann d'Kanner eraus sinn, da ginn déi och relogéiert op eng aner Plaz an eng Sozialwunneng mee dat heescht OK...

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – Schaffen): Ech soen elo à vie, et gëtt e klassesche Bail à loyer, dee vu Joer zu Joer verlängert gëtt, wéi dat virgesinn ass, mee mir kënnen deem esou laang verlängere bis mir soen OK, d'Situatioun ännert sech an da kritt se eng aner Wunneng.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Et dierf een hei net vergiessen, beim Service Logement ass jo och e Sozialaarbechter do, an do gëtt dat gekuckt mat de Leit en fonction vun der Evolutioun vun hirer Situatioun, och wa mir en Ënnerscheid maachen tëschent enger Mise à disposition bei der Cellule Logement an op der anerer Säit de klassesche Bail à loyer, gekoppelt un d'Gesetz vun 1979. Et ass deem Esprit, deem eis hei begleet, mee natierlech ass och e soziale Suivi do, mee de moindre envergure, wéi den Här Manderscheid elo scho präziséiert huet.

Ech wollt nach op e puer Punkten agoen. D'Gemeng ass sech hirer Responsabilitéit bewosst wann et dorëms geet, Wunnengsbau virun ze dreiwien. Am Hierscht geet deem neie Projet an d'Exekutioun an der Rue Nic Bodry, wou mir och 12 Unitéiten wäerten erschafen a mir wäerten och en An op aner Méiglechkeeten halen, déi sech bidden, ech denken, dass do d'Gemeng e ganz klore proaktive Rôle hëlt. De Volet mat der Fotovoltaikanlag, do wou et méiglech ass, wäerte mir dat maachen. Ech gesinn hei eisen zoustännege Mataarbechter, deem och op deemem Projet an deem nächsten ass, den Här Gutiérrez, dat huele mir och mat a mir sollten do préiwen, wou et méiglech ass, sou dass mir iwwer Fotovoltaik och norüsten. Dat, mengen ech, kann ee gären als Ureegung mathuelen. Dann nach de leschte Punkt, d'Madamm Ahmedova, déi op de PAP agaangen ass. Dat eent ass wat an engem nächste Gesetz virgesinn ass, mir beruffen eis hei op dat aktuell Gesetz an dat heite beriff sech op déi Convention d'exécution, déi mir all déi Jore ronderëm de PAP Lenkeschléi haten an do hu mir jo d'Acquisitioun gemaach vun deenen 10%, eng Rei Apartementer, déi mir an eise Parc immobilier hunn. An dee leschten Hoff, dee mir am Kader vun den 10% maache vun deem PAP Lenkeschléi, sinn déi fënnf Maison-unifamilialen.

Et ass also net, dass en sus eppes dobäi kënt well et jo keen neie PAP ass. Dat nach als Präzisierung dozou. Ceci dit musse mir dësen Acte de vente approvieren. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.3. APPROBATION VUM OFGEÄNNERTEN DEVIS A VUN ENGEM ZOUSÄTZLECHE KREDIT FIR D'RENOVIATION AN D'TRANSFORMATION VUM HAUS OP NUMMER 37-39, RUE DU COMMERCE, A SOZIALWUNNENGEN +

3.4. APPROBATION VUN DER KONVENTION A VUM AVENANT VUN DER KONVENTION IWWER D'BÄIHËLLEF FIR DE BAU VUN ENSEMBLEN "RUE DU COMMERCE"

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deem nächste Punkt iwwer, dat sinn am Fong zwee Punkten, dofir géif ech se och zesammen huelen, et geet an d'Rue du Commerce, mir bleiwen also beim subventionéierten a soziale Wunnengsbau an der Rue du Commerce. An der Mémoire collective ass dat fréiert Caramuta-Haus lech bestëmmt e Begrëff, et ass jo esou, dass mir hei de Projet gestëmmt haten am Gemengerot am Juli 2018, wou jo d'Gebai ass wat um Inventaire supplémentaire ass vu Sites et Monuments, wou mir jo och 12 Unitéite wäerten entstoe loossen, 10 Chambre-meublées an 2 Apartementer, wou awer och Iwwerleeunge lafen zwëscht Cellule Logement a Service Logement wat d'Opdeelung ugeet.

Déi Situatioun, déi mer elo haut hei hunn, vu dass et de Gebuertsschäin vun der Stad Diddeleng ass, well et e fréiere Bauerenhaff ass, dee jo awer e bëssen d'Ruralitéit vun Diddeleng matten am Stadkär zeréckspigelt, virun der Industrialisierung, wou mir och probéieren 1 zu 1 ëmzesetzen, si mir do awer an der Situatioun, vu dass et en Haus ass mat enger Rei Komplikatiounen, dofir begrëssen ech och ganz gären den Architekt, den Här Schwarz wéi och den Här Gutiérrez, déi sech mat der Exekutioun vum Projet befaassen an och vertraut si fir op eng Rei Punkten herno anzegoen. Et ass esou dass mir hei en Devis remanié virleien hu vun 470 000 Euro an och e Crédit supplémentaire vu 470 000 Euro wat d'Renovatioun an d'Transformatioun ugeet, well eng Rei Komplikatiounen waren en cours de route, respektiv eng Rei Adaptatiounen, déi hu misse gemaach ginn, wéi gesot, den Här Schwarz an den Här Guterres wäerten herno méi am Detail kënnen drop agoen. Et ass esou, dass mir hei um Schlusslicht sinn, wat och d'Fäerdegstellung ugeet. Dat ganz natierlech, mir stëmmen zwar haut hei en Devis supplémentaire an och e Crédit supplémentaire mee op där anerer Säit ass et jo och esou, dass an der Konventioun, déi mir hu vum Logementsministère, dass deem och weider Rechnung gedroe gëtt.

Mir hate jo déi Konventioun hei um Ordre du jour vum Gemengerot, dunn hu mir se erofgeholl well eng Erreur matérielle dra war an där Konventioun, do stoungen 10 Unitéiten, et sinn der awer 12. Dofir fannt Dir och an deem Gemengerot den Avenant zu der eigentlecher Konventioun an et gesäit ee

jo och an der Konventioun, dass de Montant vum Subsid jo och geännert huet, net just vun 10 op 12, wat d'Unzuel ugeet, mee och duerch déi Méikäschen, déi entstinn, awer och de Logementsministère deem am Avenant Rechnung gedroe huet, esou dass d'Unitéit zwar an der Konventioun 1 197 000 Euro virgesi waren an awer elo op 1 499 000 Euro festgesat ass. Natierlech ass et esou an der Konventioun, déi de Logementsministère hei huet, dass mir dat heite müssen affectéieren un de Logement, un d'Locatioun fir während 40 Joer, dat ass eng nei Konventioun, déi hei stattfënnt.

Dat ass e bëssen dat wat ech wollt soen engersäits zum Kredit awer och zu der Konventioun an ech ginn d'Wuert gäre weider un den Här Schwarz an den Här Guterres fir op eng Rei Punkten anzegoen, virun allem wat hei den Devis an den zousätzleche Kredit ugeet. Merci.

HÄR GUTIÉRREZ (Architekt): Merci Här Burgermeeschter, also de Projet 37/39 ass e Bauerenhaus, wat scho laang do steet, vum 19. Joerhonnert also ronn 150 Joer laang hunn do Generatioune vu Familljen dra gewunnt. A wéi et ëmmer gären de Fall ass, gi Renovatiounen an Transformatiounen vun deem Gebai gemaach. Wou mir dann ugefaangen hunn, e puer Recherchen ze maachen iwwer d'Struktur vum Gebai, hu mir dann erausfonnt, dass do Saache verstoppt waren, déi am Ufank net virgesi waren an doduerch sinn dann och Supplementen opgetaucht. Een Deel dovunner war wou mir erausfonnt hunn, dass op verschidde Plazen d'Gebai huet misse sanéiert ginn, dat heescht den Daach, do war Asbest dran an an de Faarwe ware Schwéiermetaller. Déi Saache waren am Ufank net virgesinn, déi sinn dann eben opgetaucht nodeems mir eng Etüd gemaach hunn.

E grouse Punkt wou d'Käschen ugeet ass de Réibau, do hu mir da beim Ofrappen erausfonnt, dass verschidde Plazen och duebel Mauerungen waren wou dann och d'Dall drop war, am Ufank war net virgesinn, déi ewechzehuelen, duerno hu mir se dann awer ewechgeholl fir méi Plaz ze gewinnen an dat och propper nees hinstellen an dunn, wou mir d'Mauer erausgerappt hunn, hu mir gemierkt, OK déi Mauer gouf gebraucht well do eng Infiltratioun vu Waasser wier. Dat heescht, do war also och e Waasserschued. Do sinn also einfach Saachen no Saache komm, wou mir am Fong eis net erwaart hunn. Dat sinn esou verschidde Punkten, mee ech ginn elo dem Här Schwarz d'Wuert, dem Architekt vum Projet, dee kann lech méi détailléiert d'Punkten och erklären, wat do geännert gouf, wat net virgesi war a wéi doduerch déi verschidde Käschen opgetaucht sinn.

HÄR SCHWARZ (Architekt): Ja guten Tag, Herr Gutiérrez hat das schon gut eingeführt.

Wir haben also an der Rue de l'École, da haben wir also zum Nachbarn eine Vorwand gehabt, man sieht die hier in Gelb, das sind diese gelben Linien, die wir als Abbruch gezeichnet haben, die war so als Cache-misère verkleidet, diese Wand. Wir haben dadurch natürlich auch Platz gewonnen, man sieht hier deutlich, dass das über einen halben Meter verbaut war, das haben wir jetzt für das Local Poubelles gewonnen, die haben wir abgerissen und dahinter festgestellt, dass also vom Nachbarn in diesem Bereich hier Wasser eingedrungen ist. Wir hatten erst Bedenken, dass es sich um eine Quelle oder Oberflächenwasser handeln könnte, es hat sich dann allerdings herausgestellt, dass beim Nachbarn ein Abflussrohr undicht war, et war also ein weniger gravierendes Problem, wir konnten es dann relativ einfach lösen. Allerdings sieht man hier auch bei dem Foto, dass die Wand hier unterfangen werden musste, das heißt, wir hatten also Unterfangmaßnahmen, die zusätzlich kamen. Da sieht man als Detail, was wir dann entwickelt haben, um dieses Problem anzugehen von der Statik her. Wir haben vor diese alte Wand, die Bestandswand, noch einmal eine neue Wand betoniert, um die Giebelwand zu stabilisieren, weil - man sieht es hier - die war nicht sonderlich gut. Wir mussten mit dem Ingenieur auch einige Maßnahmen im Stabilisierungsbereich machen, die zusätzliche Kosten verursacht haben.

Das hier ist der Bereich von der Nummer 37, das ist der alte Wohnhausbereich quasi, in dem die Leute damals gewohnt haben, wo sich die beiden Appartements befinden werden, im Erdgeschoss und in der 1. Etage und da haben wir auch gesehen, nachdem wir die Bereiche freigelegt hatten, dass zusätzlich Unterfangmaßnahmen der Wände nötig waren. Da habe ich diese 2 Fotos rausgesucht, wo man das sieht, wie hier der komplette Bereich unterfangen werden musste mit einer phasenweisen Betonierung, was relativ aufwendig ist und zusätzliche Kosten verursacht. Hier sehen wir den Ingenieursplan vom Hofbereich. Wir haben hier im Hofbereich das Niveau abgesenkt um diese Wände hier trockenzulegen, weil die sehr feucht waren von innen und dabei ist dann auch die Situation entstanden, dass diese Nachbarwände hier keine sonderlich guten Fundamente haben und dann wurde entschieden, mit dem Ingenieur zusammen, hier eine kleine Stützwand zu bauen die sich aussetzen kann, die hat die Höhe von etwa einer Bank um die Wände zum Nachbarn zu stabilisieren. Diese Maßnahme hier im Hof war auch nicht vorgesehen und hat dann auch zusätzliche Kosten verursacht.

Überhaupt hat man mit dem Nachbar Rue de l'École Schwierigkeiten, weil der Giebel in schlechtem Zustand ist, da haben wir die Aufmauerung vom Giebel und die Stabilisierung vom Giebel zusätzlich machen müssen. Hier sehen wir die Fassade von der Rue du

Commerce und die Seitenfassade von der Rue de l'École. Unser Ausgangskalkül war, diese Gewände von den Öffnungen, die wir wieder hergestellt haben, das sind das alte Scheunentor und auch diese beiden Fensterelemente sowie an dem seitlichen Giebel die neuen Öffnungen der Fensterwinkel hatten wir nicht in Sandstein vorgesehen, das wurde aber von Sites et Monuments so gefordert, dass wir die Encadrements in Sandstein vorzusehen, da gibt's natürlich auch ein Subsid von Sites et Monuments drauf, aber wir hatten dort einfache Putzfaschen vorgesehen. Das hat allerdings auch Kosten verursacht, die zusätzlich waren.

Da kommen wir noch zu einem Punkt, der technisch etwas komplizierter ist, wir haben eine Änderung... also grundsätzlich muss ich noch einmal sagen, dass das Programm, was wir realisieren mussten in diesem Gebäude schon sehr anspruchsvoll war das umzusetzen. Die 10 Chambres meublées und die 2 Appartements hier drin, noch mit zusätzlichen Gemeinschaftsbädern und -küchen, das war wirklich eine Herausforderung um das in diesem Gebäude unterzukriegen und die geforderte Lüftungsanlage und Haustechnik hat also einiges an Schwierigkeiten verursacht. In dem Dachgeschoss, hier ist der Technikraum, da wurde die Lüftung hier auf eine umlaufende Leitung verteilt, was anfangs auch kein Problem für den Brandschutz darstellte weil wir hier diese Chambres meublées in einer Einheit hatten, die waren brandschutztechnisch ein Kompartiment, dann wurde das Réglement geändert und auf Anraten von Sicolux, mit der wir uns abgestimmt hatten, wurde uns empfohlen, diese Kompaktierung zu ändern auf die einzelnen Chambres meublées, was natürlich vom Brandschutz her wesentlich besser ist aber dadurch wurden in den Übergangsbereichen von den einzelnen Zimmern zusätzliche Brandschutzmaßnahmen notwendig, die auch relativ teuer sind, was die Klappen in den Lüftungsleitungen angeht, die Schottung von der Elektroverkabelung, die dort durchgeht, muss ganz anders behandelt werden und das waren dann auch zusätzliche Kosten.

Jetzt sieht man hier noch mal drei Bilder von den zusätzlichen Durchführungen. Das hier ist ein Promatkasten in der Decke, der dann auch notwendig wurde um zwischen den Chambres-meublées und dem darunter liegenden Bad die Schottung herzustellen.

Da ist nochmal die Kostenübersicht. Die Hauptpunkte waren Gros oeuvre, der zusätzliche Abbruch, dass wir wesentlich mehr abbauen mussten wie geplant und zusätzliche Stabilisierungsmaßnahmen, die zwar angesetzt waren aber nicht im erforderlichen Umfang und die Haustechnik Elektro auch, weil die Elektro weitere Hausaltwege benötigte, wo die Durchführung komplizierter war wie das Gewerk Lüftung, Heizung und Sanitär, da sind eigentlich die wesentlichen

Steigerungen gewesen. Es waren jetzt nicht alle Punkte aber die Hauptpunkte haben wir erklärt, wenn Fragen sind, können wir gerne noch drauf eingehen.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Villmools Merci dem Här Schwarz an och dem Här Gutiérrez. Wëllt Dir nach eppes bäifügen?

HÄR GUTERRES (Architekt): Ech wollt just nach eppes Klenges zu de Subside soen, mir froen elo hei 470 000 Euro méi wéi virgesinn, mee wéi den Här Buergermeeschter et och sot, dat ass och um Ordre du jour den nächste Punkt, dat ass och dass mir op déi Suen do Subventioun vum Ministère de Logement kréien, vun de Subsidien hier bleiwe mir gutt, esou dass ënnert dem Stréch, wann d'Gebai fäerdeg ass, eis dat Gebai quasi näischt kascht. Dat wollt ech nach eng Kéier hei soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi Prezisioun. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir déi Explikatiounen. Am Juli 2018 huet d'CSV sech beim Vote vum Devis vun 1,7 Milliounen Euro zur Renovatioun vum Caramutas-Haus enthalen an ech betounen hei nach eng Kéier explizit, mir si selbstverständlech net géint d'Schafe vu Logements sociaux, mee mir waren der Meinung, dass éischtens d'Renovatioun vill méi komplizéiert wier an zimmlech sécher d'Präispropos never ever agehale kéint ginn, wéi dat och deemools schonn, wéi mer d'Gebai wou elo den Office social dran ass, wéi mir déi Renovatioun gemaach hunn, hu mir och gesinn dass vill Imprevue bei esou ale schützenswäerte Gebaier de Präis forcément an d'Luucht dreien an ech mengen - Dont acte - hei hu mir en Depassement vun 29%, dat toppt esouguer nach den Depassement vun 21% vun de Fraisen, wéi mir d'Gebai vum Office social ëmgebaut hunn.

Bon, wéi gesot, ech sinn och elo frou, dass mir eng detailléiert Explikatioun vun den diversen Imprévus durant la période d'exécution des travaux, wéi esou léif hei steet beim Préambule du devis drasteet, dat hutt Dir och gemaach, ech sot deemools och schonn, Schadstoffbeseitigung do stoung do pas dans l'estimation, dat kascht awer elo och 25 500 Euro. Beim Desamiantage hat ech och nogefrot gehat bei der éischter Diskussioun, wat do virgesi wier, do ware just 11 000 Euro bei der Ofdeckung vum Daach virgesinn, wat mir och e bësselche wéineg geschéngt huet. Bref, mir hate vill skeptesch Remarqué gemaach, déi och effektiv dann agetraff sinn, och bei Démolition, Echaffaudage, Toiturage asw. Electronique, alles ass méi deier ginn ewéi virgesinn. Zweetens hat sech d'CSV awer och enthalen, well mir einfach fonnt hunn, dat Gebai hätt een natierlech misse renovéieren,

well et effektiv och e Patrimoine huet, deen och extrem wichteg ass fir erhalen ze bleiwen a villäicht wier et an eisen Aen, ganz sécher esouguer méi bëlleg ginn, méi e funktionell Gebai draus ze maachen an net esouvill Wunnengen.

Den Här huet et och gesot gehat, zousätzlech Brandschutzmesuren, Elektresch, Lüftung ass alles méi komplizéiert wa mir 10 Wunnengen drasetzen, wéi wann een dat Ganz ganz anescht renovéiert. Den Här Buergermeeschter huet ëmmer betount, e Wunnhaus bleift en Wunnhaus. Hei hätt ee kënnen dat Gebai méi gënschteg renovéieren an awer och Subside kréie fir wa mir et zum Beispill integréiert hätten an de Campus Strutzbierg, well mir wëssen, de Campus Strutzbierg brauch Plaz, dee platzt aus allen Néit. Et ass gesot gi bei der leschter Schoulkommissiounssitzung an hei gouf eng Geleeënheet verpasst dem Strutzbierg zousätzlech Raimlechkeeten ze ginn, fir den ONE oder d'Schoulmedezin an esou weider. Mir hätten an eisen Ae mat deene Suen, dat sinn 2,2 Milliounen Euro, wou dat heiten eis elo kascht, hätt mir och kënnen 4 Haiser op Lenkeschléi kafen. Just saying.

Ech hunn awer e puer konkret Froen: De Subsid vum Environnement, deen ass ewechgefall, dee war bei der éischter Evaluatioun, do stoung deen nach dran, deen ass elo fort. Dann, ech verstinn net, dat musst Dir mir vläit erkläre firwat den Office social do mat 700 000 Euro dra steet, dat ass mir net kloer. Dat krute mir nach ni erkläert.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Dach! Méi wéi eemol, ech gi gläich drop an.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da war riets gaangen, eventuell Solarpanneauen anzesetzen, den Här Thill hätt warscheinlech déi selwecht Fro gestallt. Dann hunn ech eng Fro: Baunebenkosten - Ville de Dudelange, do kommen elo 75 000 Euro dobäi, wou kommen déi hir well do stoung virdru pas dans l'estimation. An dann hat Dir nach gesot d'Opdeelung Service Logement - Cellule Logement, ech huelen un, dat sinn déi 10 Zëmmeren, dat kéint een erklären, wéi do déi prozentual Opdeelung ass.

Da kommen ech zu der Konventioun. Mir hatten déi doten Diskussioun och schonn am leschte Gemengerot, wou mir eng aner Konventioun hatten iwwer déi Haiser an der Bodrystrooss. Ech fannen et nach ëmmer e bësse schuet, dass mir mat de Kontrakter hei déi Haiser awer op 40 Joer hypothekeieren, dat heescht, dat Haus muss 40 Joer wierklech an där Affectatioun bleiwen. Et muss een och kucken wéi d'Affectatioun ass, grad bei den 10 Chambre-meublées, an wéi eng Richtung geet et mat de Familjekompositiounen, déi mir herno och mussen an esou Zëmmeren setzen.

Hu mir esouvill Celibatairen, déi mir do eenzel ënnerbréngen? Dat fannen ech schuet well mir jo awer dat Haus esou ageriicht hu fir 10 eenzel Stéit, ob dat wierklech esou glécklech ass. A wat mir och nach ëmmer erëmkennt, wéi ee Wäert ass eng Location a coût modéré? Och do hu mir vum Ministère och nach keng kloer Richtlinn, wéi dat berechent gëtt. Mir hunn elo d'Locatioun, d'Diskussioun hate mir virdru mat 10 – 20 Euro pro Quadratmeter, a wéi eng Richtung geet et do? Dat ass och eppes wat een net genau weess.

An da war ebe komesch, dass an der Konventioun net obligatoresch virgesinn ass, dass et do muss eng behënnertegerecht Accessibilité ginn, wat mir e bësse komesch fannen well se am Ministère jo ëmmer dovunner schwätzen, dass een op esou eppes soll oppassen. Grad fir Sozialwunnengen. Voilà, dat waren nach e puer Remarques. Mir enthalen eis op alle Fall beim Devis well mir vun vira gesot hunn, dat gëtt souwisou ze deier a mir hatten eng aner Affectatioun dofir. Bei der Konventioun si mir awer averstanen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci. Wann een un aalt Gemaier schaffe geet, da weess een ni wat een erwaart. Iwwert dem Schaffe kommen ëmmer erëm Iwwerraschungen, déi een net am Virus ka wëssen an och net ka chiffrieren. Dass et dann natierlech zu Supplemente kennt, dat ass jo dann awer och kloer. Mir hunn d'Erklärungen héieren a mir gesinn am Tableau d'Chifferen, dass et haaptsächlech zu Hausse komm ass beim Gros d'Oeuvre. Wann ee buere geet oder ufängt ze rappen dann ass natierlech ënnen d'Grundmauer e grouss Problem, dee mat der Fiichtegkeet dobäi komm ass, wéi een och um Bild gesinn huet. Dann och d'Daachbechten, déi méi deier gi sinn duerch d'Upassungen un de Giewel an dann och déi technesch Geräte, Brandschutzmoossnamen, Haustechnik asw. Ech hunn och gesinn, dass bei en Elektroinstallatiounen do en héije Montant bäikomm ass an dann och déi Zomm vun 164 000 Euro, déi regroupéiert ass. Fraisen, déi am Ugangsdevis net estiméiert waren, spréich d'Kichen, an dann och d'Sandsteng vun de Fensterabäerdungen an esou weider, déi bäikomm sinn.

Mir hunn awer och gesinn, dass och d'Subside bedeitend an d'Luucht gaange sinn. Si sinn och gewuess, esou dass de Projet somma summarum och dank dem Apport vu 700 000 Euro vum Office social, - d'Madame Kayser war ganz iwwerrascht, a sot dat dote fir d'éischt ze héieren, mee ech mengen et ass méi wéi eng Kéier ervirgestrach ginn, dass den Office social 2 Tranchen eng Kéier 500 000€ an 200 000€ an dëse Projet investéiert huet, Suen, déi mir vun der Oeuvre Grand-Duchesse Charlotte un Dotatiounen kruten, esou dass mer d'Rechnung gemaach hunn,

dass mat de Subsidien an da mat där doter Subventioun vum Office dann d'Gemeng souzesoen - kee gutt Geschäft gemaach huet - awer eng Nullronn mécht u Käschtchen, dee Projet do ass also fir d'Gemengekeess net be- laaschtend ass.

Mir haten d'Wichtigkeet vun dësem Projet och schonn e puermol ervirgehuewen. 2 Apartementer an 10 Chambre-meubléeën, déi deels un den Service Logement opgedeelt wäerte ginn, - dat wäerten d'Appartementer sinn, déi also dann éischter u kleng Familljen oder Famillje mat engem Kand, verlount ginn an anerersäits déi 10 Chambre-meubléeën, déi an d'Gestion locative sociale, déi den Office Social jo bedreift, goen. Hei sinn also éischter allengliedend Leit viséiert. Dat kënnen jonk Leit sinn, déi vun der Schoul kommen a nach keng Aarbecht hunn, fir deenen eng Startchance ze gi fir 2-3 Joer och mat engem Projet de vie, fir do eng Assise ze fan- nen. Och dat wäerte mir eventuell an deem dote Kader als Projet vum Office social also als Gestion locative sociale gesinn. Wéi gesot, e flotte Kader, et gëtt e Bijou wann een dat dote gesäit, et passt och ganz gutt dohinner vu dass dat Ganzt no un der Maison sociale ass. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksam- keet.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeesch- ter): Merci dem Här Zuang.

SEMIRAY AHMEDOVA (Déi Gréng): Merci fir d'Wuert, villmools Merci och fir d'Erklä- rungen, ech denken dat ass hei effektiv eng Sauvegarde vum Patrimoine ass, déi mir hei maachen an an dem Sënn begrëssen ech och wéi Dir dat ganz gemanaged hutt a vill Courage nach fir déi weider Aarbechten, mir gesinn dass et guer net einfach ass. Par con- tre eng kleng Remarque. Et si Saachen defi- nitiv bei enger Renovatioun, déi een net ka virgesinn, mee ech froe mech awer, ech war 2018 net dobäi, ech sinn amgaangen, déi Projeten ze entdecken, quitte dass ech déi Saachen duerchgelies hunn, fannen ech awer trotzdeem, en Desamietage an Haustech- nik, Brandschutz wann een awer e Programm huet, hätt een awer missen am Cahier de charges virgesinn, ech weess elo net ob deen an deem Moment komplett war. Ech denke mer och, bei enger aler Bausubstanz, wou ee wëll souvill Wunneenheeten dra maachen ass et bal selbstverständlech dass een eng mechanesch Belëftung muss mat aberech- nen, dofir huet mech dat iwwerrascht, wéi- sou mir dat net virgesinn haten. Ech hu mech just gefrot wéi vill Quadratmeter mir wäerten hunn, also d'gesamt Wunnfläch.

Ech hunn eng aner Fro: Hätte mir net kéinte manner Kummere maachen a méi qualita- tiv? Wéi gesot, ech entdecken de Projet. An déi aner Fro, méi konkret, ass: Gëtt hei mat nohaltege Materialie gebaut? Zumools bei enger aler Bausubstanz ass et wichtig, datt mir ootmungsaktiv Materialie benotzen an

eben dee Moment mat enger Kombinatioun vun enger mechanescher Belëftung ass dat pertinent fir dass mir och net mussen no 10 Joer, nodeems mir esou e Bijou hunn, dat och net verschimmele loossen oder dass Leit ufänken, krank ze ginn, well- ech ginn elo net an den Detail- mee wann een deemno wéi mat aneren Isoléiermaterialie schafft wéi Sty- ropor, zum Beispill, ass de Risiko ebe grouss, dass et hannert de Wänn schimmelt, wann ee vu bannen oder baussen isoléiert. Enfin bref, nohaltege Materialien, ootmungsaktiv a wéi ass et mat erneierbaren Energien? Wéi gëtt dat Ganz gehëtzt, mat eventuell enger Wärmepompe? Well ech huelen un, wat ass den Energiestandard vun deem Ganzen? Hätt ee kéinten or kéint een nach mat er- neierbaren Energië komplett hëtzen? Voilà. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeesch- ter): Merci der Madamm Ahmedova. Weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da ginn ech fir eng Rei Froen d'Wuert weider un den Här Schwarz, respektiv den Här Guterres fir d'Äntwerten an déi méi poli- tesch Froen, do ginn ech d'Äntwert.

HÄR SCHWARZ (Architekt): Ich fange direkt an mit den konkreten Fragen hier. Die Lüf- tungsanlage war vorgesehen aber es sind zusätzliche Abschottungsmaßnahmen inner- halb der .., also aufgrund des Designs der Anlage im Dachgeschoss, diese Ringleitung, die wir da geplant haben, sind zusätzliche Abschottungsmaßnahmen dazu gekommen und es ist aufwendig, die Lüftungsanlagen da brandschutztechnisch so zu machen, dass sie konform sind. Zur Frage mit den Materialien, soweit das möglich war, haben wir versucht, mit den traditionellen Materialien zu arbei- ten also innen ist ein Kalkputz, da wo es nötig war ein Kalk-Zementputz gemacht worden. Am Dach haben wir nur zu den Nachbarn – weil das doch gewissermaßen ein öffent- liches Gebäude ist – haben wir mit Mineral- wolle gearbeitet, 1,5m in Abstimmung mit der Feuerwehr und ansonsten ist das Dach mit Holzfaser gedämmt, also auch ein natür- liches Material, es ist traditionell wieder mit Schiefer eingedeckt. In der Denkmalpflege arbeiten wir ohnehin mit den traditionellen Materialien, die immer verwendet wurden und auch am besten sind für so ein Gebäu- de, was natürlich bedeutet, dass keine Däm- mung gemacht wird an der Außenfassade und dadurch die Energieklasse nicht Tripple A ist wie eben genannt wurde, sondern die ist dann nicht so gut aber dafür ist das Ge- bäude frei von Styropordämmung und sons- tigen Dingen.

Innen haben wir in den Appartements wie- der ein Eichenparkett eingebaut, es ist also schon eine hochwertige Ausstattung. Zur erneuerbaren Energie, da gab es die Diskus- sion, wir haben es versucht, Solarthermie zu verwenden. Geheizt wird mit Gas, weil auf- grund des beschränkten Platzes, den wir im

Gebäude haben ist eine Pelletheizung, also eine Biomasseheizung nicht möglich. Es war nicht möglich, den Brennstoff zu stockieren, deshalb wurde auf eine Gasheizung gegan- gen, aktuell immer noch eine Möglichkeit, die halbwegs vertretbar ist, Wir wollten So- larthermie aufs Dach bringen hat sich aber aufgrund der Geometrie vom Dach, wenn man es hier sieht im Plan ... das ist die Süd- seite und die ist zum öffentlichen Bereich und da kriegen wir mit dem Denkmalschutz Probleme, das ist die Quadratur des Kreises bei diesen Projekten, alles zu verwirklichen. Das ist leider nicht immer möglich. Wenn die Südseite die abgewandte Seite ist, die nicht öffentlich einsehbar ist, dann kann man schon Solarthermie oder Fotovoltaik realisie- ren, aber hier im Hof, das ist die Nordseite, wäre es nicht günstig gewesen, maximal die- ser Bereich da haben wir Velux drin gehabt, relativ hohe Beschattung bei niedrigem Son- nenstand, bei der Abstimmung mit den In- genieuren das dann fallen lassen geworden. Das hätte keinen wirklichen Nutzen gebracht. Dann machts auch keinen Sinn, ein solches System zu installieren, wenn das Rendement dann nicht stimmt. Ich hoffe ich habe ihre Fragen soweit beantwortet.

SEMIRAY AHMEDOVA (Déi Gréng): Merci, ech hoffen ech ka kuerz reagéieren, ech sinn absolut och dogéint, dass een esou Haiser géif op d'Klass AAA erop isoléiert, dat wëll ech betounen. Et ass wichtig, dass een eng Isolatioun ubréngt fir awer e gewëssene Con- fort bannen unzebidden, mee absolut net fir d'Zilsetzung A, B oder C, dat ass eis bewosst. Mir begrëssen awer d'Initiativ vum Benotze vun nohaltegem Material. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeesch- ter): Merci fir déi doten Nofro. Här Gutiérrez.

HÄR GUTIÉRREZ (Architekt): Jo, ech wollt nach zougoen op déi Fro vun der Madamm Kayser, déi Fro firwat 10 Logementer a keng 12. Also, ech kann lech soen, dass dat vum Präis guer näischt ausmécht, ob mir elo do 10 oder 12 Wunnengen dra maachen. Mir hunn et wierklech esou versicht ze plangen, dass mir esouvill kéinten draus maachen, wéi mir kënnen, wéi Dir all wësst, déi Demande ass do a mir wollten och op dësem Projet hei keng Plaz verschwenden an dann, wéi gesot, du versichs souvill draus ze kréien wéi een nëmme kann. Deen Deel vu Schuedstoffsä- néierung, et ass esou, dass mir wa mir e Pro- jet renovéieren oder ofrappen, dass mir dann d'office schonn eppes am Budget dran hu fir dass mir dat kënnen plangen a wann et muss gemaach ginn, dass de Budget dann och do ass.

Zu der Fro vum Environnement, do waren 20 000 Euro virgesinn. Et ass elo schwéier, ganz genau ze soen wéi vill mir do kréien well am Fong kréie mir just genau gesot wéi vill mir kréie wann de Projet fäerdeg ass. Dat gëtt op de Quadratmeter gerechent, wann déi Kritä-

ren agehale gi sinn, déi si eis virgeschriwwen hunn, wat hei och de Fall ass. Trotzdeem kënnen mir net genau soe wat mir kréien, mee mir schätzen dat op 20 000 Euro, déi mir kéinte vun hinne kréien. Zu de Solarpanneauen huet den Här Schwarz geäntwert, den Daach läit am Fong net ganz gënschteg an d'Plaz ass net grouss, mir hunn eng Berechnung gemaach an do hu mir gesinn, dass dat net sënnavoll wier fir dat an dëse Projet mat dranzesetzen. Dann zu de Baunebenkosten, also d'Käschte wat de Chantier ugeet, dat heescht d'Elektresch, d'Panneaue fir de Chantier an alles wat niewebäi muss lafe fir de Projet, dat wat ee brauch dass et weider kennt.

Dann den Accès PMR, dat heiten ass e geschützten Projet vu Sites et Monuments, do kënnen mir net vill un den Niveau ännere goen, dat heescht, och am alen Deel si mir ënnert den 2,50m, déi normalerweis Virschreift sinn, do krute mir eng Interrogatioun, dass de Plafong méi déif läit wéi soss ëmmer, dofir kéint mir do fir de behënnertegerechten Accès ganz schwéier do eppes maachen. Et ass dru geduecht ginn am Ufank, mee dunn ass d'Idi ecartéiert ginn, well et wierklech net méiglech war. Dat ware mol déi Froen, déi ech mir hei opgeschriwwen hunn. Merci

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Här Thill.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci, et war eng Fro vun der Madamm Ahmedova iwwer d'Quadratmeter Wunnfläch, déi ee schliesslech huet, déi géif mech och interesséieren.

HÄR SCHWARZ (Architekt): Das hab ich leider nicht im Kopf, die Quadratmeter, das können wir Euch aber nachliefern.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Menger Erënnerung no leie mer bei 10 an 12 Quadratmeter bei de Chambre-meublées, mir hunn de legale Kader vum Gesetz, wou 9 Quadratmeter virgeschriwwen sinn, mir beweegen eis an deene Paragen. Et sinn also méi kleng Unitéiten. Ausser bei den Appartemen, do weess ech net méi genau, mee ech mengen awer bei de Chambre-meublées si mir am legale Kader wou déi 9 Quadratmeter virgeschriwwen sinn. 9 Quadratmeter ass de Minimum, dat wat d'Gesetz virgesäit. Mir si licht driwwer. Gutt, mir kënnen dat genau nokucken an lech zoukomme loossen. Pro Cellule a pro Logement.

Ech géif da vläit op déi méi politesch Konsekrationen agoe. Nom Corollaire vun der Diskussioun, déi mir virdrun hatten, mengen ech, ass dës Majoritéit, mee net nëmmen dës Majoritéit dofir, dass mir Responsabilitéit iwwerhuelen, wat d'Schaffen ugeet vu Wunnengen, do wou et méiglech ass an do wou et néideg ass an ech mengen, et ass déi selwecht Diskussioun, déi mir och 2018 hatten, dass hei matzen am Stadkär vun Diddeleng, wou 2 Haiser waren, dass mir op de Wee sol-

le goe fir déi 2 Haiser zesummenzeschleissen an 12 Wunnunitéiten ze maachen.

D'CSV war éischter der Meinung dass do Bureaue sollen entstoën an net Wunnengen. Dir sidd lech do Ärer Linn treu, mee ech deelen net déi Meinung, vu d'Rezessioun par rapport zu der Nout, déi mir um Maart hu par rapport zu de Wunnengen, esou dass ech mengen, vu dass mir hei näischt musse bäileeë bei deem Projet, dass dat gutt investéiert Sue sinn an e Wunnengsbauprojet mat 12 Unitéiten, déi verschiddene Familijsituatiounen kënnen Rechnung droen, déi eng gewësse Precaritéit oder e Besoin hunn a puncto Logement. Ech kéint mir net virstellen, an dësem Gemengerot 2 Wunnhaiser ëmzeswitchen a Bürosfläch, dat wier de falsche politesche Message, deen dëse Gemengerot géif ginn, wann en esou e Projet wëilt ëmsetzen.

Ech huelen och zur Kenntnis, dass zwar engersäits d'CSV d'Konventioun matstëmmt, mee de Projet awer net, obwuel d'Konventioun intimement liée ass mam Projet, dat ass e bësse kontradiktöresch, mee Merci awer, dass Dir dofir stëmmt, dass mir d'Recettë kréien. Mee wéi gesot, ouni Projet keng Konventioun an ouni Konventioun kee Projet, deen ee guttheescht esou wéi et virgesinn ass. Dat par rapport zum politesche Message. Deen anere politesche Message, deen ech hei och wëilt ginn, well d'Madamm Kayser ganz pauschal gesot huet fir 2,1 Milliounen Euro kéint een och op Lenkeschlei eppes bauen. Mir hate virdrun e Projet, deen am Kader vum PAP Lenkeschlei am Kader vun deene 10% 5 Maison-unifamiliale subventionéiert, 3,5 Milliounen Euro kaschten déi eis. Ech denken net, dass dee finanzielle Calcul, deen Dir hei maacht opgaange wier, au contraire, mir hätten net kéinten 12 Unitéiten, 10 Chambre-meublées an 2 Appartemen, opgedeelt Cellule respektiv Service Logement an där doten Optik, wéi Dir sot, op Lenkeschlei ëmsetzen.

Op alle Fall hätte mir do, an do well ech och der Madamm Ahmedova Äntwerten, och wann dat heiten de Raum optimal genotzt ass, setze mir och hei op Qualitéit, et soll een net den Uschäi ginn, well mir do alles eraushuele wat mir kënnen eraushuelen, dass dat au détriment vun der Qualitéit ass. Am Contraire ass et esou, dass déi Leit, déi an déi Chambre-meublées kënnen kommen wéi och an déi Appartemen sécherlech qualitativ eppes opfanne wat och ganz respectéiert ass an sech och den Unitéiten aschreift vun hirem Liewen. Also mengen ech net dass mir hei, wéi d'CSV et gesot huet, eng Geleeënheet verpasst hunn, mee eng Geleeënheet genotzt hu fir weidere Wunnengsraum hei an Diddeleng ze schaffen an och deen eng Rei Famillen a verschiddene Situatiounen kënnen ze ginn.

Dann, par rapport zum Office Social, do huet den Här Zuang geäntwert zu deene Suen déi mir kréien an ech well hei betounen dass et ganz appréciable ass am Kader vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, dass mir hei déi Zesummenaarbecht zwëschen der Stad Diddeleng an dem Office Social a senger Qualitéit als Etablissement public och weider stäerken an hei weider Zesummenaarbecht ustriewen.

Da kommen ech op den zweeten Deel vun der Konventioun. d'Madamm Kayser ass och op d'Konventioun agang. Jo, hei sinn déi nei Bestëmmungen, déi komme säitens vum Logementsministère, dass dat 40 Joer soll an ëffentlecher Hand bleiwen an d'Konventioun gesäit jo och vir, dass wann d'Gemeng sech aus iergendwelleche Grënn deenen 12 Wunnunitéiten wëilt entleeden, dat misst jo dann och eng politesch argumentéiert Debat sinn, firwat se dat wëilt maachen – dat ass jo dann automatesch och de Staat, deen en Droit de préemption huet, hei ass dat och an et ass wichteg, dass séchergestallt ass an dat sinn déi Diskussiounen déi gefouert goufen och mol méi kontrovers, dass et net op eemol a privat Hand iwwer geet well jo awer hei och en décke Subsid vum Staat kënnt, dofir ass et wichteg, dass dat och an ëffentlecher Hand bleift.

Dann, par rapport zu där Remarque, déi gemaach gouf par rapport zum Präis, och do wäert eng nei Gesetzgebung ganz kloer definéieren, wat e Logement abordable ass. De Moment ass jo de Prinzip 10 Euro de Quadratmeter dat ass och bëssen am Kader vun de Chambre-meublées oder wann den Office Social eemol effektiv d'Locatioun iwwerhëlt an dat anert ass de Prinzip, dat ass 20% ënnert dem Marchépräis, dat sinn Iwwerleegungen déi och am PAP Lenkeschlei waren dat ass déi Iwwerleegung déi een de Moment huet mee et ass och de Punkt, déi um legislative Plang ze iwwerschaffen. Domadder sinn ech op déi verschidde Punkten agang.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, just eng ganz kleng Remarque mir fannen dass dat zwee Puer Schong sinn, dofir ass et net kontradiktöresch dass mir eis enthalte beim Devis a bei der Präiserhéijung, well mir eng aner Affectatioun wëllen haben, mee wann da jo awer den 1. an den 2. Punkt gestëmmt sinn a wann dann awer déi Wunnengen dohinner kommen an da kënnt eng Konventioun, da si mir natierlech mat der Konventioun averstanen. Wann een eent nom anere mécht, ass dat guer net kontradiktöresch.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Ech soen lech just, dass e Lien zwëschen deenen zwee besteet, mee gutt, komme mir zum Vote. Et huet ebe jiddereen seng Positioun.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci, ech hunn

och just nach zwou kleng Froen zu der Konventioun an zum Avenant dozou. Déi éischt Fro: An der Konventioun mam Staat, do steet am Artikel 12.1 de viraussiichtlechen Datum vun der éischter Mise en location wier den 1. Juni 2021, dat heescht an engem Mount an den Datum gëtt am Avenant net geännert, dofir meng Fro ob den Termin kann agehale ginn a wann net, wéini da mam Ufank vum Verlounen ze rechnen ass? Meng zweet Fro betrëfft och den Avenant zu der Konventioun, do an den Dokumenter, déi mir kruten, do war rieds vun enger Annex 4 mat der Participation financière, déi vum Staat berechent ass. Déi Annex huet awer an den Dokumenter gefeelt, kënne mir déi Annex 4 nach wann ech gelift nogeliwwert kréien? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Jo. Par rapport zu der Annex 4, ech mengen, déi war bei der initialer Konventioun dobäi, ça m'échappe dass déi vläit beim Avenant gefeelt huet. Mir kënnen dat nokucken a ganz gär noschécken. Et ka sinn, dass de Logementsministère vergiess huet eis déi ze liwweren, mir froen dat no an da schécke mir se weider, dat ass jo Partie intégrante vun der Konventioun. Par rapport zum Timing vum Projet, do kann ech d'Wuert weiderginn un den Här Schwarz an un den Här Gutiérrez, ouni hei awer wëllen ze präziséieren, dass zwar net am Avenant steet, mee dass an der Konventioun steet: la date prévisionnelle, net la date de la première mise en location. Dat ass Date prévisionnelle.

HÄR GUTIÉRREZ (Architekt): Jo, ech mengen, den Här Buergermeeschter huet grad op d'Fro geäntwert. Et ass previsionell, et ass kee genauen Datum. Do muss een d'Differenz maachen. Déi aner Saach, wéini de Chantier soll fäerdeg ginn, also, mir hate virgesinn, dass virum Congé collectif dann de Chantier prett wier, also Enn Juli, wann alles weider esou geet wéi bis elo. Dir wësst jo, wéinst der Pandemie geet alle e bësse méi lues, mee normalerweis ass geplangt, mat deenen Aarbechten, déi eis nach feelen, si mir ongeféier virum Congé collectif fäerdeg.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Also an deem Sënn leie mir net schlecht.

HÄR SCHWARZ (Architekt): Also, ganz kurz noch der Hinweis kam mir vohin der Bau ist schwierig im Moment überhaupt noch etwas zu planen weil Lieferzeiten ständig sich verlängern und Firmen überhaupt keine Zusagen mehr machen können, wann sie Material liefern können. Als Beispiel, man hört von Firmen, die 1000 Quadratmeter USB-Platten bestellen und bekommen nur 200 Quadratmeter geliefert, das ist eine Ausnahmesituation, wie ich sie am Bau noch nicht erlebt habe. Also von daher, wir versuchen unser bestes, das bis Sommer bis zum Congé zu schaffen aber im Moment ist es sehr schwierig, Zusagen zu geben.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, Merci fir déi Prezisioun, et si jo och verschidde Federatiounen, déi och ganz kloer en Appell gemaach hu mat de Schwieeregkeeten, déi se hu mat de Fournisseurs, mee dat ass e weltwäite Problem, deen net just Lëtzebuerg betrëfft. Ceci dit proposéieren ech op de Vote iwwerzegoen, wien ass mam Devis remanié a mam Crédit supplémentaire averstanen? Dat si Stëmme vun der LSAP, déi Lénk, déi Gréng an den Onofhängege Member. Wien enthält sech? CSV.

Da gi mir zu der Konventioun iwwer, wien ass mat der Konventioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci. och dem Här Schwarz an dem Här Gutiérrez Merci fir hir Präsenz haut de Moien am Gemengerot an och déi Erklärungen, déi se ginn hunn.

3.5. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF A VUN ENGEM ZOUSÄTZLECHE KREDIT FIR DE KAF VU MIWWELE FIR D'MAISON RELAIS RIBESCHPONT

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider op en Devis estimatif an e Crédit supplémentaire an der Maison Relais Ribeschpont fir de Mobiller. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci, Dir hutt ënnert dem Punkt 3.5 den Devis an de Crédit supplémentaire fir d'Maison Relais Ribeschpont virleien. Dir wësst, dass déi Maison Relais am September wäert opgoen, mir hunn elo d'Pläng fäerdeg, mir haten Devisen ugefrot fir de Mobiller. Firwat gëtt et liicht méi deier? Mir haten am Budget initial 200 000 Euro virgesinn, mir leien elo bei 240 000 Euro, ech wëll dat awer erklären. Mir hunn eng Salle de motricité, dat Material ass wesentlech méi deier wéi virgesinn, mir wollten do awer och keng Aschnëtter maachen an deem Sall vu dass mir vum Ministère 2 500 Euro pro Kand kréien, also pro 136 Kanner wëll ech definéieren, do gëtt et eng Rechnung, fir spezifesch Material wat net Dëscher a Stoll a Schief sinn, esou dass dat heiten am Fong eng liicht Adaptatioun wier zu deem wat virgesi wier. Wann do Froe sinn...

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Si Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, mir sinn natierlech ëmmer bei all Invest fir an eis Schoulen dobäi. Meng Fro ass just: Mir haten d'Chance fir dat flott Bildungshaus Lenkeschléi - wat jo elo net méi esou heescht - kucken ze goen. Ech gesinn awer, hei ass sech drun inspiréiert ginn, mir huet virun allem déi Salle des jeunes extrem Freed gemaach well dat ass eppes Flottes, en Openthaltsraum fir déi Kanner aus dem 5. a 6. Schouljoer, well déi awer e bëssen aner Besoinen hunn oder sech wëllen zeréckzéien, dat ass jo och elo hei virgesinn, dass deen och hei mat integ-

réiert gëtt. Meng Fro ass och: Gi mir och e bëssen an déi Richtung wéi op Lenkeschléi, wat immens flott ass, dat sinn déi modulabel Sätzgeleeënheeten an déi verschidde bewegungsstimuléierend Sätzgeleeënheeten oder Stogeleeënheeten, si mir och an déi Richtung gaangen? Wat och ganz interessant do ass, an där Salle d'inspiration ass jo och hei Material virgesi ginn, wéi och déi Tafelen an Dëscher, hu mir eis e bësselchen do orientéiert? Wat ech e bësse vermësst hunn, mee dat ass awer wirklech net schlëmm oder villäicht erkläert Dir mir dat, firwat kee Bibliothéiksraum virgesinn ass? Bleift deen einfach an der Schoul Ribeschpont?

An dann, Dir hat ganz richtig ënnerstrach, vun der Salle de motricité, do wëll ech nach eng Kéier dat ënnersträiche wat mir och zanter Joren ëmmer erëm froen, dass mir e Psychomotricien astelle fir och ausserhalb vun de Schoulzäiten eis Kanner en charge ze huelen. Mir hunn elo um Deich, op Lenkeschléi, am Ribeschpont a mir kréien och an der neier Crèche am Quartier Italien e Psychomotricitéitsraum an D'Madamm Di Bartolomeo hat ugedeit, dass een d'Méiglechkeet huet, iwwert Accueil e Psychomotricien anzustellen, well mir hunn ëmmer gesot, déi Kanner, déi wibbeleg sinn an déi e Besoin hu fir encastréiert ze ginn, déi sinn dat net just an der Schoulzäit mee herno och an der Maison Relais an do wollt ech nofroen, a wéi eng Richtung mir do ginn, well de Mobilier souwuel am Snöselraum wéi och am Motricitéitsraum ass eng Saach, mee de Mobilier gezillt asetzen an dofir eng Plus-value fir eis Kanner ze kréien, dat ass eng aner Saach, an do wier qualifizéiert a speziell ausgebild Personal natierlech och eng extrem gutt Plus-value. Dat waren déi puer Remarquen, déi ech nach wollt maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Weider Remarquen? Dat ass net de Fall. Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Villäicht déi éischt Fro zum Mobilier, ech wëll do soen, dass mir mat der selwechter Firma geschafft hunn, wéi an der Lenkeschléi, mir hunn do extrem gutt Experienze gemaach, mir hunn och op all déi Saachen, déi mir elo schonn als Erfahrung an der Lenkeschléi gemaach hunn, konnte mir erëm nees profitéieren, déi hunn och hei erëm eng fantastesch Aarbecht gemaach. Ech invitéieren lech, och einfach eemol esoumal d'Gebai aus dem Gros vum Chantier eraus ass, fir dohinne kucken ze goen well et ass impressionant wat do steet, och einfach deen Holzbau. Dann zu der Psychomotricienne. Jo, et ass richtig, mir hunn iwwerall där Säll. De Moment ass et jo éischter iwwer d'Schoul wou dat fonctionéiert, wuelwessend, dass wa mir déi Säll hunn, mir iergendwann och sollten op de Wee goe fir an der Maison Relais dovunner ze profitéieren. Also, et ass virgesinn, mee et leeft nach net.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech proposéieren dass mir iwwert dësen Devis ofstëmmen, wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

3.6. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'MISE EN PLACE VUN DEN INFRASTRUKTUREN AN DE RESEAU FIR D'KULTURJOER 2022 UM SITE "NEISCHMELZ"

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Dann den nächsten Devis betrëfft eng Exekutioun vum Gemengebudget, dat ass en Devis vun 200 000 Euro fir d'Mise en place vun Infrastrukturen a Reseau fir d'Kulturjoer 2022 op Neischmelz an hei geet et virun allem drëms, déi zwee Gebaier, déi mir notzen, de Vestiaire Wagonage an de Lokomotivschapp effektiv mateneen ze verbanne an dann notament eben Elektresch, Kanalisatioun a Waasserleitung vum Vestiaire an de Lokomotivschapp ze verleeën an déi mateneen ze verbanne an déi ginn un den Reseau public ugeschloss fir dat 2022 och kënnen ze notzen. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen?

SEMIRAY AHMEDOVA (Déi Gréng): Ech hat just eng kleng Fro dozou well et steet am Kader vum Kulturjoer an ech hu mech gefrot ob een dat och nom Kulturjoer ka benotzen? Oder gëtt dat duerno ewech geholl?

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Mir hate schonn d'Diskussioun iwwer déi zwee Gebaier, déi de Fonds du Logement eis zur Verfügung stellt an déi mir renovéieren an déi mir iwwer 2022 eraus wäerten notzen. Also net e One Shot. Ass de Gemengerot averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.7. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE REMPLACEMENT VUN DER HEIZUNGSREGELUNG AM CENTRE D'ART DOMINIQUE LANG

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, da gi mer an de Centre d'Art Dominique Lang, wou mir d'Regulatioun vum Chauffage mussen ersetzen, do hu mir am September 2020 d'Chaudière misse wiessele, elo ass et un der Regulatioun, déi ass vun 1992. Wa mir dat kënnen maachen, kënnen mir eng méi gezielte Leeschtung asetzen, wat de Chauffage ugeet.

Huet de Gemengerot Froen dozou? Neen? Sidd Dir averstanen domat. **Dat ass unanime,** da soen ech lech och do Merci.

3.8. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE KAF AN D'MISE EN PLACE VUN ENGER HEBEBÛN AM MECANICIENSATELIER VU DER GEMENG

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Dann hu mer en Devis fir de Service Ga-

rage, do ass fir d'Mise en place vun enger Plateforme élévatrice, mir hunn an eisem Garage jo och de Entretien vun eisem Fierpark, do brauche mir eng nei fir eis Mecanicien, dat schléit mat 72 000 Euro zu Buch fir eise Leit d'Aarbecht ze erliichteren.

Si Froen dozou? Neen, da gi mer zum Vote iwwer. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.9. APPROBATIOUN VUN DEKONTEN

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Dann den nächste Punkt, d'Dekonten, dat sinn der siwe Stéck. Ech fänken u mat der Remise en état vum fréiere Policegebai, 1,2 Milliounen Euro war den Devis, d'Depense war 1 178 915 Euro. Mat engem Subsid vum Kulturministère vu bal 70 000 Euro.

Dann de Centre sportif René Hartmann, de Revêtement du sol, 215 000 Euro war den Devis, d'Depense war 167 378,13 Euro an do hu mir e Subsid kritt vum Sportsministère vun 41 800 Euro, déi Depense ass méi bëlleeg ausgefall well mir en anere Buedemopbau gemaach hunn.

Dann an der Butschebuerger Schoul de Renouveau vum Sanitaire a vum Vestiaire, 543 112 Euro den Devis an d'Depense war 517 373,64 Euro, do krute mir och Subside vum Ministère de l'Environnement vu bal 19 280 Euro a vum Sportsministère 133 500 Euro, also insgesamt 152 780 Euro Subsid.

Vum Jugendhaus den Reamenagement bausen, 50 000 Euro war den Devis an d'Depense war 49 959,29 Euro an dann den Interface Gill fir eis Waassercompteuren, 100 000 Euro war den Devis an d'Depense 99 190 Euro.

Dann um Stade Meyer d'Remise en état vun der Fassad vun den ale Vestiaires 125 000 Euro den Devis an d'Depense war 77 796,35 Euro. Et huet ee gesinn, dass d'Offer, déi mir haten, méi bëlleeg ausgefall ass wéi den Devis do krute mir och e Subsid vum Ministère vun 31 250 Euro.

Dann d'Signalisation routière, d'Mise en conformité, 50 000 Euro war den Devis an d'Depense war 49 248,72 Euro.

Dat zu den Dekonten, déi virleien, ass de Gemengerot mat dësen Dekonten averstanen? **Dat ass unanime,** da soen ech lech villmools Merci.

3.10. VERDEELE VUN AUSSERUERDENTLECHE SUBSIDEN

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir zu de Subside-extraordinaires: e Subsid vun 750 Euro fir d'Sécurité Routière, e Subsid vun 300 Euro fir SOS Détresse, e Subsid vun 100 Euro fir d'île aux Clowns.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hu just eng kuerz Fro: Wéi eng Froe vu Subside kréie mir an de Gemengerot? Wann elo eng Firma, also eng Asbl e Subsid ufreet, kënnst déi Ufro d'office heihinner oder sidd Dir och heiansdo der Meinung, dass Dir dat net musst matbréngen? Ech froen dat well ech zu enger Organisatioun gesot hunn, si sollen e Subsid bei der Gemeng ufroen an ech krut ni eppes gewisen, dass mir eppes iwwerweisen hätten. Ech hu gefrot firwat mellt Dir lech dann net? Dir schafft jo mat Kanner vun Diddeleng zesummen, Dir hätt definitiv e Subsid zegutt. An si soten, ma mir kruten eppes, si hunn eng Serigraphie ofkaaf. Si hunn lech e Bréif geschriwwen, déi ASBL, an dee war am Fong à l'attention du Conseil communal gericht an do haten se lech gefrot entweder e Subsid oder eng Serigraphie an Dir hutt lech fir d'Serigraphie entscheet, wat jo och ganz OK ass, mee wéini kënnst eppes heihinner? Wéini gi mir gefrot, wat solle mir hinne maachen, zum Beispill, solle mer hinne e Subsid ginn oder solle mer hinnen eng Serigraphie ofkafen? Fir e Subsid gi mir gefrot a fir dat anert net an ech stoung zimmlech penibel do.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Et muss een heiansdo ënnerscheeden, mir hunn oft am Gemengerot Subsiden, déi net kohärent sinn, déi all Joer erëmkommen, do muss ech och soen, dass mir mat Subsiden heiansdo befaasst ginn, wou ee mierkt, dass dat e Ronnbréif ass, deen duerch déi 102 Gemenge geet an effektiv par rapport zu deem doten hätt een effektiv dem Gemengerot kéinten d'Kommunikatioun ginn. Hei ass jo oft Situatioun, dass Leit Sue wëllen an net eng Alternativ bidden, mee hei war d'Alternativ do war eng Serigraphie, wou och Konscht hannendru war, do sote mir, kommt mir ginn an déi Richtung, dass mir dee Veräin da mat Konscht ënnerstëtzen, dat huet eis eng flott Optik erschénge, mee do kann ee ganz gär an Zukunft de Gemengerot mat esou Demandé befaassen, wann een eng Alternativ huet, dat ass éischter d'Ausnam, muss ech soen, dass een d'Méiglechkeet huet, de Choix ze huelen.

CLAUDE MARTINI (CSV): OK, Merci, ech wier frou wa mir dat kéinten hei duerchdiskutéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Jo, kee Problem. Gutt, da géife mir iwwer déi Subsiden ofstëmmen, wien ass mat deenen averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.



4. STATLECH GESCHÜTZTE PATRIMOINE

AVIS IWWER D'PROPOSITION FIR DE KLASSEMENT ALS NATIONAALT MONUMENT NATIONAL VUM FRÉIERE BAU-ERENHAFF OP NUMMER 26, RUE DE LA CHAPELLE

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Ënner dësem Punkt geet et ëm e Bauerenhaus zu Butschebuerg, op 26 Rue de la Chapelle, do hu mir och e Courier kritt vun der Kulturministesch de 24. Februar 2021, mat hirer Propos, dëst Gebai als Monument national ze klasséieren. Dee Courier hutt Dir virleien. Déi Proposition, deem Arrêté fousst op eng Demande selwer, déi jo vum Kierchefong gemaach gouf, dee jo Propriétaire vun deem dote Gebai ass, a seet, dass dat Gebai en Intérêt historique, architectural an esthétique huet. Hei gesäit een och, dass déi zoustänneg Kommissioun vu Sites et Monuments do e positiven Avis ofginn huet der Kulturministesch fir dass dëst Gebai als Monument national klasséiert gëtt.

Domadder huet de Propriétaire jo och d'Méiglechkeet fir bis zu 50% Subsiden ze kréien am Kader vun der Renovatioun, déi en awer ganz staark muss ofstëmme mat Sites et Monuments, respektiv deenen hir gréng Luucht muss kréie fir all Renovatioun ze maachen. Et ass also méi staark gebonnen wéi den Inventaire supplémentaire. Wann een op de fréiere Bauerenhaff mat der Scheier ageet, do huet een e ruralen Aspekt an engem Quartier, deem den ëmmer déi rural Atmosphär an och Connotatioun huet an Diddeleng. Do gesäit een och eraus am Courier, deem de Kulturministère a Sites et Monuments eis zoukomme léisst, dass de fréiere Bauerenhaff an déi Scheier, dass déi e gewëssent Alignement mat der Strooss hunn an dass de Bauerenhaff 1884 gebaut ginn ass an dass een déi éischt Tracen 1823 um Kadaster fënnt.

Dass den Accès, d'Dieren an de Stall, respektiv de Portal an déi kleng Fënsteren, dass déi eng gewësse Partikularitéit hunn, déi e gewëssene Caché och ginn, vun deemools. Dass duerch dat Klassement, wat mir hei virhuelen, och d'Structure bâtie erhale bleift, dass mir eng Haascht nach an deem dote Ge-

bai hunn, och dat gëtt nach ervirgehuewen an natierlech, dass déi Architektur an déi Proportionen, déi dat Gebai huet, dass déi sech natierlech effektiv an déi dote Strooss an och an dee Quartier afügen an, dass een do rural Architektur aus där Zäit huet ebe wéi de Butschebuerger Quartier a sengem Aspect rural entstanden ass an hei gesäit ee ganz kloer, dass Sites et Monument dat festmécht un de Kritäre vun der Authentizitéit, vum Genre vun der Typologie du bâti, vun der Typicité vum Paysage an awer och vun der Period wou d'Gebai gebaut gouf.

Dat sinn déi Kritären, déi zeréckbehale goufe fir och op dee Wee ze goe fir der Demande vum Kierchefong nozegoe fir dass dëst Gebai e Monument national soll ginn a wéi déi gängeg Praxis ass an och d'Gesetz et virgesäit, muss natierlech och de Gemengerot säin Aval ofginn, fir dass dat heite Gebai ka klasséiert ginn, tout en sachant que egal wéi den Avis vum Gemengerot ass, dat lescht Wuert d'Kulturministesch huet, well si kann decidéieren. Wéi se et wëll klasséieren, mee dat ass eben déi gängeg Praxis. Dat zu den Erklärungen zu dësem Klassement an d'Diskussioun ass op.

SEMIRAY AHMEDOVA (Déi Gréng): Merci, natierlech begrësse mir déi Initiativ fir dee Bauerenhaff ze klasséieren, dat geschitt och aus deene Grënn déi am Avis vun Sites et Monuments explizit beschriwwen sinn. Et ass wichteg, dass mir den harmoneschen Ensemble bäibehalen an och d'Sauvegarde allgemeng vum Patrimoine. Allgemeng si mir och der Meinung, dass mir solle méi oft méi al, typesch Haiser a Bauerenhaff sollte klasséieren, déi typesch si fir Lëtzebuerg, awer och oft esou eng typesch Bausubstanz charakteristesche. Ech wëll och soen, wann dat net geschitt, datt dat klasséiert gëtt, dann dauert et net laang, dass de Bauerenhaff ofgerappt gëtt, de Morcellement vum Terrain an 3 Parzelle fir eng Optimisatioun vum Bauperimeter an do wiere Këschten higesat ginn. Ech wëll net falsch verstane ginn, mir si fir d'Creatioun vu Logement, mee et soll een awer och esou charakteristesche Gebaier dierfen erhalen. Mir gesinn, dass et och Technique ginn hautdesdaags, mat deenen een dat och ganz flott kann organiséieren.

Eng weider Fro fir dat richteg ze verstoen: Ech mengen, momentan sinn awer Leit dran, déi do wunnen? Sinn do Leit dran oder net? Wat geschitt do? Eng weider Fro: Et gi jo Subventiounen, wann een esou Gebaier wëll renovéieren, ënner anerem vu Sites et Monuments, de Kierchefong weess dat bestëmmt mee vläit eng allgemeng Remarque fir Leit, déi Propriétaire si vun esou Gebaier, wann et bis drop ukënnt fir dass esou Gebaier müssen renovéiert ginn, sinn déi Leit oft verluer well oft kann een net emol eng Styroporfassad vu baussen drop klaken, et muss ee verschidde Saache beuechten an einfach fir meng Ureegung un d'Gemeng ass eng Sensibiliséierung

fir esou Leit, déi esou Gebaier hunn, dass ee ka mat anere Materialien isoléieren an dass ee ka Subventiounen kréien an dass een do soll de Reflex hu fir sech mat Sites et Monuments a Verbindung ze setzen, quitte datt verschidde Gebaier och just vun der Gemeng klasséiert sinn, dass een do vläit eng Betreueg kéint hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Nach weider Stellungnamen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Dat Haus ass jo praktesch mäin direkten Noper, ech begrëssen, dass dat klasséiert gëtt. Meng Fro ass - wéi och d'Semiray Ahmedova gefrot huet - ass do iergendeppes geplangt, wësst Dir eppes wat do kënnt, gëtt dat eng Collaboratioun mat der Gemeng? A wat geschitt mat deene Leit, déi do wunnen, wa mir wëssen, dass do eppes gemaach gëtt, dat eent ass e Lokal vun engem Aarbechter, deem säi Material dra gestockt huet.

Da muss deen Handwierskabet effektiv iergendwou eppes anescht fannen, wou e säi Material nidderleet. Kann d'Gemeng do eppes proposéieren, ënnerhuelen, hu mir do eng Spuer, wou mir esou eppes kënne maachen? An och déi Famill, déi do ass, géif déi prioritär op eng Lëscht geschriwwen gi fir en anert Logement? Also, wann dat elo mat der Gemeng zesummen ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Froen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, och ech géif e puer Sätz verléieren am Numm vun der LSAP, et gouf awer scho vill gesot elo. Mir begrëssen, dass dat Haus, wat do steet, erhale gëtt. Do ginn et jo och ganz vill Kritären, déi sinn alleguerten erfëllt an ech mengen, wann dat esou ass, wa wierklech en Haus do ass a mir ginn nach vill ze vill oft uechtert d'Land an och den Éislek ass schrecklech oft betraff dovunner, ratzekal ewech gebaggert soubal wéi sech do eng Méiglechkeet opdeet fir vun engem Promoteur do eppes erauszuschloen. Also, wa mir do wierklech en Haus hunn, wat zu eisem Patrimoine gehéiert, a mir kennen de Quartier Butschebuerg ganz gutt duerch eist Mëttelalterfest, fir déi déi dobaussen dat heite mat verfolgegen, et ass dat Haus niewent der Kapell, dat kennt all Mënsch. Do ass jiddereen oft laanscht gaangen. Mir ënnerstëtzen dat och.

Meng Froen wieren elo an déi selwecht Richtung gaangen, awer net dass d'Gemeng do soll.. hei ass ganz kloer de Bauhär an net d'Gemeng, mee villäicht dem Här Martini seng Frënn oder Connexioun géif do villäicht besser Bescheed wësse fir eis déi Äntwert ze ginn, ech weess et net. Op alle Fall hätt ech déi Fro gär weiderginn hei am Raum. Ass een heibannen, deem eis vläit ka soen, wat do mat deem Gebai geplangt ass? Well mir géifen och gär wëssen, wéi et weider geet

domadder. Sinn do Wunnenge geplangt? An ech mengen, et ass och um Bauhär fir dann ze kucken wat mat deene Leit geschitt, déi do dra sëtzen.

Ech wollt déi Fro stellen, net aus Virwëlz mee als Informatioun fir d'Leit dobaussen, wéi et da weider geet. Mir ënnerstëtzen natierlech de Projet och vun der LSAP aus a si frou, dass eppes domadder geschitt an datt doranner investéiert gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madamm Kohn, si weider Froen dozou? Dat ass net de Fall, ech probéieren dann op déi eenzel Froen ze äntweren. Propriétaire ass jo hei de Kierchefong a virun der Demande vun hinne fir de Klassement an och duerno hate mir schonn e Gespréich mat deene lokale Verrieder vun, ech soen elo mol Kierchefabrik och wann déi Denominatioun geännert huet, déi awer projetéieren, als Propriétaire do e Logement ze maachen. Dat heescht d'Destinatioun Logement bleift do erhalen, sozial lokativ, an deem selwechten Esprit wéi och schonn aner Projeten hei an Diddeleng ëmgesat goufen. Ech denken, dass dat Bestriewung ganz kloer ass.

Et ass natierlech en Challenge well d'Gebai jo elo klasséiert ass vu Sites et Monuments, et kritt een zwar Subsidien, mee et ass och eng gewësse Bausubstanz, wou et och en Challenge gëtt fir do Logementer dranzemaachen, mee ech mengen, dat ass d'Erausforderung, déi dann de Propriétaire respektiv d'Bauentreprise muss huelen, wann se dat elo mécht, an do wäert souwiesou de Kontakt mat der Gemeng bestoen, well fir dat kënnen an Ugrëff ze huelen, brauchen se awer nach ëmmer eng Baugeneemegung. Sou wäerte mir an deem Kader och Diskussiounen huelen, wat déi weider Evolutioun vun dësem Projet wäert ugoen. Ech mengen, do si mir am Dialog an et ass och ze begrëssen, dass dat dote Gebai, wou Logementer sinn, och weider Logementer wäerten erhale bleiwen. Dat ass mol dat wat d'Destinatioun vum Gebai ugeet.

Wat geschitt mat deene Leit? Dat ass éischter eng Fro, déi net d'Gemeng ka beäntweren, mee den Adressat ass do d'Kierchefabrik, si sinn do Propriétaire an si hunn deene Leit dat verlount, dat heescht, et ass virun allem um Propriétaire, ze kucken, wann e bis mat den Aarbechten ufänkt, wat hie mat deene Leit wëll maachen, ob deen do wäert eng Solution de rechange fannen, a wann deen Acteur hei aktiv gëtt, deen ech kennen a mat deem mir am Dialog sinn, ass mir net baang, dass eng Solution de rechange fonnt ka ginn, fir deene Locataires do sécherlech an enger Form ze hëllef, sou dass se net op der Strooss sinn, respektiv am Ree stoe gelooss ginn.

Dann, déi aner Situatioun par rapport zum Risiko, dass Gebaier ofgerappt ginn. Dat war déi Remarque, déi Madamm Ahmedova gemaach huet. Ech muss soen, dass mech déi

Remarque zwar e bësse verwonnert. Mir haten zwar schonn hei am Gemengerot Diskussiounen, wou Leit selwer aktiv goufe fir dass hir Propriétéit op den Inventaire supplémentaire kënnt, respektiv Monument national gëtt an op där anerer Säit muss ech soen, mir si jo voll am Prozess dra vum PAG, deen an d'Prozedur geschéckt gouf, hu mir jo eng ganz Rei Gebaier hei zu Diddeleng, déi eng Protection communale hunn an iwwer deen dote Wee geschützt sinn a wou grad ebe verhënnert gëtt, dass déi Gebaier sollen ofgerappt ginn an an der leschter Reunion vun eise Gruppe de travail hu mir festgehalten, dass mir an enger nächster Sitzung vum Groupe de travail déi dote Gebailechkeeten nach eng Kéier wäerten duerch huelen. Dofir wonnert et mech well mir grad iwwer deen dote Volet vun der Protection communale, deene Befierchtungen, déi Dir hutt, jo grad dann e Riedel virschiben, dass grad net esou Gebaier kënnen einfach ofgerappt ginn. Ech denken, dass hei schonn d'Gemeng Suerg huet fir deem kënne Rechnung ze droen, fir dass grad dat, wat Dir hei uschwätzt, net geschitt.

SEMIRAY AHMEDOVA (Déi Gréng): Ech hu mech villäicht falsch ausgedréckt, also ech begrëssen immens deen Inventaire, deen amgaangen ass ze geschéien och op d'Gemengeninitiativ, dofir sot ech, mir hunn déi Gebaier déi ënnert Sites et Monuments falen an och aner Gebaier, déi ënnert d'Gemeng falen, an dat gëtt just begrësst an ech sot ech begrëssen, dass mir weider an déi Richtung ginn an déi Saachen erhalen amplat se ofzerappen an op eemol hu mir guer kee Patrimoine méi. Vlät sinn ech falsch verstanen ginn, et deet mer leed.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Gutt, et war eng Méiglechkeet, dat nach eng Kéier ze preziséieren an et ass jo kloer, dass mir eis hei asetze fir d'Erhale vum Patrimoine ob dat e Caractère rural, architectonique oder industriell ass, ech mengen, dass mir méi wéi emol hei am Gemengerot doriwwer geschwat hunn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech sinn nach um Stand vun de leschten Informatiounen iwwer déi Famill, déi do dra wunnt. Effektiv, et ass e bëssen eng kriddeleg Saach, wann ech do elo richtig informéiert sinn. Déi Famill hat deemools vun der Madamm Munhowen, wéi déi gestuerwen ass, testamentaire d'Recht verbiergert kritt fir dierfen ëmmer an deem Haus ze wunnen. De Widdem oder esou eppes. Dat heescht, et ass ausser Fro, dass déi Leit op eemol einfach géifen op d'Strooss gesat ginn an ech hunn elo hei och d'Confirmatioun kritt vu engem fréiere Member vun der Kierchefabrik, si hu schonn ëmmer alles gemaach fir bannen dran alles an d'Rei ze setze fir dass déi Famill valabel Sanitären hat an alles. Dat huet wonnerbar geklappt an do ass och guer keng Gefor, dass déi elo einfach op d'Strooss



gesat ginn. De Propriétaire kuckt fir déi valabel ënnerzeckréien. Déi zweet Saach, wann ech mech net ieren, an eise 40 Säiten-Dokument vu schützenswäerte Gebaier vun der Protection communale, wat mir am Kader vum PAG virun engem Joer ënnerbreet kritt haten, hu mir dat Haus och schonn ënnert Protection communale dran, et ass also eng duebel Protektioun, dofir kënne mir d'Leit berouegen, an deem Haus wäert näischt Schlëmme virkommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci nach eng Kéier fir déi dote Prezisioun. Da géif ech de Gemengerot froen ob e mat deem Klassement fir dëst Gebai op Nummer 26, Rue de la Chapelle, als Monument national averstanen ass? Dat ass unanime. Merci. Da gi mir iwwer op d'Personalfroen.

5. PERSONALWIESEN

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn, well do geet et ëm d'Creatioun vu Posten an eise Service Structures d'Accueil.

5.1. KONVERSIOUN VU VÉIER FRÄIE GEMENGENEMPLOYÉSPOSTE MAT KOMPLETTER TÂCHE, INDEMNITÉITSGRUPP C1, EDUKATIVEN A PSYCHOZIALEN ËNNERGRUPP A GEMENGENEMPLOYÉSPOSTE MAT KOMPLETTER TÂCHE, INDEMNITÉITSGRUPP B1, EDUKATIVEN A PSYCHOZIALEN ËNNERGRUPP

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ja Merci, hei geet et ëm de Punkt 5.1 Konversioun vu véier vakante Posten als Employé communal, ech wëll do e puer Erklärungen ginn, well ëmmer wann een esou eng Ëmännerung mécht vu Posten, da ginn et eng Rei Froen. Bis elo ass dat ëmmer global gekuckt ginn. Dir wësst, dass mir de Pourcentage bei der Maison relais 50-30-10 mussen anhalen. Mir hunn elo d'Analys gemaach op deene verschidde Sitten, bei den eenzele Gebaier, net dass mir an engem Gebai op eemol méi Diploméen hunn an an deem aneren Non-qualifiéen an déi Analys ass fäerdeg an déi Conversion de poste kënne mir nëmme maache bei de Posten, déi och fräi sinn. Dee Poste muss fräi sinn, fir dass mir d'Ëmännerung kënne maachen. Hei si 4 Posten.



Ech soen lech och, wou déi Poste sinn. Dat ass um Strutzbierg, an der Schwämm, an der Gafelt an an der Waldschoul do leie mir beim Pourcentage esou ee Posten, dat ännert ganz vill, mir ware beim Strutzbierg bei 46,5% mir musse bei 50% sinn. Duerch dee Poste leie mir elo bei 51,6% sou, dass mir do gutt sinn. Kënne mir awer just maachen wa mir fräi Posten hunn. Dat ass d'Erklärung dozou fir dat ëmzeännere vun engem C1 an e B1.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Erklärungen. Si Froen dozou?

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Merci, ech wollt nofroen, d'Waldschoul, d'Maison Relais, bleift déi bestoen? Bleift dat eng Maison Relais?

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Jo. Sinn nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Kënne mir dann ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat dëser Creatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

5.2. KONVERSIION VUN ENGEM FRÄIE GEMENGENEMPLOYÉSPOSTE MAT KOMPLETTER TÂCHE, INDEMNITÉITSGRUPP D1, ADMINISTRATIVEN ËNNERGRUPP, AN E GEMENGENEMPLOYÉSPOSTE MAT KOMPLETTER TÂCHE, INDEMNITÉITSGRUPP C1, ADMINISTRATIVEN ËNNERGRUPP

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Dann, den nächste Punkt ass d'Konversioun vun engem Posten Employé communal vun D1 an C1. Dat ass well eng Mataarbechterin vun eis an der Zwëschenzäit an der Pensioun ass. Dofir maache mir dës Konversioun, well mir d'Sekretariat vun eisem Service, am Fong de Service Régie, verstärke wëllen an och mussen an do d'Qualifikatiounen um administrative Plang vill méi héich musse sinn ewéi virun, well mir mierken, dass am Alldag d'Komplexitéit vun deenen Aarbechten net ofhëlt. Wann ee kuckt, déi ganz Korrespondenz, déi muss gemaach ginn, déi ganz Entrevuen an déi ganz Aféierung och vum Marché public, déi musse preparéiert ginn, sou dass mir mussen administrativ verstärke fir deene Chargen do kënnen esou gutt wéi méiglech nozekommen.

Dat zur Erklärung. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Villmools Merci, **dat ass unanime.**

5.3. KONVERSIION VUN ENGEM FRÄIE GEMENGENEMPLOYÉSPOSTE MAT KOMPLETTER TÂCHE, INDEMNITÉITSGRUPP B1, EDUKATIVEN A PSYCHOZIALEN ËNNERGRUPP, AN E GEMENGENEMPLOYÉSPOSTE MAT KOMPLETTER TÂCHE, INDEMNITÉITSGRUPP B1, EDUKATIVEN A PSYCHOZIALEN ËNNERGRUPP

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo, dat ass dann eng Conversion de poste vun engem Employé communal an e Fonctionnaire an do ass et esou, dass mir Virstellungsgesprécher haten an eng Persoun fonnt hunn, déi ganz gutt op dee Poste géif passen, déi mir lech och proposéiere wäerten. Et muss awer dee Posten, dee fräi ass als Employé communal, herno op e Poste vun engem Fonctionnaire gesat ginn an dofir maache mir elo d'Conversion de poste, awer nëmme wann dann och déi Persoun vun lech gestëmmt gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall, da stëmme mir elo of. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci. Beim nächste Punkt geet et ëm d'Motioun wat d'Zukunft ugeet.

6. MOTIION IWWER D'ZUKUNFT VUN DER GESELLSCHAFT "LIBERTY STEEL" ZU DIDDELENG

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): An dëser Motioun geet et ëm d'Zukunft vun der Gesellschaft Liberty Steel hei zu Diddeleng a mir hu gemengt, et wier net onwichtig, dass hei aus de Reie vum Diddelenger Gemengerot awer e politescht Signal ausgeet, souwuel un d'Regierung wéi och u Gewerkschaften wéi awer och u Liberty Steel, well mir wëssen, dass säit puer Wochen, an national an och international Medien hu jo iwwer d'Situatioun vu Liberty Steel weltwäit awer och hei zu Diddeleng vill kommentéiert an och iwwer d'Zukunft vun deenen 250 Aarbechtsplaze spekuléiert. Deen Diddelenger Site ass sécherlech e gesonde Site, mee et ass generell wichtig, dass mir hei am Land eng wirtschaftlech wéi och industriell Aktivitéit mat Substanz oprechterhalen.

Dir wësst jo, dass Liberty Steel dat hei iwweholl huet viru gutt dräi Joer wéi am Fong Arcelor Mittal, wéi si interesséiert waren de Kaf vum italieenesche Site Taranto an Italien vun der Ilva ze huelen, huet missen am Fong Diddeleng ofstousse fir keng Position dominante ze hunn, fir déi ze verhënnere dat war eng

Exigenz vun der Europäescher Kommissioun. Mir wëssen, dass de Moment an dat kann een iwweholl noliessen, eng ugespaante Situatioun ass, déi ass present an dofir wier et wichtig fir dës Motioun awer ze maache fir e politescht Signal vun Diddeleng aus ze ginn un d'Regierung, awer och un d'Gewerkschaften, déi jo de Moment awer an Diskussioun si mat de Vertrieeder vu Liberty Steel.

Fir e bëssen auszuhuelen an och de Kontext ze setzen, vu wou dass mir hierkommen, dass mir haut awer jo och déi zwou Industriezonen hunn, déi goufen deemools gegrennt als Äntwert, wéi d'Stolkris war, fir effektiv déi Aarbechtsplazen opzefänken. Entretemps hunn sech do vill nei Betriber ugesidelt, neier déi bäikomm sinn, Reprisen déi gemaach goufen, natierlech an enger Zone wou och nei national Projeten entstane sinn, ech denken un den CFL Multimodal awer och un de Logistikszenter Eurohub an och un de Laboratoire national de santé mat der neier nationaler Zon, déi do entsteet. All Mensch war voller Hoffnung 2018 wéi Liberty Steel dat Diddelenger Wierk iwweholl, wat jo fréier d'Galvalange an Ewald Giebel war, a jidderee wousst och, zumools och niewent deem dote Message, dass 100 Milliounen Euro sollten an de Site Diddeleng an och Léck investéiert ginn. Dat war och e positive Message, deen och ukomm ass, wou jidderee voll gudder Hoffnung war, souwuel d'Leit, déi do schaffen, wéi och d'Gewerkschaften, wéi och d'Regierung, wéi awer och d'Gemeng selwer well et jo och ëm den Erhalt vun 250 Aarbechtsplaze geet um Territoire vun der Stad Diddeleng, dat sinn der vill, dat ass net näischt.

E Betrib, deen op Schichte schafft, dee Stol produzéiert an deen awer an der Ausriichtung à ce stade gesond ass, dee gutt funktionéiert, mir awer just an der Situatioun sinn, dass vu Liberty Steel de Propriétaire jo d'Gesellschaft GFG ass, mam Patron Sanjeev Gupta, déi ëmmer finanziell vu n der Sociéité Greensill Liquiditéite kritt huet an déi ebe weltwäit hire Bilan deposéiert huet an elo ass do e Risiko vu Faillite, wou elo versicht gëtt, nei Investoren ze fannen, esou schwiereg dat och ka sinn, respektiv awer och Iwwerleeunge lafen, wéi et ka weidergoen an dat ass eng Diskussioun, déi d'Regierung an och d'Gewerkschaften féieren an awer och an enger Zäit, wou ee mierkt, dat hu mir och virun etleche Méint gemierkt mat der ganzer Diskussioun ronderëm Guardian, et ass generell d'Industriepolitik hei zu Lëtzebuerg an awer och am Raum Diddeleng-Beetebuerg, well mer jo awer hei zwou national Industriezonen hunn, et ass natierlech, dat ugespaante Situatiounen sinn an dass mir als Gemengerot an och als Stad Diddeleng déi verschidde Preoccupatiounen deelen, wat effektiv den Erhalt vum Site ugeet, vun den Aktivitéiten, an et ass wichtig, an dëser Zäit an an den Diskussiounen, déi de Moment lafen, och ze soen, dass mir zwou Gewerkschaften hunn, déi aktiv hei um Dossier dru sinn, an awer

och d'Regierung, virun allem zwee Ministèren, nämlech de Wirtschaftsministère an den Aarbechtsministère, dass mir si an deem Moment wou se amgaang sinn, Diskussiounen ze féieren, dass mir si do ënnerstëtzen, fir dass déi Aktivitéiten hei um Diddelenger Site oprechterhale ginn, dass se alles maache fir dass déi 250 Aarbechtsplazen awer erhale bleiwen, well dat sinn 250 Familljen, déi handendru sinn, also och Existenzen, déi bedrot sinn an natierlech och all Kiéier hei den Appell maachen, dass no all Solutioun soll gekuckt ginn, no all Instrumenten, déi d'Erhale vum Diddelenger Site erméiglechen an do ass et wichteg an deem Kontext och déi verschidde Entitéiten, Gewerkschaften an och d'Regierung, z'ënnerstëtzen an och, dass den Dialog, deen se elo bis heihin haten, schwierig ass an der aktueller finanzieller Situatioun, déi Liberty Steel huet.

Et ass wichteg déi Diskussioun weiderzeféieren an ze hoffen, dass mir eng positiv Äntwert kënne kréien, wat natierlech och den Diddelenger Site ugeet. Dat fir op d'Motioun anzegoen, wat den Haaptmessage soll sinn, dee mir als Diddelenger Gemengerot wëllen a kënne ginn. Si Froen oder Stellungnamen dozou? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech denken, dat heite sinn zwee verschidde puer Schong. Déi eng Saach sinn déi Diskussiounen, déi mir mat Liberty Steel bäibehalen, fir dass déi 250 Aarbechtsplazen erhale bleiwen, et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, et sinn net nëmmen 250 Plazen, mee 250 Familljen, deenen hir Existenz muss garantéiert sinn, dat ass dat eent an dann dat anert ass de Punkt "à aider à pérenniser les activités industrielles sur le site de Dudelange et à favoriser et déployer tous les instruments à leur disposition en faveur d'une solution durable et globale pour Dudelange". Ech mengen, dat sinn zwee puer Schong. Ech denken, hei wier d'Geleeënheet gewiescht, fir mat nach méi Nodrock bei der Regierung no ze froen wéi et net nëmmen ëm d'Zukunft vu Liberty Steel steet, mee insgesamt ëm den Industriestanduert Diddeleng.

Wéi ass et mat de Versprieche vun der Regierung? Éischtens d'Zon Koibestraachen, wat effektiv eng Zone nationale ass, hei mat zukunftschrächtege Betriber, ze beliewen? Zweetens, wéi steet et mat dem Versprieche vun der Regierung – de Regierungen – no der Erschléissung vun der ARBED an den 80er Joren, dass Diddeleng e Projet d'envergure soll kréien, e Projet, deen Aarbechtsplaze soll bréngen?

Dir wësst genau, dass déi Diskussiounen déi mir hei haten, déi Kompensatioun sollt ee Moment déi Filmstudioe sinn, déi mir sollten op Neischmelz kréien. Dee Projet gouf vun der Regierung verworfen an deen neie Projet wou mir am Raum stoen hunn, wou ech net

denken, dass mir deen definitiv zougesot kruten – vläit weess den Här Buergermeeschter do méi – wéi et ass mat där Zousou vun der Galerie d'Art moderne, déi soll op Neischmelz kommen. Wéi ass et och mat der Zukunft vum Areal wou Fage sech sollt drop installéieren? Dat ass och en Areal, dat ee kéint industriell ausbauen, och do hätte mir kënne mat nach méi Nodrock, och bei der Regierung, nofroen, wéi et mat dëse Realisatiounen geet. Mir fannen et elo bësse cocasse, dass de sozialistesche Schafferot, déi zwee sozialistesche Ministeren an och déi vireg Ministeren elo wëllen de béise Fanger weisen, respektiv se elo wëllen an d'Gebiet huele fir hei zu Diddeleng eppes ze ënnerhuelen, do ass dat dach e bësse cocasse. Well Dir wësst esou gutt wéi mir, dat ass gutt gemengt a gutt geschriwwen, mee dat interesséiert leider de Propriétaire, den Här Gupta vu Liberty Steel vum Mammekonzern GFG Alliance, weder hien nach d'Leit vun de Financiers Greensill, déi an der Faillite sinn, wierklech.

D'Feeler goufe jo och scho virdu gemaach, den Här Buergermeeschter huet et kuerz gesot wéi et ass, wéi d'ARBED virun dräi Joer wollt dat gréisste Stolwierk, d'ILVA, an Italien kafen, huet d'EU-Kommissioun fonnt, Arcelor Mittal géif mat enger Part de Marché vu 40 Prozent ze dominant ginn um europäesche Marché. Aner Wierker hunn du missen ofgestouss ginn, wéi Léck an Diddeleng, déi sinn dunn u Liberty Steel verkaf gi sinn. Ganz komplex Streidereien hunn dozou gefouert, dass elo d'Kar am Dreck steet. Diddeleng dréint, den Här Buergermeeschter huet zwar gemengt gutt, mee dat ass net wouer well si dréine just nach zu 40% vun hirer Kapazitéit well, éischtens, Diddeleng kritt kee Material méi duerch d'Faillite vu Greensill keen neit Material geliwwert gëtt an, zweetens, well Arcelor Mittal, déi am Fong och sollte Liberty Steel weider beliwweren, Kaméidi hu mat Liberty Steel an Arcelor liwwert och näischt méi. Also, wéi gesot, et ass e ganz komplexe Problem an dofir dréint Diddeleng och just nach zu 40 Prozent an dat ass net nëmme weinst der Covidpandemie.

D'Gewerkschaften, déi haten dat schonn annoncéiert wéi den Deal hätt sollen ënnerschriwwen ginn, do hunn si schonn a Fro gestallt, dass deen annoncéierten Invest vun 100 Milliounen Euro, dee sollt Liberty Steel souwuel fir Diddeleng a Leck fräimaachen, dass et absolut fraglech wier, wou déi Sue géifen hierkommen. An elo, wat hu mir elo geschafft, d'Europäesch Kommissioun huet et erreecht, dass Arcelor Mittal zwar keen europäesche Champion an der Stolindustrie ass well d'Konkurrenzautoritéiten dat verbueden hunn, mee Arcelor Mittal ass e weltwäite Big Player bliwwen a mir als Diddeleng stinn elo do mam Fanger am Mond. Et muss een och erwänen, dass de Staat Diddeleng net am Ree stoe gelooss huet, ech maache mech elo komescherweis zum Virsprecher vun eiser Regierung well 17 Milliounen Euro staatlech

Covidpréiten huet Liberty Steel vun Diddeleng kritt, 10% vun alle staatlech garantéierte Covidpréite gongen un den Diddelenger Betrieb, dat kann een hei och mol ervirbréngen. Dëst erlaabt et, dass dat Stolwierk elo mol weinstens nach e bësse fonctionéiert. Ech hunn et gesot, 40%. Mee wat geschitt duerno? Ganz cocasse ass jo och, dass Arcelor Mittal dat Wierk 10 Joer laang net dierf zeréckkafen, dat war an dem Deal wo si deemools ofgeschloss hunn obwuel Arcelor den ILVA Italien net kaf huet.

Europa wëll heiansdo méi helleg sinn ewéi de Poopst, mir si schwéierfällg a verpassen et heiansdo, wirtschaftlech Akzenter esou ze setzen, dass weltwäit de Succès mat sozialen Acquis compatibel ass. Sécher ass dat keng einfach Aufgab, mee dat muss mir awer an Ugrëff huelen, soss fiert den Zuch fort. Europa ass keng Insel, och wa mir dat mengen, mir si kee Big Player. Virdu gouf et gesot, wéi et an der Realitéit ausgesäit bei de Baumaterialien, mir hunn et gesinn an de Problemer, dass mer Medikamenter a Maske kréien. Europa kennt mir heiansdo esou vir wéi eng kleng arrogant Prinzessin op hirem Troun an ouni eis geet et net. Mee et geet ganz gutt ouni eis, an dat ass e grouse Problem an dat ass eppes wat ee muss ugoen, op nationaler wéi och internationaler Ebene well soss kommen esou Fäll wéi deen heiten nach vill méi vir. D'Kar stécht elo am Dreck, d'Leit sinn déi Leidtragend, de Staat gräift an d'Täsch, mee wéi geet et weider?

Éischtens, ass Liberty Steel ze retten, mee och, wéi ass et ëm déi industriell Zukunft vun Diddeleng bestallt? Wat wëll de Schaffen- a Gemengerot och an déi Richtung maachen? Ech weisen ëmmer drop hin, dass mir soen, mir missten och national a kommunal Zone schaffen, wou och kënnen Industriebetriber sech niderloossen, dat ass och bis elo nach net vill geschitt, och do villäicht iwwerleeë fir méi proaktiv ëmzegoen, och wann et ëmmer heescht, déi Terraine gehéieren eis net, ma nondikass, da bezuele mir mol eppes, dass mir Terraine kréien an da maache mir mol eppes. Well jo, ech weess, dat klénkt vläit banal, mee ech soen dat säit Joren, jidderee seet dat säit Joren, mee et geschitt awer näischt, weder vun där enger wéi och där anerer Säit an dann natierlech dann och d'Regierung e bësse méi an d'Gebiet huelen. Wat geschitt, kloer, zäitno op Koibestraachen? Wat geschitt um Terrain Fage? Wéi ass et mat eisem Versprieche fir d'Galerie d'Art moderne ze kréien? Ech denken, déi Motioun ass ganz gutt gemengt, mir ënnerstëtzen dat och a fannen et gutt, mee dat ass näischt wat eis wierklech virubréngt fir d'Zukunft, fir déi Leit, déi bei Liberty Steel schaffen an och fir hei zu Diddeleng den industrielle Standuert ze festegen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci

JOSEPH THILL (Déi Lékn): Merci Här Buergermeeschter, ech denken, déi Motioun ass ganz wichteg an déi Lenk begreifen de Prinzip vun esou enger Motioun zu der Situatioun bei Liberty Steel. Am Wierk hei zu Diddeleng schaffen 250 Leit an déi zwee Wierker, déi an Verbindung stinn, also dat vu Léck an dat hei zu Diddeleng, déi si rentabel; et gëtt also keen ekonomesche Grund fir se zouzemaachen. Mir fannen allerdéngs, dass et der Motioun vum Schäfferot u Pepp an u konkrete Virschléi feelt. Mir hu fir d'éischt zwou Froen an da kommen ech zum Pepp.

Déi éischt Fro: An der Motioun steet, GFG Alliance wier Propriétaire vu Liberty Steel, ass dat da wirklech esou? Oder hu mir et hei mat engem typesch kapitalistesche Schachtelkonstrukt vun Holdingen ze dinn, wou herno kee weess, wem wat dann elo richteg gehéiert? Déi zweet Fro: Ganz ënnen an der Motioun ass rieds vun "déployer tous les instruments à leur disposition en faveur d'une solution durable et globale pour Dudelange". Do ass eis Fro: Wat heescht dann hei global? Bezitt sech dat op d'Problematik vu Liberty Steel oder méi allgemeng - wéi d'Madamm Kayser et elo och gefrot huet - op d'Industriepolitik hei zu Diddeleng? D'Wierk vun Diddeleng kritt d'Basismaterial vum Wierk vu Léck geliiwert. Also, wann et sech ëm Liberty Steel handelt, da kann eng global Léisung eiser Meenung no noutgedrungen nëmme mat dem Wierk zu Léck zesummen ausgehandelt ginn an dofir schloe mir vir, dee folgende Saz an d'Motioun bäizesetzen: "Invite le gouvernement et les syndicats luxembourgeois à se concerter avec le gouvernement et les syndicats wallons en vue d'une approche commune publique".

Ech hunn also elo schonn e bësse mam Pepp ugefaang an d'Motioun, déi mir virleien hunn, ass eiser Meenung no net konkret genuch an zu deem Thema hunn ech zwou Bemierkungen. Déi éischt Bemierkung: Während der Stolkris an den 1970er Joren hu verschide Jonkszialisten, vun deenen haut mindestens ee vun der LSAP proposéiert am Staatsrot sëtzt, virgeschloen, d'Arbed ze verstaatlechen. Dass esou e Modell ka funktionéieren, beweist bis haut d'Beispill vu Saarstahl. Wann et wéi hei drëms geet 250 Aarbechtsplazen ofzesécheren, respektiv ze retten, dierf eng Verstaatlechung op d'mannst net vu viraus ausgeschloss ginn. Schliisslech huet de Lëtzebuerger Staat 2008 fir d'Banken ze retten och ganz déif an Täsch gegräff. Meng zweet Bemierkung: Wat eis national Industriepolitik ubelaangt, fiert eis Regierung en Zick-Zack-Kurs, wou ee keng kloer Linn erkennt. Si mécht et genau esou, aus de selwechte Grënn, wéi d'Madamm Lydie Polfer am Garer Quartier. Fir d'éischt léisst d'Stater Buergermeeschtesch et zou, dass a verschiddeenen Appartementen, déi iwwer Airbnb verlout ginn, reegelrecht Drogekonsum-Plattformen entstinn. Si gëtt dorop higewisen an ënnerhëlt leider iwwerhaapt

näischt, well si sech et net mat deene sakrosankten Immobiliëroprietairë wëll verdierwen. Zwee Joer méi spéit kräischet eist gutt Lydie da Krokodilstréinen an der Tëlee an an der Press well de Garer Quartier esou onsécher wier, an dass elo privat Sécherheetsbeamten vun der Gemeng misste bezuelt ginn, also en Deckel gëtt op de Pëtz gemaach wann d'Kand dra läit, mee géint d'Ursaache gëtt näischt gemaach. Klammer op: Fir dass dat net hei zu Diddeleng geschitt, wäert ech d'Thema Airbnb an den Diskussiounen iwwer deen neien Diddelenger PAG erëm opwerfen. Klammer rëm zou. Wat huet déi Stater Situatioun elo hei mat dëser Motioun ze dinn? Awéifern mécht eis Regierung et d'selwecht wéi d'Stater Buergermeeschtesch?

Ma zum Beispill wëll se elo ouni zwéngende Grund déi 41% ëffentlech Undeeler bei Paul Wurth, déi se hat, un eng däitsch Firma verkaf huet an elo huet se also bei Paul Wurth näischt méi ze radetten. Eis Regierung seet zwar, d'Aarbechtsplazen am haarde Kär vu Paul Wurth wiere fir déi nächst 15 Joer garantéiert, mee am Kloertext heescht dat jo awer, dass all déi Aarbechtsplaze bei Paul Wurth, déi net zum haarde Kär gehéieren, net ofgesécher sinn. A wéi et geet wann d'Privatkapital eleng d'Soen huet, dat kréie mir hei zu Diddeleng bei engem anere Betrib fir de Moment virgeféiert, ech schwätze vun Eurofoil, engem Betrib, wou och 260 Leit schaffen. Do huet d'Patronat viru kuerzem de Kollektivvertrag gekënnegt an der Belegschaft virgeschloen, op 11 Congésdeeg, dat sinn 30 Prozent vum Gesamtcongé, op den 13. Mount, op de Vakanzenzouschlag ze verzichten. Rien que ça! Et ass also net verwonnerlech, dass d'Belegschaft vun Eurofoil amgaangen ass, iwwert e Streik ofzestëmme an dass den OGBL fir den nächste Samschden e Solidaritéitspiqueet virun deem Wierk wäert organiséieren.

Dofir muss eiser Meenung no d'Regierung Faarf bekennen iwwert hir zukünfteg Industriepolitik an et muss eiser Meenung no nach e Saz an déi Motioun bäigesat ginn, nämlech: "Invite le gouvernement à élaborer, en concertation avec les syndicats, une stratégie d'ensemble afin d'assurer l'avenir des secteurs luxembourgeois de la sidérurgie et de la transformation des métaux". Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Thill.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wëll just zwee Sätz soen zu mengem Virriedner, d'Madamm Kayser huet dat Wuert cocasse ganz oft hei benotzt an hirem Bäitrag, ma jo ech hunn och munches cocasse fonnt, zum Beispill deen Anagramm, dee gemaach gouf, ech sinn och am Numm vun der LSAP géint näischt, fir eng Diskussioun ze féieren, mee wann ech gelift, schéin der Rei no a schéi separat an net dee

Mischmasch, dee mir hei proposéiert kritt hu fir ze maachen. Dowéinst solle mir eis konzentréieren op déi Motioun, déi mir hei elo um Dësch leien hunn an op soss näischt a gäre si mir prett, och iwwer aner Saachen ze diskutéieren awer net esou duercherneen. An da wëll ech just eppes soen, ech si bei ganz ville Punkte mat lech ganz op enger Linn an et ech sinn och mat ganz ville Punkten, déi den Här Thill elo genannt huet, och ganz averstanen, mee ech mengen, et soll een net ënnerschatzen an där ganzer Diskussioun iwwer déi vill negativ Energie, déi op där anerer Säit – an ech schwätzen hei vun deene Global Playeren an deene Kapitalisten – un den Dag geluecht gëtt. Dat heescht, wann ee reagiert, dat ass eppes wéi d'Waasser, déi fannen hir Weeër, déi waarde just drop, da positionéiert sech d'Politik erëm, da fannen si alt erëm e Wee fir dolaanscht ze kommen an si sinn do perfekt opgestallt fir erëm dat auszenotzen an erëm iergendwéi eng Nisch ze fannen, wou se dann erëm dolaanscht kommen a fir räich ze ginn.

Dofir musse mir eis leider haut am Gemengetrot mat enger Motioun befaassen, déi eis zugläich traureg an och rose mécht an ech denken, dat hu mir haut gemeinsam. Et ass e Paradebeispill dofir, wéi déi grouss Finanzieren, d'Kapitalisten, mat den Existenz vun Aarbechter a Salariee spillen, Gemengen a Regierungen hannerginn, fir net ze soen, dass se se fir domm verkafen an herno nach erwaarden, dass wann d'Kar am Dreck läit, dass se da mat ëffentleche Gelder gerett ginn. Op d'Detailer vun deem onduersichtge Geschäftsmodell vu GFG Alliance, also dem Propriétaire vu Liberty Steel, wëll ech hei net weider agoen. D'Zeitunge sti voll dovun an all Dag kommen nei, net grad berouegend Informatiounen dobäi.

Wat positiv un deem Dossier ass, dat ass, dass d'Gewerkschaften an d'Regierung un engem Strang zéien an sech vehement asetzen, dass déi 250 Aarbechter bei Liberty Steel hei zu Diddeleng net brauchen ëm hir Existenz ze fäerten. Dat hoffe mir mol. D'Wierker Diddeleng a Léck maachen dann zesumme ronn 1000 Aarbechtsplazen aus, déi um Spill stinn. Insgesamt sinn et der esouguer zéng Mol méi. Dat si keng plakeg Chifferen, mee Familljen, Kanner an Existenzen an doriwwer eraus bedeit dat eventuell och fir verschide Géigenden oder Regiounen, Gemengen, ganz einfach d'Iwwerliewen oder d'Agoen. Well och eng Géigend, eng Stad, oder eng Regioun, déi leeft vu Produktioun, déi leeft vun Aarbechtsplazen. D'Gewerkschaften an d'Regierung hunn sech hei scho méi wéi kloer ausgedréckt a Fuerderunge gestallt. Eise Wirtschaftsminister Franz Fayot huet dës Woch an der Chamber gesot, datt si, also d'Regierung hëlleft wou se kann a mat deenen Instrumenter, déi Sënn maachen. Hien huet awer och betount, dass senger Meenung no och der Europäescher Kommissioun hei eng Roll zoukënn. Hien huet geschwat

vun enger deplacierter Konkurrenzpolitik an dat kënnen mir nëmmen ënnerschreien, well Arcelor Mittal deemools gezwonge ginn ass, e puer Wierker ze verkafen, dorënner och déi fréier Galvalange zu Diddeleng fir d'Wierk vun Ilva an Italien dierfen ze kafen. De Franz Fayot sot och, hie géif dat och dem zoustännegen EU-Kommissär fir de Banne-maart Thierry Breton dat esou soen. Schonn deemools hat de Wirtschaftsminister Etienne Schneider déi Decisioun an d'europäescht Konkurrenzrecht, op deem se baséiert, kritiséiert. De Choix vun de Wierker, déi verkaf goufen, hätt Arcelor Mittal gemaach an d'EU-Kommissioun hätt d'Lëscht approuvéiert.

Wéi kloer war, dass Diddeleng drop stoung, huet den Etienne Schneider versicht, zu Bréissel ze intervenéieren an d'Oppositioun opgefuerdert, sech unzeschléissen. An och d'Gewerkschaften haten deemools de Choix vun de Sitte kritiséiert well dohannert eng verstoppte Rationaliséierung zu Gonschte vun Arcelor Mittal stoung. Et geschitt näischt fir näischt. Um Radio 100,7 sot de Vertrierder vum OGBL elo kierzlech: "Si verkafe 6-7 Sitte mat iwwer 13 000 Leit a kafe fir dee selwechten Tonnage e Site op mat 10 000 Leit, domadder hunn se dann 3 000 Aarbechtsplaze gespuert". Dat heescht, si hu vun haut op muer automatesch Produktivitéitsgewënner, déi se op eng relativ bëlleeg Aart a Weis kënnen duerchzéien. Bëlleeg heescht dat net op mënschlech Aart a Weis, mee bëlleeg am kapitalistesche Sënn.

Wat mir hei elo mat dëser Motioun wëllen, ass eiser Regierung an eise Gewerkschaften de Réck stäipe bei hire Verhandlungen an ech mengen, dat sollte mir hei elo op dëser Plaz haut an hei net vergiessen. Dat eenzegt wat eis hei weider bréngt ass Geschlossenheet. Mir als LSAP op ale Fall stinn op der Säit vun den Aarbechter an hire Familljen an dofir ënnerstëtze mir dës Motioun voll a ganz. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madamm Kohn.

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Merci fir d'Wuert, ech faasse mech awer vill méi ku-erz wéi meng Virriedner. Wann een dat alles héiert, wat do d'Hannergrënn sinn a wat do hannendru leeft, dat ass zimmlech frustrant. Mir deelen all déi Suergen ëm dësen Diddelenger Betrib an hoffen, dass d'Gewerkschaften a virun allem eis Regierung Léisunge fanne wäerte fir déi Aarbechtsplazen ze erhalen an dësem ganz komplexen, internationalen Dossier. D'Oplëscht vum allen aneren Industriesitten an dëser Motioun kënnen mir elo net ganz novollzéien. Dréit dat zur Thematik bäi? Bei Koibestraachen froe mir eis ob d'Ausrichtung, Technologies de santé, nach aktuell ass? Um Pabeier villäicht jo mee a senger Äntwert op eng Question parlementaire vun der Madamm Ahmedova schreift den Här Minister Fayot, dës Technologie wier net méi prioritär fir Diddeleng. Also, mir sinn

awer geschlossen a stëmmen dës Motioun natierlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci, sinn nach weider Froen? Dat ass net de Fall, da ginn ech op déi verschidde Stellungnamen an. Ech soe Merci fir deelweis kloer Stellungnamen, awer och méi verwätschte Positiounen. Haut hei geet et an dëser Motioun ëm Liberty Steel an nëmmen ëm Liberty Steel. Wa mir, sou wéi d'CSV et mengt, och nach Koibestraachen mat eranhuelen, Projet national, Fage, dann ass et e Fourre-tout. Mir kënnen herno an der Motioun villäicht nach Saachen änneren, mee den Esprit vun der Motioun ass kloer, Liberty Steel, Motion relative à l'avenir de la Société Liberty Steel à Dudelange. Wa mir aner Saache mat eranhuele gëtt et e Fourre-tout an da verwässere mir de politesche Message vun der Stad Diddeleng an ech mengen net, dass dat eng Bestriewung heibanne wier. Wann et esou ass, da muss een dat soe mee ech hunn dat de Moien net esou eraushéieren.

Och ass et net esou, dass mir hei de béisse Fanger weisen, éischter au contraire mir hunn e positivt Signal, dass mir a ganz schwierige Situatiounen, déi mir elo hei hunn, déi schwierig Situatioun ronderëm Liberty Steel an déi schwierig Situatioun, déi eng ganz Rei institutionell Acteuren hunn, Regierung a Gewerkschaften, fir op där dote Front dat Beschtméiglechst erauszehuelen wat d'Perennisatioun vum Site ugeet mat deenen 250 Diddelenger Aarbechtsplazen, par rapport zu engem Propriétaire, deen, an do sinn ech ganz bei der Madamm Kohn an dem Här Thill, wou Imprekatiounen sinn, kapitalistescher Natur, Holdingen, wou et drëms geet, awer Betriber opzekafen, geziilt Verspriechen ze maachen, deelweis ze halen, deelweis net ze halen, e bëssen ze spillen, e bësse Schachtelzuch, e Kaartespill opzesetzen a schlussendlech an eng Situatioun ze sinn, wéi och hei, wou dat ganz Kaartespill zesummefällt. Dat ass d'Situatioun wou mir eis hei befannen.

Ech deelen och déi Aschätzung, dat hunn ech virdru gesot an dat ass an déi selwecht Richtung gaangen, dem Diddelenger Wierk au sens large geet et gutt, sief dat effektiv duerch Hëllef, déi se kritt hu vum Lëtzebuerger Staat sief et awer och wat d'Produktiounen tant que telle ugeet, natierlech konnt een an der nationaler an internationaler Press liesen, dass en Zwiist besteet mat Arcelor Mittal well déi am Kader vun der Reprise vu Liberty Steel e Contrat de fournisseur hunn a wann een deen huet an et si Problemer mat Liquiditéiten, da stellen sech aner Froen effektiv vum Zoubréngen, dat schéngt mir evident ze sinn, dass dat eng Diskussioun ass. Dat Ganzt awer zeréckzeféieren, war et e Feeler vun Arcelor Mittal, war et eng Chance? Dat wousste mir dee Moment net. Wat mir dee Moment woussten ass, dass Arcelor Mittal näischt méi

an dat Wierk do investéiert hätt, iwwer Joren, villäicht d'Chance, dass en neien Repreneur do war, haut mierke mir, dass et net onbedéngt eng Chance war, net onbedéngt dee richteg Choix, et ass e Choix mee hei war effektiv d'Kartellrecht, dat gëtt e gewëssene Kader, an deem een sech beweegen kann. Et waren och aner Interessenten do fir dat Diddelenger Wierk ze huelen deemools, ech denken do ganz haart, déi waren deemools an der Diskussioun sinn herno ofgesprongen, u Salzgitter. Wann ee kuckt, wéi déi evoluéieren, um europäesche Plang ass dat eng ganz aner Philosophie, mee dorop kënnen mir net zeréckkommen, déi Choix sinn deemools gemaach ginn an engem europäeschen an nationalen Ëmfeld, deen deen ass deen en ass.

Dat fir ze soen, ass GFG Alliance hei Propriétaire vu Liberty Steel? Ech ginn dovunner aus, dass dat vläit eng rhetoresch Fro ass well et ass net um Diddelenger Gemengerot fir dat ze iwwerpräiwen. Et gi jo och Audite gemaach, et geet jo duer, déi international oder national Press kann ee liese fir zu enger Conclusioun ze kommen. Ech hu just erausgelies an der nationaler an der internationaler Press, dass keen Dementi war, dass GFG Alliance net Propriétaire wier vu Liberty Steel, dat wier eng normal Reaktioun gewiescht. Zu den Ausféierungen, wat dës Motioun ugeet a par rapport zum Site vun Diddeleng, fir déi Saachen net ze vermëschen a well et ugeschwat gouf vun der Solution durable et globale, kann ee gär bäifügen fir ze preziséieren "pour le site de Dudelange" fir all Ambiguitéit aus dem Wee ze goen, well et geet ëm de Site vun Diddeleng an et geet och haut nëmmen ëm Liberty Steel, déi aner Volete kann ee sécherlech diskutéieren.

Mir haten déi Diskussiounen jo schonn, dat wäert eis sécher och beschäftegen well dat jo och an d'Entwécklung vun Diddeleng mat afléisst, industriell Entwécklung, Industriepolitik, Weiderentwécklung vun Neischmelz oder vu Koibestraachen. Haut geet et wierlech ëm Liberty Steel an et soll och dee klore Message eriwuer kommen. Dofir mengen ech, géng ech proposéieren, dass een hei bäisetzt "pour le site de Dudelange bei "pour la situation durable et globale".

Da waren zwou Textproposen vum Här Thill. Et ass ëmmer schwierig, Dir hutt se préparéiert, Dir liest se hei fir, mir hunn se net, et ass ëmmer schwierig, doriwwer kënnen ze befannen. Wa mäi Gediechtnes mech net am Stach léisst, mengen ech, war déi zweet – do gesäit een de Schwierigkeetsgrad schonn wann een alternativ Formulatiounen mécht – ech mengen, do war déi zweet Formulatioun, déi Dir virgeschloen hutt, méi an engem globale Kontext, géif also net hei erapassen. Dir confirméiert, Dir sot jo. Effektiv, mee déi méi global Formulatioun géng ech proposéieren, op der Säit ze loossen, mee déi éischt Formulatioun, déi huet mir net schlecht ge-



klongen, kënnt Dir déi villäicht nach eng Kéier widerhuelen?

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Ech hat proposéiert, dobäizesetzen am Kontext, dass déi zwee Wierker Léck an Diddeleng awer zesumme fonctionéieren an op jiddwer Fall Diddeleng méi op Léck ugewisen ass wéi ëmgedréint. Also folgende Saz an d'Motioun opzehuelen: "Invite le gouvernement et les syndicats luxembourgeois à se concerter avec le gouvernement et les syndicats wallons en vue d'une approche commune publique."

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass OK, wëssend, dat gouf jo och scho gesot, dass jo Kontakter besti mat der Région wallonne, mat dem Minister vun der Région wallonne an och mat de Gewerkschaften. Voilà, dat kann ee gären iwwerhuelen an dat passt gutt an de Kontext.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Ech géif soen, déi zwou Gewerkschaften, also déi zwou Gewerkschaftssäiten, soe mer léiwer esou, déi lëtzebuergesch an déi wallounesch, sinn an deem Sënn och bedeelegt, en plus vun hirer respektiver Regierung.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Jo OK.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt kuerz Stellung huelen. Ech hunn net gären wann ech gesot kréien ech géif en Amalgamme maachen an et wier e Fourretout eis Prise de position, mee da muss ech awer soen, den Thema Wolser, dat hutt Dir erabruucht, Koibestraachen hutt Dir erabruucht, da kommt mir huelen den 1.- 2.- 3.- an de 4. Alinea komplett eraus well dann ass dat méi kloer, dat ass genau dat wat d'Monique Heinen gesot huet.

Koibestraachen, wat passt dann elo wa mir soen, mir schwätzen hei vu Liberty Steel et geet ëm déi 250 Aarbechtsplazen, da mussen mir dat dote och komplett eraushuelen, well wa mir net dierfen dozou Positioun huelen well dat net gewollt ass, well Dir fannt, dass mer do en Amalgam maache vu verschidde Problemer, jo, da kommt mir huelen et eraus, da bréngt et näischt, da maache mir effektiv eng nei Motioun eng Kéier un d'Regierung: Hei, wéi steet et mat der Zukunft

vun Diddeleng? Da passt och ënnen net "à aider à pérenniser les activités industrielles sur le site de Dudelange", ech huelen un, dee Punkt hutt Dir ralliéiert un d'Motioun vu Wolser a Riedgen an esou weider, Diversification économique, Eurohub an esou weider, mee dat huet am Fong jo, wann Dir sot "Motion relative à l'avenir de Liberty Steel" guer näischt mat Liberty Steel ze dinn, da kommt mir huelen dat einfach eraus. Dir kënnt mir net d'Wuert verbidden, wann ech iwwer déi Positiounen d'Wuert ergräifen an eng Positioun huelen, wann Dir selwer déi Wieder an d'Motioun erabrénkt.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Et huet keen lech d'Wuert verbueden.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dir stellt et esou dohinner, wéi wann ech géif egal wat erzielen!

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Neen, dat sinn zwou verschidde Saachen...

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo absolut, dat war mäin éischte Saz, ech hätt näischt gesot wann...

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Dat sinn zwou verschidde Saachen ... ech erklären lech wéi esou ech gesot hunn ech hätt léiwer et soll drableiwen, well et sinn zwou verschidde Saachen. Wolser a Riedgen, dat sinn déi zwou national Industriezonen, Liberty Steel ass op enger vun deenen zwou, dat anert ass einfach Considéranten, wat sech zu Diddeleng gedoen huet an deem Ëmfeld an deem mir eis beweegen. Mir kënnen net Abstraktioun vun der Zone LNS maachen, respektiv vum Eurohub Multimodal, dat si jo Projeten, déi do sinn, dat ass jo eng Realitéit. Dat heescht, herno soen, wat een domadder mécht an a wéi eng Richtung et geet, dat ass nach eng aner Saach. Dat sinn awer Realitéiten, déi esou sinn, et ass e ganz normale Volet an e Considérant, deen een an eng Motioun eranhëlt. Dat ass e Fakt, déi sinn do, et ass net wéi wann se net do wieren. An si sinn en plus nach geografesch no bäi, dofir dat si faktesch Donnéeën an dofir deelen ech net déi doten Aschätzung, mee mir kënnen gären an engem anere Moment d'Diskussioun ronderëm déi Projeten, déi sech hei nach dinn, opgräifen. Mee hei hu mer faktuell Donnéeën an hei ass awer e generelle Kontext.

Ech géif proposéieren, dass mir ofstëmme mat dem Ajout vum Här Thill. Ass de Gemengerot mat dëser Motioun averstanen? **Dat ass unanime.** Gutt, da fuere mir weider mat de Froen un de Buergermeeschter a Schäfte-rot.

7. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da fuere mer weider mat de Froen un de Schäfte-rot an do sinn der eng ganz Rei.

D'Kommissiounen, jo, dat sinn Neibesetzungen an de Kommissiounen säitens der CSV. D'CSV proposéiert an hirem Pool des remplaçants folgend Leit erauszehuelen, den Här Patrick Wengler an den Här Armando Spagnol an si proposéiert an de Pool eranzehuelen den Här Steve Humbert an den Här Thierry Pott. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

Da komme mir zu de Froen, dat ass eng ganz Rei. Ech kucken, wéi se datumsméisseg erakomm sinn. Déi éischt ass vun der Madamm Kohn, et geet ëm den Eichenprozessionsspinner am Park Le'h an ech ginn dofir dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – Schäfte-rot): Jo, zu deem Thema goufen et am Fong geholl zwou Froen, déi éischt den 20. Abrëll vum Martine Kohn un d'LSAP-Fraktioun. Si schreift Diddeleng verfügt iwwer eng grouss Offer u Bëscher a Parken, wou eis Bierger kënnen hir Fräizäit verbréngen. Déi lescht Joren awer goufe mir awer geplot, besonnesch an der Le'h, duerch eng Invasioun vum Eichenprozessionsspinner, eng Raup, déi de Leit d'Liewe schwéier gemaach huet mat alle Schied, Allergien a Gesondheitsproblemer, déi se provoziere kann. Wéi stellt sech de Problem dëst Joer, hunn déi Verantwortlech hei schonn anticipéiert an sech schonn domadder befaasst? A wat gedenkt de Schäfte-rot dogéint ze ënnerhuelen? Zweek Deeg méi spët hunn dunn déi Gréng da reagéiert, de 25. Abrëll, an si schreiwen an hirer Fro eng Spréitzaktioun, déi géint de Eichenprozessionsspinner wierke soll, ass an noer Zukunft an der Le'h geplangt.

An engem Pressecommuniqué hei ugespéngelt hu verschidden Ëmwelt- an Naturschutzaktiounen dësen Agrëff an den Ecosystem staark kritiséiert. An deem Kader stelle mir folgend Froen: Sinn all aner Méiglechkeeten analyséiert ginn? Wéi vill Beem an der Le'h wäerte mat dësem Produit behandelt ginn? Handelt et sech ëm eng präventiv Moossnam fir all d'Eechen an der Le'h oder gi just déi Eechen traitéiert, wou Larwen entdeckt ginn? Gëtt d'Firma Auxilis vun der Gemeng bezuelt oder vun der Naturverwaltung? Dat sinn déi zwou Froen, déi zu deem Thema gestallt gi sinn.

Ech well ufänken an ënnersträichen, dass de Park Le'h, deen Terrain, ass d'Propriétéit ass vun der Gemeng Diddeleng an dofir ass do d'Gemeng Diddeleng an der Verantwortung fir deen Terrain. Firwat soen ech dat? Majo well net méi spët wéi den 20. Abrëll koun

endlech den nationalen Aktionsplang mam Ëmgang mam Eichenprozessionsspinner hei zu Lëtzebuerg vun der Administration de la Nature et des Forêts op den Dësch an do steet ganz kloer dran an ech zitieren d'Säit 24, dass d'Gemengen zoustänneg si fir ëffentlech Infrastrukturen, Verkäiersweeër, Gebaier, Weeër Stroossen an och "Wälder im Besitz der Gemeinde" responsabel sinn. Méi prezis schreiwen se souguer bei de Wälder; "die Eigentümer der Bäume haben eine eigene Sorgfaltspflicht, das heisst sie haben im Allgemeinen dafür Sorge zu tragen, dass durch die Bäume un deren "Bewohner" niemand zu Schaden kommt".

Dat heescht, d'Missioun fir d'Gemeng ass ganz kloer, dass mir hei müssen eng Verantwortung iwwerhuelen. D'Alternativ fir de Kapp an de Sand ze stichen an ze soen, do ass näischt, dat kënnt natierlech net a Fro. Hei gëtt da gefrot ob d'Alternative schonns analyséiert gi sinn. D'Alternative sinn déi Méiglechkeeten, déi mir scho gemaach hunn, dat heescht, mir haten dräi Méiglechkeeten. D'lescht Joer hu mir et mat de klasschesche Fale probéiert. Wann Dir duerch d'Le'h gaange sidd, hutt Dir gesinn, dass do esou e Korsseli un de Beem mat enger schwaarzer Tut war, do hätten déi Eichenprozessionsspinner sollen dra falen, mee ech muss soen, dat war en totale Flopp. Déi aner Alternativen, déi mir haten an ausprobéiert hunn, an dat sinn zwou Alternativen: Déi mechanesch Entfernung, dobäi geet et drëms, déi Raupe mat engem Staubsauger ofzesaugen, wat awer den Nodeel huet, dass do déi Hoer duerch de Filter erëm kënnen opgewirbelt ginn an an d'Atmosphär kommen, sou dass se awer erëm an der Le'h landen. Déi aner Alternativ, déi mer och scho gemaach hunn, dat ass déi thermesch Entfernung, dat ass mat Offlame vun den Näschter mat engem Brennaparat, dat ass ganz aarbechtsintensiv a weist och Nodeeler op. Wann ech soen Nodeeler, dann ass et kloer, dass do déi ganz fein Hoer duerch d'Entwécklung vu Wiermt an d'Luucht gedriwwen ginn an déi kommen nees an d'Atmosphär eran.

Sou dass mir du gesot hunn, mir wäerten déi heite Method uwenden. Et ass och esou, dass mir eis déi Decisioun net einfach gemaach hunn, mee mir verstoppen eis och net hantert der Decisioun vum Minister, vun engem grénge Minister, dass mir elo soen, OK, et ass e grénge Minister, deen eis d'Geneemegung ginn huet, da si mir fein eraus. Nee, esou einfach maache mir eis et net. Et ass och hei gefrot ginn, wéi vill Beem kommen do a Fro? Et muss ee wëssen, d'Le'h ass en Areal vu 24 Hektar an et si plus minus 18 Hektar Eechebestand, déi och bal alleguete befall sinn. Haut ze soen, wéi wann e Bam behandelt gëtt oder wann e Bam net behandelt gëtt, ass schwéier soen, well bis elo kann ee just uewe kucke goen an d'Bamkrounen, fir ze kucken, wou den Eichenprozessionsspinner ass a wéi vill der do sinn an. Wéi gesot, deen entwé-

ckelt sech och a wéi d'Natur schafft, gëtt dat ëmmer méi, dofir eise Fierschter an eis Leit waren dës Woch mat der Firma an der Le'h fir ze kucken, wéi wou wat an deementsprechend gëtt den Aktionsplang dann op d'Bee gesat an ab dem 10. Mee ëmgesat.

Et ass och esou, dass mir an der Vergaangenheet – wa mer vun Alternative schwätzen – mat der Firma Entrapaulus geschafft hunn, Dir kënnt lech villäicht erënnere, dass mir déi engagéiert hunn déi éischt 2 Joer an et ass esou, dass mir als Gemeng eng eegen Ekip agesat hunn, 4 Aarbechter aus der Gemeng, déi a Formatioun gaange sinn an Däitschland fir kënnen entweder mam Staubsauger oder mam Flammaparat virzegoen. Wéi gesot, alles dat si Saachen, déi sinn immens aarbechtsintensiv an dat wichtegst ass, mam Elevator kënnt een net bis uewen an d'Kroun an uewen an der Kroun si meeschendeels déi meeschte Raupen.

Wéi gi mir elo fir? Owe den 9. Mee gëtt dann d'Le'h ofgespaart, sou dass kee méi kann eragoen an esou, respektiv dass de Parking beim Restaurant net méi ka benotzt ginn. Eis Leit wäerte sur place si fir ze kucken ob dat och alles agehale gëtt. Mir fänken dann u beim Parking a beim Restaurant an dann duerch de Kloterpark an da gëtt d'Le'h systematesch esou ofgeschafft. Laanscht den Déierenasyl an d'Fleegestatioun gëtt de Cordon de sécurité net traitéiert, ech betounen "net" traitéiert weinst der Sécherheet vun den Déieren. Dat selwecht laanscht d'Wunnhaiser wou den Terrain un d'Le'h ustéisst an och an der Rue de la Forêt gëtt de Bësch vum Vëloswee aus behandelt mat engem Sécherheetsofstand an et gëtt a Richtung Beem gesprezt an net a Richtung Haiser, sou dass ee ka séchergoen, esou e Maximum u Sécherheet fir d'Leit an d'Déieren ze garantéieren. Et ass och esou, dass mir d'lescht Woch eng Entrevue hate mat Natur & Ëmwelt. Den Här Gerend vun der Diddelenger Sektoun hat déi ugefrot a mir hunn déi och accordéiert krut a mir hunn effektiv do an enger sachlecher Diskussioun Pro a Kontra vun där Aktioun diskutéiert an ausgewot an, wéi gesot, et muss een eng Decisioun huelen. Ob se jidderengem gefält oder net, dat ass eppes anescht a mir sinn op den Wee gaange mam Service Jardinage, mam Fierschter a mat Nature & Forêts, dass mir dës Joer op dee Wee zréckgräifen.

D'Alternativen hu mir alleguete probéiert, ouni grouss Succès, et muss ee wëssen, dass een ongeféier 10-15 Prozent vun den Déieren duerch déi alternativ Methoden, méi war net dran, et war zäitintensiv a wéi gesot, et ass net esou evident ganz uewen an déi Krounen ze kommen. Et muss een och wëssen, dass mir dee Problem hei méi laang wäerte behalen, well dat ass e Problem, deen all Joer erëmkënnt, duerch d'Klimaerwärmung, an dofir ass et net mat enger Aktioun dës Joer gedinn, dee wäert ëmmer erëm

kommen, mee wat awer sécher ass, ass, dass mir dës Aktioun mol just dës Joer maachen an da kucke mir wat dat bréngt an dann déi nächst Jore ginn nei Decisiounen geholl, sief et déi doten, respektiv aner Methoden, sief et déi oder déi aner. Wéi gesot, et gëtt ebe keng 100% sécher Method an, wéi gesot, den Eichenprozessionsspinner ass e Gesondheetsproblem et ass kee waldbauleche Problem well duerch déi Hoer vun de Raupe kënnen Allergien a Verbrennungen entstoen. Do fir, wéi gesot, mir als Propriétaire müssen hei eng Decisioun huelen a mir hunn déi geholl, déi ech elo hei erkläert hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem René Manderscheid, hutt Dir nach eng Präzisierung?

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Jo mat de Käschten. Ob d'Gemeng déi da muss bezuelen?

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – Schäffen): Déi Fro war och opkomm an et ass d'Gemeng déi opkënnt well mir Propriétaire vum Bësch sinn. Wier et e waldbauleche Problem, wier et d'Nature & Forêt, mee vu dass et e gesondheitleche Problem ass, ass et d'Gemeng als Propriétaire an dat kascht eis plus minus 20 000 Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Da kommt mir ginn eis herno e Moment, mir sinn hei an enger Frostellung, mir kënnen herno gären driwwer diskutéieren nom Gemengerot, dat ass absolut kee Problem, ech wëll just de Kader vun de Froen halen. D'Madamm Heinen an d'Madamm Kohn hunn eng Fro gestallt, et ass drop geäntwert ginn, kommt mir fuere weider. Da ginn ech d'Wuert weider un de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP – Schäffen): Merci, mir befaassen eis mat der Fro vum Här Martini, deen am Numm vun der CSV Diddeleng folgend Fro eragereecht huet: "Am Numm vun der CSV Diddeleng bidden ech lech, an der nächster Gemengerotssitzung ze folgende Punkte Stellung ze huelen: Op der Schmelz beim Skaterpark sinn e puer Rampen defekt an d'Gemeng huet déi Rampen elo zougemaach well d'Sécherheet do net méi garantéiert ass. Meng Froen zum Skaterpark si folgend: Wéi ass d'Verhältnis zwëschen dem Skaterpark an der Gemeng?"

Ech kéint elo einfach soen exzellent. Trotzdeem huelen ech méi wäit aus. Virun iwwer 20 Joer huet ronderëm de Schäffen, den Zanussi Marc an de Fernand Meneghetti, sech e puer Jonker ronderëm de Marc Lazzarini op d'Bee gemaach fir déi Kultur zu Diddeleng ze installéieren an nodeems se op der Gemeindeplaz gerullt a gespronge sinn, hunn se dunn den Déplacement fonnt op dee Site wou se elo sinn. Do ass sengerzäit de Park entstanen, wat deen éischten hei am Land war a säit hir groussen Erfolleg hat a mir kë-

nen a freeën eis alleguerten ëmmer op den Dudelange On Wheels, esou dass ee wierklech ka soen, dass do vun Ufank un eng flott Kollaboratioun stattfonnt huet.

Wien ass Propriétaire vun de Rampen? Effektiv sinn d'Rampen eng Gemeengepropriété. Et ass och esou, dass mir déi hei och ëmmer stëmmen a wann déi solle bezuelt ginn, hu mir an deene leschte Joren an dësem Gremium ëmmer gestëmmt wéi eng Rampen zu wéi engem Präis och wouhinne kommen, dat och natierlech an Ofsprooch mat de Jongen a Meedercher aus der ASBL well déi den Expert vum Terrain sinn an deementspreechend hu mir de Park zesummen opgebaut, quitte dass d'Gemeng als Propriétaire do ass fir op Froen ze äntweren.

Wien ass fir d'Sécherheet responsabel? Dat ass hei wéi op all ëffentlech Infrastruktur, do ass et de Propriétaire an hei ass et eben ëffentlechen Terrain dofir ass d'Gemeng dofir zoustänneg. Nichtsdestotrotz, wéi bei Spillplazen an aneren ëffentlechen Infrastrukture sinn och hei Schëlde, déi drop hiweisen, dass een iergendwou och eng eegen Responsabilitéit huet a mir weisen drop hin, dass d'Leit sech solle schützen wann se dann do erop an erofrullen, rutschen oder sprangen an dass dat op hir eege Gefor stattfënnt well hei net permanent e Surveillant kann dobäi sinn.

Dann déi nächst Fro wier: Wien ass zoustänneg fir d'Reparaturen? Am Prinzip ass et esou, dass vun Ufank un d'ASBL hir eege Fréijoersbotz organiséiert hunn, dann hunn se den Entretien vun de Rampen a vum Entourage gemaach a wann do Saachen opgefall sinn, hunn se mat eise Servicer, eisen Ateliers d'Material zur Verfügung gestallt an dann hunn déi Leit am Kader vum Benevolat, leider sinn dat nach ëmmer déi selwecht Leit, déi dat deemools initiéiert hunn, wat e Problem un sech ass, mee e Benevolat huet bei hinnen hei net Halt gemaach, dofir eng kleng Klammer op: Et ass deelweis traureg wat an den ëffentleche Medien deene Leit a Meedercher an de Kapp gehäit gëtt, déi sech am Kader vum Benevolat do all déi Joren exzellent agesat hunn a wann do eppes schief leeft oder vläit misst ersat ginn, ass et schuet, dass do dann de Benevolat duerch de Kacka gezu gëtt, fir dass een nach méi demotivéiert ass fir sech anzusetzen.

Dofir fannen ech et besser, dass mir dat hei diskutéieren a konkret Léisunge sichen, well vun deene Leit, hunn ech mer soe gelooss, déi sech do ëffentlech bekloen, huet sech kee bei der Gemeng nach bei de Leit vun der ASBL gemellt an dat ass sécherlech net de richtege Wee an, wéi gesot, déi Leit vun der ASBL si regelméisseg do, schreift se un, d'Gemeng ass do ëmmer mat engem oppeenen Ouer zur Hand fir kënne Léisungen ze fannen, deementspreechend ass et och hei esou geschitt. Mir hunn elo e Plang opgesat, d'Material ass bestallt ginn an esoubaal dat al-

les do ass, gëtt dat mat deene Leit vun der ASBL an der Gemeng erëm a Stand gesat.

Wei gesäit Zukunft vum Skaterpark aus? Dat war déi lescht Fro vum Här Martini. Jo, do hate mir am Kader vum Neischmelz de Projet ugedeit, dass deen deplacéiert gëtt an eng Partie intégrante vum ëffentlechen Deel vun Neischmelz wäert ginn, dat heescht dee ganze Site wäert geplënnert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Loris Spina fir seng Äntwert.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci Loris Spina, déi Fro war wierklech kloer beäntwert. Ech hat déi Fro gestallt well ech gesinn hunn, dass déi ASBL sech net méi esou engagéiere konnt wéi virun 20 Joer, iergendwann gëtt een erwuessen, et kritt ee Famill, ech hu gemierkt, do ass manner Nowuess, dofir hunn ech mech gefrot wéi et weider geet, ob dat ganz vum der Gemeng iwwerholl gëtt, ob do keng Benevolle méi wäerten dru schaffen oder esou, dat schéngt awer relativ kloer ze sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir d'Motivatiounsgrënn vun der Fro ze preziséieren. Da ginn ech d'Wuert un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Merci, ech bleiwe beim Här Martini, deen eng Partie Froen zu der Verkéierssécherheet op eise Stroosse gestallt huet. Déi éischt ass: Wéi vill Leit hunn sech hei zu Diddelenger als Foussgänger op der Strooss verletzt? An déi zweet huelen ech dobäi: Wéi vill Vëlofuerer hunn sech hei zu Diddeleng am Strosseverkéier verletzt? Et ass esou, dass mir als Stad Diddeleng keng Statistiken iwwer Vëlofuerer oder Foussgänger déi sech verletzt hunn. Well déi Leit sech jo net bei eis mellen, mir hunn deen een oder aneren, deen sech mellt a seet, ech sinn um Trëttoire gefall a kuckt eemol no deem Trëttoire, mee déi meescht mellen sech net wann si en Accident hunn.

Dunn hu mir eis un d'Police gewannt well si déi Zuelen eigentlech muss hunn. Si hunn se och, mee si dierfen eis déi Zuelen net ginn. Gutt. Dunn huet d'Police gesot mir missten dat beim STATEC kucken. Dat hu mir da beim STATEC gekuckt, wat mir esou online fonnt hunn, dat ass op hirem ëffentleche Site, dat kann all Mënsch kucken. Do gëtt et eng Tabell, wou all d'Accidenter pro Joer dra sinn an déi ass och opgeschlëselt ob et mam Auto Vëlo oder ze Fouss geschitt ass, mee déi hu se net pro Gemeng. Da ginn et Statistike pro Gemeng, mee déi sinn dann net opgeschlëselt, dat heescht do ass alles dran, ob dat mam Auto ass, mam Bus, mam Vëlo ze Fouss, mam Trakter, alles. Ech ginn lech elo déi Zuelen, déi ech online fonnt hunn, mee déi u sech net dat aussoe wat Dir wëllt wëssen, ob et de Foussgänger oder de Vëlofuerer ass. Ech huelen einfach dat lescht Joer wat drop

ass, dat ass 2019 well 2020 hu mir nach net fonnt. 2019 waren 33 Accidenter mat 46 Leit, déi betraff sinn, 1 Doudegen, 8 schwéier Blesséierter a 37 liicht Blesséierter. Do gesäit een e bëssen, dass déi Autosaccidenter dra sinn, wann ee gesäit, dass 33 Accidenter mat 46 Leit well si och kucken wann an engem Auto 2 oder 3 Persounen souzen, da gëtt dat an déi Zuel do mat erageholl.

Dann hutt Dir gefrot wéi vill Demanden d'Gemeng beim Ministère gemaach huet fir virun de Schoulen eng Zon 30 ze etabléieren a wéini déi Demandë gemaach goufen? Mir hunn nach just zwou Schoulen, wou aktuell net an enger Zon 30 sinn, dat sinn d'Schoule Gaffelt a Butschebuerg a bei deene Schoulen ass eng rout Luucht och mat Bouton poussoir fir dass d'Schüler an Eltere kënne sécher iwwer d'Strooss goe wann se drécken. Dir wësst och, dass Ponts et Chaussées plangt, déi Butschebuerger Strooss ze reamenagéieren. Si soten, 2022 géifen se gär domadder ukommen an de Projet ass dann, och do den Aménagement vun enger Tempo 30 Zon virun der Schoul dran. Dat war natierlech och eng Demande vun eis an déi hu mir 2016 schonn un si ugedroen. Bei der Schoul Gaffelt hu mir nach keng schrëftlech Demande gemaach, mir hunn awer mëndlech nogefrot gehat, 2020 war dat. Ponts et Chaussées sot deemools mëndlech, datt mer éier mir hei iwwerhaupt kënne eng Demande maachen an éier mir en offiziellen Accord kéinte kréien an eng Decisioun vum Ministère geholl gëtt, misst de Projet "Suppressions des passages à niveau" méi konkret ginn an an deem Projet ass virgesinn, dass d'Gaffelter Strooss sollt eng Gemengestrooss ginn, da wier et kee Problem fir dann hei eng Tempo 30 Zon ze maachen an esoulaang dat net gekläert wier, wéilt Ponts et Chaussées do guer net dru goen. Wéi gesot, dat war mëndlech an et ass réischt e puer Méint hir, mir kënne dat trotzdeem gären awer mol schrëftlech ufroen awer mat all dem Wëssen, wat se eis geäntwert hunn, villäicht hu mir Chance well och bei der Ponts et Chaussées goufen e puer Kapp ausgetoscht an wa mir op dee Richtege falen, deen eis gutt gesënnt ass, kréie mir do villäicht eng besser Äntwert mee wéi gesot dat sinn déi Informatiounen déi mir virun e puer Méint kruten, déi sollte mir dann och am Hannerkapp behalen.

Dann hutt Dir gefrot wéi eng Propos de Schäfferot ka maache fir d'Sécherheet op der Scherr fir de Foussgänger ze verbessern? Dat ass dat wat ech uganks schonn ënnert Korrespondenz sot well ech mengen et waart Dir wou dat gesot hat, fir do e Foussgängers-träifen hinzemaachen.

Et ass esou, op der Scherr, dat ass eng Plaz, déi ass ausserhalb vun der Uertschaft vun Diddeleng, dat heescht hors agglomération wéi Ponts et Chaussées dat nennt. A wann et Agglomération ass, da sinn si responsabel dofir an och den eenzegen Uspriechpartner.

Mir hunn deemools bei hinnen ugefrot gehat ob en Zebrastreifen oder/an eng Vëlosfuer méiglech ass, Ponts et Chaussées an de Ministère accordéieren awer leider keng Zebrastreifen an och keng Vëlosweeër. Mir hunn an der Mëttesstonn 40 Autoen a manner wéi 40 Foussgänger a Vëlosfuerer pro Dag, déi do iwwer d'Strooss ginn, dat sinn d'Zuele vu Ponts et Chaussées selwer, well si eng eegen Zilstatioun hunn op der N31 an eréischt wa méi wéi 500 Autoen an der Spëttestonn do fueren a méi wéi 40 Foussgänger oder Vëloen, da wier fir si d'Konditioun erfëllt fir do kënnen en Zebrastreifen hinzemaachen.

Ech bleiwen an där Géigend. Dir kennt lech erënneren, dass mir ronn 4 Joer gebraucht hu fir eng Permission de voirie ze kréien an hunn dann den 19. Mäerz hei e Verkéiersreglement gestëmmt fir eng Luucht mat Bouton poussoir op der Kayler Strooss op d'Hausnummer 250 A ze maachen, well dat eben nach zum Gemengenterrain gehéiert. Mir waarden elo just nach op e Rendez-Vous mat CREOS an duerno kann déi Anlag gesat ginn a wann dat klappt, kann dat Mëtt Mee fäerdeg sinn an a Betrib goen a wann déi Anlag um Gemengenterrain ass, kënnen mir dat esou maachen an dat wier et elo mol vu menger Säit zu de Froe vum Här Martini.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci, ech hunn dat mat de Foussgänger gefrot well an enger parlamentarescher Fro vun deene Lénken, do war dat gefrot ginn an do koume ganz genau Zuele vun deene Victimes de la circulation à Luxembourg-ville. Ech hu gemengt, dat wier fir all Gemeng de Fall an dann ass och an der Äntwert präziséiert ginn, dass wann s de eng kloer Proposition hues, fir eng Zon 30 virun enger Schoul ze maachen, da géifs de dat accordéiert kréien. Dofir ass et wichteg, dass mir déi Fro schrëftlech eraginn, well no hirer Äntwert, déi ech hei hunn, kann een déi net refuséieren. Ech kann lech dat och gär weiderschécken.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schëffin): Just als Remarque, déi Zuelen dat ass eng offiziell Question parlementaire an de Ministère huet déi Froe beim STATEC ugefrot an de Minister huet dann ee Mount Zäit fir eng Äntwert ze kréien. Ech ginn dovunner aus, wa mir elo schrëftlech froen, dass mir déi Zuele kréien, villäicht awer nach net an engem Mount. Oder et kann eng Question parlementaire hei gestallt ginn, op Diddeleng fokusséiert, dann dauert et e Mount, mee dann hu mir se villäicht, mee an deenen dräi Deeg, déi mir hunn, konnte mir déi Zuelen net opdreiwien. Die Mühlen des Staates mahlen langsam.

Dat anert, mir maachen déi Demande sécher eemol schrëftlech, mee d'Argument ass, dass eng Schoul do ass, wann hinnen dat net

duergeet, mee Dir wësst jo wéi laang mir gewaart hu fir bei Ribeschpont Zon 30 ze kréien an ech mengen, wann de Minister deemools net an enger Versammlung gewiescht wier, e bëssen zu engem aneren Thema, an do keen Drock vun de Leit komm wier, ech mengen, dann hätte mir déi Zon 30 haut nach net. Dat soen ech ganz éierlech mee mir ginn et schrëftlech eran.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci nach eemol fir déi doten Nofro an déi Äntwert. Dann hu mir nach dräi Froen, zwou vun der Madamm Kayser an eng vun de Gréngen, wou d'Josiane Di Bartolomeo Ries wäert drop äntweren, ech wäert dann déi zwee vun der Madamm Kayser huelen.

Déi éischt Fro, do schreift d'Madamm Kayser, dass den 2. Februar 2021 un de Schäfferot e Schreiwes komm wier, un de Gemengerot vum Personal vum Enseignement fondamental a vun der Maison Relais Ribeschpont, dass lech dee Brëif virläit fir eng personalpolitesch Ugeleeënheet, dass och de Schäfferot den 22. Februar 2021 op dee Brëif geäntwert huet ouni am Virfeld de Gemengerot a Kenntnis ze setzen, dass och net an enger ëffentlecher Gemengerotssitzung oder am Huis Clos driwwer geschwat gouf, ënnert Personal. Si seet, dass mir dat Schreiwes ënnerschloen hätten a freet wéisou mir dat net zougestallt hunn dem Gemengerot a wéisou mir dat net ugeschwat hunn am Gemengerot a wéini mir dann entscheet hunn, fir esou Bréiwer, wou de Schäfferot beäntwert, déi un de Gemengerot adresséiert sinn och un de Gemengerot weiderzegoen a wat wëll de Schäfferot maachen an Zukunft fir esou e Feelverhalen ze verhënneren? Ech géif mol op déi zwou lescht Froen eng Äntwert ginn ouni awer de generelle Kontext ze erörtern an ouni ze vill an d'Detailer ze goen. Éischtens mol ass dat heite kee Feelverhale. Zweetens kritt de Gemengerot ëmmer iwwer E-Mail wa mir eng Äntwert ginn, da kritt de Gemengerot och d'Äntwert vum Schäfferot matgedeelt. Dat ass de Prinzip. Entweder et läit ënnert Correspondance am Gemengerot oder Dir kritt et iwwer E-Mail oder tëschent zwee Gemengeréit matgedeelt an et ginn an der rezenter Vergaangenheet eng Rei esou Beispiller. Dat zum Prinzip.

Wat dës Affär ugeet, ass et zimmlech peenlech a penibel well mir hei eng Affär hunn, et ass sécherlech de Gemengerot, wou de Courier kritt, wann d'Affär bis ofgeschloss ass, well mir hei eng Affär hunn, déi um penale Plang ass, um disciplinäre Plang ass an um Niveau vum Aarbechtsgeriicht ass, well et hei ëm e Mataarbechter geet, zwee Mataarbechter, wou eng Plainte pénale gemaach gouf am Kader vun der Aarbecht, Pressioun ausgedréckt gouf, ech ginn net an den Detail well et ass eng Affaire courante, dofir fannen ech et immens peenlech a penibel, dass mir dat hei an der ëffentlecher Sitzung beschwätzen, zumools och dee Brëif, dee mir vum Personal

an deenen Enseignanten aus der Maison Relais kritt hunn, déi sech zwar staark maache fir de Mataarbechter, deen zwëschenzäitlech net méi fir d'Gemeng geschafft, wou mir eng Procédure disciplinaire an um Aarbechtsgeriicht lafen hunn, ouni awer a Kenntnis ze si vun der ganzer Affär, dat fannen ech zimmlech grave an dat wëll ech hei vläit betounen. Dat opzegräifen an eng Fro ze stellen, fannen ech och immens peenlech. Well mir voll an de Prozedur sinn. D'Prozedur lafen um penale Plang, um disciplinäre Plang sinn se deelweis ofgeschloss an awer Prozeduren, déi nach lafen um Niveau vum Aarbechtsgeriicht an dëst Dokument och Partie intégrante ass vum ganze gerichtlechen Dossier.

Dat heescht, mir hunn hei deene Leit geäntwert well se eis e Courier adresséiert hunn a firwat hu mir et net ugeschwat? Majo, ech hunn lech d'Äntwert ginn, mir sinn hei an der Situatioun vun enger Affär, déi nach net ofgeschloss ass, wou mer nach net all d'Elementer hunn. Dat heescht, wann et eemol zum Ofschluss vun der Affär kennt. Da kann ee ganz gären eemol hei an engem Huis Clos doriwwer diskutéieren, wat aus der Affär erauskomm ass an da kënnen mir och dee Brëif kommunizéieren an da kënnen mir awer och als Schäfferot convenablement am Huis Clos op verschidde Punkten agoen an Diskussiounen, well mir dann alleguerten d'Elementer hunn, déi mir den Ament net hunn.

Dofir fannen ech et immens peenlech an et muss een oppassen op esou Bréiwer, wou een zwar eng Zouso kritt, mee wou een d'Envergnung, an déi hunn ech lech skizzéiert ouni an den Detail ze goen, ouni déi ze kennen, an dass dat hei an enger ëffentlecher Sitzung beschwat gëtt. Just fir de Kader ze setzen. Dofir hu mir et net matgedeelt. Net fir et virzeenthalten, mee mir wëssen, dass mir an enger lafender Prozedur sinn an dat ass Partie intégrante vum ganzen Dossier an dat ass am judiciaire Beräich eng gewësse Virsicht wou ee muss hunn. Dat als Erklärung wou mir elo dru sinn, dat heescht, et ass net ofgeschloss a wann et esou wäit ass, kann een dat eemol am Huis Clos uschwätzen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, eng Präzisounsfro, effektiv mir hunn och gesot, dass mir net an engem Huis Clos driwwer geschwat hunn, dat hu mir virgeworf an et war awer en offiziell Brëif, e Courier, deen net weidergi ginn ass, dat hu mir monéiert. Et geet guer net iwwer den Inhalt, mee trotzdem, ech hunn d'Gemengegesetz och nach eng Kéier nogelies an do steet och am Artikel 19 vum Gemengegesetz dran, dass "la présentation de candidats, nomination aux emplois, démissions ou peines judiciaires sont décidées au secret de la majorité absolue". Dat heescht, wann Dir elo sot, do ass eng Procédure disciplinaire an eng Prozedur, déi amgaangen ass, hätt een dat net och vläit missen an engem Huis Clos eis presentéieren an do presentéieren an dann

och, dass Dir dozou den Accord kritt. Well ech denken, dat hätt ee laut Gemeindegesetz missen am Gemengerot decidéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Bon, mir ginn elo e bëssen iwwer d’Fro eraus mee hei geet et ëm Salariéen an do spillt dat net. Wat Dir uschwätzt, dat geet beim Fonctionnaire communal, beim Employé communal awer net beim Salarié. Mir hunn en Aarbechterkollektivvertrag, do sinn déi Saachen dran. Dat ass net Gemeindegesetz. Dat zu där doter Fro.

Dann déi nächst Fro, dat war effektiv déi Plainte, déi mir gemaach hunn, déi juristische Strafanzeige, do ass hei d’Fro vun der Madamm Kayser, si schreift, am September 2020 hunn d’Membere vum Schäfferot eng Plainte gemaach beim Parquet géint e Bierger, well deen Äusserunge gemaach huet op enger privater Facebooksäit. D’Membere vum Schäfferot hunn sech verleumdet, respektiv diffaméiert gefillt, déi Klo gouf ouni juristesche Follge vum Parquet am Januar 2021 ad acta geluecht, Affaire classée sans suites pénales, schreift d’Madamm Kayser. Da stellt se d’Fro: Goufen déi Käschte vum Affekot vum Staat iwwerholl oder vun de Membere vum Schäfferot? Wann d’Gemeng Diddeleng déi Käschten iwwerholl huet, firwat gouf de Gemengerot net a Kenntnis gesat? Wéini mengt de Schäfferot juristesche Schrëtt musse ze huelen an och de Gemengerot ze froe fir eng Zoustëmmung a wéi eng weider Verfahren, respektiv Kloten huet d’Stat Diddeleng ënnerholl? An d’CSV freet de Schäfferot, wéi e wëll Folleg leeschten, fir esou Situatiounen méi Transparenz wëlle walten ze loosse? Dat ass d’Fro resuméiert.

Ech wëll hei mol soen, an och mol méi wäit aushuelen, och wann d’Bestriewe vum Schäfferot war, och an deem Dossier wéi och am viregten Dossier, eng gewëssen Diskretioun ze wahren, well eng Décision de justice virläit an ech wäert net drop agoen, mee ech wäert op e puer faktuell juristesche an och e puer penal Präzisierungen agoen, well Internet ass jo kee rechtsfräie Raum an alles wat een op Facebook post, ob dat privat oder öffentlich ass, oder op iergendengem Wall, bleift öffentlich. Éischt Informatioun, ech schwätze vun Transparenz, op enger privater Facebooksäit, dat ass falsch. Well dat war op der Facebooksäit vun enger politescher Partei an op enger Facebooksäit, net vun der Stad Diddeleng mee wou vill iwwer d’Stad Diddeleng gepost gëtt. Also net eng mee zwou, respektiv eng Facebooksäit vun engem Radiosender. Net eent mee dräi a wann ech soen, alles wat een op Facebook post ass och public an Internet ass kee rechtsfräie Raum.

Fir nach eemol de Kontext ze setzen. Déi Äusserung, déi gemaach gouf, respektiv déi Plainte, déi gemaach gouf, ech hunn d’Recht eng Plainte ze maachen, ech brauch do net den Accord ze froe vun iergendenger poli-

tescher Partei, vun iergendenger Majoritéit oder iergendenger Opposition, vun iergendenger Partei, Plainte féieren ass e Recht, dat ech hunn an dat Recht gëtt mir notament jo och de Code pénal, do brauch ech keen Accord ze froen, well wann ech en Accord muss froen, dann ass et jo kee Recht méi, mee ech kommen herno nach e bësse méi am Detail dorop zeréck. Hei gouf da gefrot oder éischter gesot, am Kader vun enger offizieller Prozedur, ech wollt dat ganz diskret déi judiciaire Decisioun handhaben, mee vu dass d’Madamm Kayser oder d’CSV déi Fro stellt, notze mir dann och d’Geleeënheet fir eng Rei Kloerheeten ze setzen.

Et war eng offiziell Prozedur am Kader vun engem Gesetz, Kommodo-Inkommodo. An an deem Kontext vun där offizieller Prozedur, wou de Schäfferot, respektiv awer virun allem de Buergermeeschter, well dee muss och ënnerschreiwe fir de Schäfferot, gouf gesot par rapport zu engem Industriebetrieb, deen sech hei sollt usidelen, dass de Schäfferot also Enveloppe kritt hätt, dat ass also e Virwurf vu Korruptioun. Soss géing een dat jo net schreiwen, et muss een also Preuve hunn. Am Kader vun enger offizieller Prozedur. Dunn hu mir decidéiert, eng Plainte ze maache géint dee Bierger, well do dann am Raum steet, dass hei Korruptioun gemaach gouf. A fir eng Plainte ze féieren, do brauch ee keen Accord vum Gemengerot. Et brauch een den Accord vum Gemengerot wann et virun d’Geriicht geet. Dir hutt virdrun d’Gemeindegesetz zitéiert, Madamm Kayser, kuckt eemol den Artikel 83 “pour ester en justice” brauch een den Accord vum Gemengerot net fir eng Plainte ze maachen an ech si frou, dass et mir d’Recht gëtt eng Plainte ze maachen ouni en Accord ze froen well natierlech den Accord vum Gemengerot brauch ee wann et bis op d’Justice geet, mee net fir eng Plainte ze maachen, dotëscht ass jo en Traitement judiciaire éier et op d’Geriicht geet. Also zwou fundamental Saachen.

Ech sinn awer och iwwerrascht, dass Dir dës Fro stellt well ech sinn dovunner ausgaangen, dass d’CSV weess, wéi ee mat Plainten ëmgeet. Rezent Beispiller weisen eis dat jo an ech sinn och iwwerrascht, wéi lichtfankeg Dir mat de Notiounen vun engem Rechtsstaat ëmgitt a mat Rechter, déi een huet. Ech si bal esou wäit, ze soen, dass Dir duerch Är Froestellung déi deelweis mat de Féiss trëppelt, woubäi Dir lech um nationale Plang ëmmer esou staark maacht fir den Rechtsstat, mee et feelen d’Prinzipien an d’Notiounen vum Rechtsstaat. Wann Dir hei schreift - Dir schwätzt ëmmer vun Transparenz vis-à-vis vun der LSAP - da musst Dir och transparent sinn, wann Dir Är Froen hei schreift.

L’affaire a été classée sans suites pénales. Dat ass richtig. De Parquet général decidéiert iwwer d’Opportunité des poursuites a wann Dir schreift l’affaire a été classée sans suites pénales, da ginn ech dovunner aus, dass ent-

weder de concernéierte Bierger huet lech kontaktéiert fir dass Dir dës Fro stellt oder Dir waart proaktiv an hutt de Bierger gefrot, wat ass mat där Plainte geschitt an deen huet lech eng Informatioun ginn. An déi Informatioun ass l’affaire a été classée sans suites pénales.

Just, transparenterweis hutt Dir eppes vergiess an Är Fro ze schreiwen oder ze preziséieren, d’Affär ass sécherlech sans suites klasséiert ginn, mee déi jeeweileg Persoun krut awer och vum Parquet général en Avertissement, dat ass jo net näischt. Souwisou, de Schäfferot wollt net, dass déi Persoun verurteilt gëtt, mee einfach gesot kritt, dass et net geet einfach esou gratis Behauptungen ze maachen, mee et muss een d’Charge de la preuve hunn. Wéi gesot, ech kommen dobber zeréck - de Parquet général, a sengem Ermiesse vun der Opportunité des poursuites, huet sécherlech d’Affär klasséiert, mee huet och en Avertissement ausgeschwat a wann de Parquet général en Avertissement ausschwätzt vis-à-vis vun engem Bierger am Kader vun enger Affaire pénale, dat ass net näischt. Déi Präzisoun, Madamm Kayser, hunn ech an Ärem Bréif net erëmfondt an wann Dir déi Informatioun net hat an dat hei awer esou schreift, da fannen ech dat grave. Wann Dir déi Informatioun awer hat an se bewusst net heiranner geschriwwen hutt, fannen ech et dat gravissime.

Mir hunn hei eng Décision judiciaire, déi geholl gouf vum Parquet général am Kader vun enger Prozedur. Ech weess net ob Dir hei wollt politescht Kapital erausschloen, wat Bewegungsrënn wäeren, Dir wäert sécherlech frou gewiescht, mee de falsche Wee hutt Dir hei ganz kloer ageschloen an aus där Nummer hei kommt Dir net eraus, well mer eng Décision de justice hei virleien hunn, déi eng ganz aner ass, respektiv en Zousatz huet par rapport zu deem, wat Dir hei geschriwwen hutt an esou eppes verdroen ech absolut guer net an ech schwätzen hei am Numm vun de Kollegen aus dem ganze Schäfferot.

Ech preziséieren hei nach eemol, an de Gemengerot komme fir den Accord ze kréie fir als Partie demanderesse ob d’Geriicht ze goen, kee Problem, där Situatiounen hate mir schon notament och am Bautewiesen. E fundamentaalt Recht, wann d’CSV mengt, dass e fundamentaalt Recht soll courcircuitéiert gi fir an de Gemengerot ze komme fir Plainte ze féieren, domadder sinn ech net d’accord an déi Prinzipie vun engem Rechtsstaat, déi Dir esou héich haalt wéi eng Monstranz, déi gëllt et hei ze wahren. Dat zu deem wat Dir hei geschriwwen hutt.

Wéi gesot, de Schäfferot wollt sécher net, dass déi Persoun soll condamnéiert ginn, mee e kloer Message, well ech wënsche kengem, an dat soen ech jidderengem heibannen, ech wënsche kengem heibannen egal wéi eng

Fonctioun en huet, Bierger oder politesch Responsabelen, am Schäfferot oder Gemeengeconseiller, well als politesch Responsabel si mir och Bierger, dass e gratuitement, ënnert iergendenger Form, ob an de soziale Medien, esou Accusatiounen ausgesat ass, ech wënschen dat kengem heibannen, well dat ass kee flotte Moment, do bleift eppes un engem haften a wann een dann nach esou Froe kritt wéi déi heiten, wou probéiert gëtt, politescht Kapital erauszeschloen, fannen ech dat gravissime. Dat dozou. Ech wënschen dat kengem an dat Gefill deelen alleguerten d'Kolleegeen aus dem Schäfferot.

Dann, par rapport zu Äre Froen. D'Käschte vum Affekot, bis de Moment krute mir nach keng ausgestallt, dat wäert den Affekot sécherlech maachen elo wou d'Prozedur ofgeschloss ass, well am Januar 2021 – do kommen ech op dee besote Courier zeréck – gouf déi Affär klasséiert mat deem Avertissement vum Parquet général a wann do Käschten ufalen, da wäert d'Gemeng déi ganz kloer iwwerhuelen, well mir als Schäfferot accuséiert goufen am Kader vun enger offizieller Prozedur am Kader vum Kommodo-Inkommodo-Verfahren.

Dann déi Fro, wéini gedenkt de Schäfferot d'Noutwennegkeet, de Gemengerot ze befaassen? Natierlech esou wéi d'Bestëmmung vum Artikel 83 vum Gemeindegesetz et virgesäit. Wa mir bis an déi Situatioun kommen, mir hu jo dat fundamentaalt Recht eng Plainte ze maachen, wann dann de Parquet, respektiv d'Affair op d'Gericht kënnt an dann och den Affekot um Geriicht natierlech aktiv gëtt, da musse mir natierlech, wéi d'Gesetz et virgesäit, hei an de Gemengerot kommen an och do den Aval froen an där Situatiounen hate mir schon am Droit administratif, wann et ëm Bautenaffäre gaangen ass. Där ass elo am Moment keng, vu dass Dir och déi Fro stellt, à ce stade wou mir belaaft gëfe ginn, net de Fall, dass mir een usichen well wa mir een usichen, musse mir an de Gemengerot kommen, wann een eis usicht aus iergendwelleche Grënn, musse mir net kommen, do kann een direkt aktiv ginn, dat ass den Ënnerscheed, deen et och am Gesetz gëtt. De Moment sinn net vill Affairen um Niveau vun de Bauten, wou mir aktiv ginn, wou mir effektiv saiséiert goufen ass eng Affair an de Bauten, mee soss weider net vill. Dat zu där Fro a par rapport zu der leschter Fro mat der Transparenz, dozou kann ech just soen, wann een iwwer Transparenz schwätzt a priedegt an se wéi eng Monstranz virun sech hält, da muss ee bei sech ufänke mat der Transparenz an dësen Dossier weist, dass Dir absolut net transparent waart. A méi hunn ech dozou net ze soen.

Da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci fir d'Wuert. Mir kruten eng Fro vun

deene Gréngen eran, dass mir beim Budget 2021 ugekënnegt hätten, dass d'Spillplaz am Wolkeschdall géif frëschgemaach ginn. Si froen, wéini déi Aarbechte virgesi sinn an ob déi Opdeelung am Wolkeschdall vun deenen zwee Spillberäicher géif bestoe bleiwen oder ob déi Plaz anescht konzipéiert gëtt. Wéi et wier mat der Biergerbedeelegung fir déi Kanner fir d'Benotzer oder ob een do direkt mat der Noperschaft ausschaffe géing eppes ausschaffen oder géif Iddie mat abezéien. Bon, ech äntwere ganz kuerz: D'Aarbechte si virgesi fir Enn des Joers unzefänken an daure bis d'nächst Joer am Fréijoer, soudass wa gutt Wieder kënnt, déi Plaz de Kanner zur Verfügung steet. Mir sinn amgaange mat der Architektur e Gestaltungskonzept auszuschaffen, wéi mir et am Fong ëmmer maache bei Spillplazen oder Schoulhaff an dann, wéi gesot, de Leit dat kënne weisen.


D'Opdeelung, dozou kann ech nach net vill soen, ech hunn de Plang nach net gesinn, ob dat d'selwecht bleift. Aus Erfahrung kann ech awer soen, dass d'Spillplazen, wann d'Kanner getrennt sinn, déi Grouss an déi Kleng, dass dat ëmmer vu Virdeel ass. Virgesi sinn awer och Picknicksplazen an nei Sätzgeleeënheeten, dat wollt mir dran hunn, dass et eng Platz gëtt wou sech d'Awunner aus dem Quartier kënne begéien an do zesumme sinn. Wat mir och ëmmer probéieren ze maachen ass en handicapéiertegerecht Spill fir e Kand wat Schwieregkeeten huet, zum Beispill mat engem Rollstull, fir datt dat awer och kann dohinner goen. Thema, mir hu jo ëmmer en Thema zu de Spillplazen, och dat ass nach net festgehalten. Dir wësst, dass mir och am Budget 2020 e Spillplazekonzept ausgeschafft hunn, wat eis iwwerall géif feelen, wou mir missten nobesseren, do war dëse Quartier mat dran.

Dann d'Biergerbedeelegung, jo, awer net am Sënn, dass mir ouni eppes dohinner ginn, ech war am Boujel virun 2 Méint, dat ass e Beispill, do ginn d'Leit, déi mech kontaktéieren an ech ginn do kucken an déi Besoine ginn dann och mat opgehol. Ech fannen d'Iddi net schlecht, datt ee seet, soubal mir eppes ausgeschafft hunn, gi mir bei d'Awunner ronderëm an diskutéieren dat mat hinnen, mee esou richteg Biergerbedeelegung vum Ufank bis Enn ass hei net am Spillplazepiang mat virgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – Buergermeeschter): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries nach fir déi Kloeerstellung an da gi mir elo an de Huis Clos.

SUM
MER

20
21



PLAGE AM DUERF

15.07.-15.09.



Rendez-vous à la plage
au cœur de Dudelange

Du 15.07 au 15.09.2021
7j/7 de 10h à 19h

La place Am Duerf accueille cette année pour la 1ère fois une véritable plage avec ses chaises longues, ses parasols et ses palmiers.

Merci de respecter les mesures sanitaires en vigueur !



Strandfeeling im
Herzen Düdelingens

Vom 15.07. - 15.09.2021
7/7 von 10 bis 19 Uhr

Der Platz Am Duerf verwandelt sich zum ersten Mal in einen Sandstrand mit Liegestühlen, Sonnenschirmen und Palmen.

Respektieren Sie bitte die vorgeschriebenen Hygienevorschriften!

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollégium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister
Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen

plage

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

f/villededudelange @villedudelange